

INFO BLAT

°06 18

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng

GEMENGEROTSSÄTZUNG
VUM 6. JUNI 2018

Séance du 26 septembre 2012

Séance du 7 novembre 2012

Séance du 20 novembre 2012

Séance du 7 décembre 2012

Séance du 14 décembre 2012

Séance du 6 février 2013

Séance du 6 mars 2013

Séance du 24 avril 2013

Séance du 10 juin 2013

Séance du 28 juin 2013

Kommengemengend 2013

Séance du 29 juillet 2013

Séance du 18 septembre 2013

Séance du 6 novembre 2013

Séance du 6 janvier 2014

Séance du 20 janvier 2014

Séance du 27 janvier 2014

Séance du 14 février 2014

Conseil communal du 11 juillet 2018

Conseillers présents

Roberto Traversini (bourgmestre, dS gréng), Tom Uehling (CSV échevin, CSV), Georges Kisch (échevin, dS gréng),
 Louis Plegno (échevin, dS gréng), Robert Mangen (échevin, CSV), Paulé Angerer (dS gréng), Guy
 Ahmelich (LSAP), Fred Bentsch (LSAP), Christlane Brassef-Banach (dS gréng), Gary Diderich (dS Lénk), Serge
 Geffroy (LSAP), Jerry Harang (CSV), Frédéric Matich (DF), Thomas Richards-Miller (dS gréng), Ali Bickore (LDP),
 Christiane Baud (DF), Pierre Schwachgen (dS gréng), Guy Tempela (LSAP)

Absent(s) : Gary Waller (LSAP)

Ordre du jour

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.

▶ 13:00 ◀ 13:10

2. Projets communaux

- Aaménagement d'un parc pour l'ancien terrain dS – plans et devis, article budgétaire 494503210210004;
- Campus scolaire Wöwee – mise en conformité de l'ensemble des bâtiments, Installation centrale d'incendie et alarme incendie de intervention – devis, article budgétaire 494503210210004;
- Voie d'accès et infrastructure eau froide devant à créer dans les « Wehwehweh » – devis, article budgétaire 494503210210004;
- Trouvaux de rénovation Stade des Mineurs Logange – décompte des travaux, article budgétaire 494503210210004.

▶ 13:45 ◀ 13:57

Infos & renseignements



Liens rapides

[Agenda](#)

[Annuaire](#)

[Cartes de séjour](#)

[Demandes administratives](#)

[Formulaires administratifs](#)

[Galerie photos](#)

[Informations](#)

[Une page web](#)

L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

INFO BLAT⁰⁶¹⁸

COMPTE-RENDU DU 6 JUIN 2018

4-68

PAG ET PAP

69

CERTIFICATS ET ACTES

70

ÉDITEUR Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
 Tél.: 58 77 1-11 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

RÉALISATION Service média et communication

IMPRIMEUR Imprimerie Heintz, Pétange

TIRAGE 10 000 exemplaires

© Photos Couverture: Rita Noël

INFOBLAT, imprimé sur du papier 100 % recyclé

L'INFOBLAT est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

ÉDITION 06/2018, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informationsblat

F Ville de Differdange

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 6 JUIN 2018

CONSEILLERS PRÉSENTS

Roberto Traversini, bourgmestre (déi gréng)
Tom Ulveling, 1er échevin (CSV)
Georges Liesch, échevin (déi gréng)
Laura Pregno, échevine (déi gréng)
Robert Mangen, échevin (CSV)
Paulo Aguiar (déi gréng)
Guy Altmeisch (LSAP)
Fred Bertinelli (LSAP)
Christiane Brassel-Rausch (déi gréng)
Gary Diderich (déi Lénk)

Serge Goffinet (LSAP)
Jerry Hartung (CSV)
François Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Yvonne Richartz-Nilles (déi gréng)
Ali Ruckert (KPL)
Christiane Saeul (DP)
Fränz Schwachtgen (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)

ORDRE DU JOUR SÉANCE PUBLIQUE

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
2. Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers:
 - a. Mise en application de l'article 20 de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain – servitude frappant des immeubles à Differdange aux lieudits «Avenue Charlotte», «Rue Saint-Hubert» et «Impasse du Château» dans le cadre du projet de suppression du PN 15 sur la ligne ferroviaire Pétange-Esch;
 - b. Projet d'aménagement particulier au lieudit «Entrée en ville – Tower» à Differdange présenté par le collège des bourgmestre et échevins pour le compte de la société B.P.I. Real Estate Luxembourg SA;
 - c. Projet d'aménagement particulier au lieudit «Ouschterbuer» à Oberkorn — convention et plans d'exécution.
3. Actes et conventions:
 - a. Acte modificatif de servitude au lieudit «Place-des-Alliés» (parking souterrain) à Differdange;
 - b. Contrat de concession d'un droit de superficie dans la zone d'activités du Haneboesch;
 - c. Contrats de bail de trois commerces situés au centre-ville de Differdange.
4. Finances communales: état des restants et décharges accordées à la clôture de l'exercice 2017.
5. Enseignement fondamental et musical:
 - a. Organisation scolaire pour l'année d'études 2018-2019;
 - b. Organisation provisoire pour l'École de musique pour 2018-2019.
6. Organigramme actualisé du personnel communal.
7. Règlements communaux:
 - a. Modification du règlement communal portant attribution de subsides;
 - b. Règlements temporaires de circulation.
8. Pacte-climat: guide pour la planification, construction, utilisation et exploitation de bâtiments communaux.
9. Aides tiers-monde: appui financier de l'Institut technique Sayarinapaj à Cochabamba (Bolivie) dans le cadre de l'action Déifferdeng, eng Stad hëlleft pour les exercices 2018-2021.
10. Changements au sein des commissions consultatives — intégration des candidatures citoyennes.

1. Communications

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

ouvre la séance.

Il communique que M. Fränz Hoffmann est mort il y a trois mois. Il a longtemps accompagné la Ville de Differdange comme journaliste indépendant. Il avait l'esprit critique, mais il était juste. Roberto Traversini propose de lui rendre hommage par une minute de silence.

(Minute de silence)

M. Ulveling a lui aussi une communication à faire. Il a distribué un dossier aux conseillers communaux.

Roberto Traversini annonce quant à lui le premier coup de pioche du LIPHS lundi à 10 h 45. C'était la seule date disponible. Autrement, il aurait fallu reporter l'évènement à octobre.

Roberto Traversini cède la parole à M. Ulveling.

TOM ULVELING (CSV) va présenter

le rapport d'activité de la bibliothèque. Les citoyens doivent apprendre tout ce qui y est organisé.

L'année dernière, 19 841 documents ont été prêtés. La bibliothèque compte 1362 clients actifs. Internet a été consulté 2514 fois. La bibliothèque est donc importante pour beaucoup de gens.

Elle compte 36 273 livres, 1342 DVD et 234 méthodes de langues. Tom Ulveling propose à ceux voulant apprendre une langue d'en profiter.

L'année dernière, 298 enfants provenant de 55 crèches et 20 classes ont participé à «Bib for Kids».

Seules huit personnes sont inscrites au service «Bibliomobil».

La bibliothèque dispose aussi de trois bibliocabines, c'est-à-dire des cabines téléphoniques transformées, à Aquasud, au CHEM et au 1535°. L'utilisation des bibliocabines est gratuite. On y trouve notamment les livres que la bibliothèque a en double.

La bibliothèque a tenu huit séances de club de lecture.

Le marché du livre a eu lieu les 14 et 15 octobre 2018. Il n'a pas bien fonctionné. D'autres évènements se déroulaient le même jour.

Lors de l'«Orange Week», les gens ont été sensibilisés à la violence contre les femmes et les enfants.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir géifen ufänken, Här Gemengeskretär. Mir hunn zwou, dräi Kommunikatiounen ze maachen. Fir déi éischt Kommunikatioun wëll ech mech bei der Famill Hoffmann entschëllegen. Den Hoffmanns Fräntz ass virun e puer Méint gestuerwen. Den Hoffmanns Fräntz huet d'Stad Déifferdeng ganz vill begleet, haaptsächlech als Freelance-Journalist. An en ass viru gutt dräi Méint gestuerwen. De Fräntz war e Journalist, deen der Stad Déifferdeng zimlech no stoung. Oft kritesch mat jiddwerengem. Ech mengen, datt en jiddwereen d'selwecht behandelt huet. A fir dem Fräntz nach eng Kéier ze gedenken, wär ech frou, wann Der kéint opstoen, fir eng Minutt un den Hoffmanns Fräntz ze denken.

(Gedenkminutt)

Ech soen Iech Merci. Nach zwou Kommunikatiounen. Eng vum Här Ulveling, deen huet Iech eppes ausgedeelt. Déi aner Kommunikatioun ass d'Sportsfabrik, den LIHPS. De Minister Schneider huet eis confirméiert, datt e wéilt e Méindeg de Spuedestéch maachen. E Méindeg um 10.45 Auer bei der Sportshal. Dir kritt d'Invitatioun. Mir hunn et eréischt gëschter Mëtteg confirméiert kritt. Et war ganz schwéier, en Datum ze fannen. Soss wär et Oktober ginn. Dir kritt d'Invitatioun nach haut. Ech wollt Iech dat awer matdeelen: 10.45 Auer bei der Sportshal e Méindeg fir eis Sportsfabrik.

Déi lescht Kommunikatioun. Här Ulveling, Dir hutt eis e Buch ausgedeelt, ënnert Ärer Responsabilitéit. Da kucke mer dat emol.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, ech wollt Iech e kleng Rapport d'activité vun der Bibliothék maachen. Ech wäert just driwwer fléien. Dir hutt dat Ganzt am Detail do leien. Eis Bierger solle wëssen, wat alles an der Bibliothék gebuede gëtt.

Ech géif mat de Prëten ufänken. 19.841 Dokumenter sinn d'lescht Joer ausgeléint ginn. 1.362 aktiv Leit sinn

an d'Bibliothék komm. 2.514 Utilisatiounen am Internet. Dat weist, dass d'Bibliothék fir vill Leit e wichtege Stelleg wäert huet.

D'Kollektiounen an der Bibliothék bestinn aus 36.273 Bicher, 1.342 DVDen an 234 Methoden, fir verschidde Sproochen ze léieren. Déijéineg, déi nach wëllen eng Sprooch léieren, kënnen sech do zerwéieren.

Da kéim ech bei d'Actions culturelles, déi an der Bibliothék geschéien. D'lescht Joer waren 298 Kanner am Bib fir kids. 55 Crëchen an 20 Klassen hunn dat besicht. Et gëtt de Biblio-Mobil, dee sech bei d'Leit heem deplaciert. Do si leider nëmmen aacht Leit ageschriwwen. An et gëtt dräi Biblio-Kabinen, wéi mer dat nennen. Dat sinn déi al Telefonskabinen, déi mer ëmgerüst hunn. Eng steet am Aquasud, eng am 1535° an eng am CHEM. Et goufen aacht Séancë vum Club de lecture.

An deene Biblio-Kabinen kann een d'Bicher gratis léinen. Et leet een d'Bicher einfach dohinner. Do kommen och all déi Bicher hin, déi mer duebel hunn oder déi ausgesondert ginn, an da kënnen d'Leit sech fräi zerwéieren.

De 14. oder 15. Oktober d'lescht Joer war de Bichermaart. Dat war keen immens groussen Erfolleg. Et waren net ganz vill Leit do. Dat war deelweis drop zrëckzeféieren, datt den Datum geännert hat. Dat war en onglécklechen Datum, en ass mat anere Saachen zesummegefall. Just virdru waren d'Wahlen. Et waren nëmme 50 bis 60 Leit do. Mir wäerten dat dëst Joer besser organiséieren.

Mir haten eng Orange Week, fir d'Leit ze sensibiliséieren iwwert d'Violence, ënnert all senge Formen, géint Fraen a géint Kanner. Dofir war eist Stadhaus sengerzäit orange beliicht. Ënnert der Rubrik Remunerationen a Salairë gesitt Der de Montant vun 391.000 Euro. Mir loosse eis dat also eppes kaschten. Actions culturelles et pédagogiques: 20.500 Euro.

Mir kafen am Duerchschnëtt pro Joer fir ongeféier 40.000 Euro Bicher an DVDen. Et gëtt gekuckt, wat a Moud ass, wie Präisser kritt huet an der Literatur, déi Bicher kafe mer dann an. Mir

hu 700 nei DVDDe kaf, well d'Nofro grouss ass. Och nei Zäitschrëften. Dir hutt dee ganze Listing vun den Zäitschrëfte bäileien. Ech ginn net drop an.

Hei steet eppes vun Désherbage. Dat si Bicher, déi entweder futti sinn oder déi mer duebel hunn oder esou. D'Rayone gi regelméisseg au point gesat. Entweder gi se gefléckt, wann et Bicher sinn, déi eng grouss Valeur hunn oder si ginn aussortéiert an zerstéiert.

Dir gesitt eng Statistik Prêts à domicile par mois. Dat sinn an der Moyenne tëschent 1.500 an 2.000. An de Méint August a September ass am mannsten Aktivitéit. Am meeschte lass ass, kemescherweis, an de Méint Oktober, November an Dezember.

Et gëtt och E-Books. D'Leit kënnen sech an der Nationalbibliothék aschreiwen, da komme se un déi E-books. 196 Leit hu sech ageschriwwen, fir doheem verschidden E-books ze liesen.

Mir hunn och e System, Action coup de coeur nenne mer dat, mat Bicher, déi eist Personal gelies a besonnesch flott fonnt huet, fir de Leit eng Ureegung ze ginn, fir déi och ze liesen. Ech wëll vun der Geleeënheet profitéieren, fir deene Leit, déi do schaffen, villmools Merci ze soen. Si maache vill Aarbecht an debrouilléiere sech ganz gutt. Eis nei Cheffin vum Archivage mécht eng exemplaresch Aarbecht. Si huet jo net nëmmen d'Bibliothék, mä och den Archivage. An der nächster Sitzung wäerte mer drop zrëckkommen, well mer dat elo méi wëllen institutionaliséieren.

55 Crèchen hunn d'Bibliothék besicht. Mir haten och Visite-guidéen, notament vu Representante vun Oxford-City, eiser Partnerstad, déi sech rensignéiert hunn iwwer eis Bibliothék. Mir sinn am Gaangen, eng Kollaboratioun mat hinnen an d'Weeër ze leeden. 20 Klassen hunn d'Bibliothék besicht.

An der Bibliothék sti sechs Computeren. 2.514 Leit sinn ageschriwwen, déi relativ regelméisseg op den Internet schalten.

Eng flott Statistik: d'Nationalitéit vun eise Benotzer. Do gesitt Der, dass mer ongeféier 12.000 Lëtzebuerger hunn, 5.000 Portugisen. 1.700 oder 1.800 Fransousen a 600 Belsch.

Eng weider Etüd hu mer iwwert d'Tranches d'âge vun de Benotzer. Et freet een, dass déi Jonk, trotz all deem, wat um Internet an esou gebuede gëtt, de Wee an eng Bibliothék fannen. Dat ass déi gréissten Unzuel. 5.649 Jonker tëschent 11 an 20 Joer sinn ageschriwwen. D'Tranche d'âge vun 41 bis 50 geet och vill dohinner. An och déi ganz kleng Kanner vun 0 bis 10 Joer. Dat sinn der 2.199. Dat freet een, wann ee gesäit, dass déi Efforten, déi mir als Gemeng fir d'Bibliothék maachen, awer dobauss berécksiichtegt ginn.

D'Gaardebibliothék funktionnéiert gutt. Leider hu mer do relativ vill Vandalismus. Mir sinn am Gaang, ze kucken, wéi mer där Saach kënnen Här ginn. Mä ech fannen, et ass eng immens flott Saach, déi Gaardebibliothék am Parc Dune. An ech hoffen, dass déi nach laang wäert kënnen bestoe bleiwen.

Des Weideren hu mer e Fotokopiererservice, wou relativ vill Fotokopie gemaach ginn, fir 10 respektiv 15 Cent, deemno wat et ass.

D'Lundi-littéraire sinn och relativ gutt besicht. An der Moyenne vun 20 bis 30 Leit pro Sitzung. Am Liesclub sinn aacht bis zéng Leit, déi sech regelméisseg all fënnef bis sechs Wochen treffen. Zu de Rappeller. Dat si Leit, déi Bicher léinen, mä se net erëmbrogen. Do muss mer bal 1.000 Bréiwer schreiwen, fir dass d'Leit d'Bicher sollen erëmbrogen. 1/4 vun deenen 1.000, also 257 Leit, muss mer eng Facture schreiwen, well se se net mat Zäit zrëckbruecht hunn.

De Rescht kënnt Der alles selwer nokuken, et ass ganz interessant. Et ass awer wichteg, dass Der e bësse wësst, wat do leeft. Dofir hunn ech Iech dat hei wollt virstellen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Ulveling. Da géife mer zum zweete Punkt kommen. Dat ass eng Servitude. Iwwert d'PN15 si mer scho méi laang am Gaangen, ze diskutéieren. Dir hutt am Budget gesinn, datt mer eng Testphas wollten aféieren, wou mer schonn zwou, dräi Gemengrotssitzungen driwwer schwätzen. Fir

En ce qui concerne les dépenses, les rémunérations et salaires se montent à 391 000 € et les actions culturelles et pédagogiques à 20 500 €.

La commune achète chaque année des livres, des magazines et des DVD pour 40 000 €. Il s'agit notamment des livres ayant obtenu des prix. La demande étant forte, 700 DVD ont été acquis.

Les livres abîmés sont soit réparés s'ils ont de la valeur soit détruits.

En moyenne, la bibliothèque loue entre 1500 et 2000 livres par mois.

Le pic se situe en octobre, novembre et décembre, tandis que les mois d'août et septembre sont les plus calmes.

Cent-quatre-vingt-seize personnes se sont inscrites à la Bibliothèque nationale pour profiter des livres électroniques.

La bibliothèque organise aussi des actions «coup de cœur» pour faire connaître les livres que le personnel a particulièrement appréciés. Tom Ulveling profite de l'occasion pour remercier les employés. La nouvelle responsable réalise un travail exemplaire — également aux archives.

Cinquante-cinq crèches, vingt classes, mais aussi des représentants de la ville d'Oxford ont visité la bibliothèque.

Deux-mille-cinq-cent-quatorze personnes profitent régulièrement des ordinateurs.

Les usagers se composent de 12 000 Luxembourgeois, 5000 Portugais, 1800 Français et 600 Belges.

Pour ce qui est de la tranche d'âge, 2199 usagers ont entre 0 et 10 ans et 5649 usagers ont entre 11 et 20 ans.

La bibliothèque de jardin fonctionne bien, mais elle est régulièrement victime de vandalisme. La commune cherche des solutions.

Un service de photocopies est disponible au prix de 10 ou 15 centimes la pièce.

Les Lundis littéraires comptent entre vingt et trente spectateurs par séance et le club de lecture entre huit et dix personnes.

Mille lettres ont dû être envoyées à des personnes n'ayant pas rendu les livres à temps. Un quart de ces clients reçoivent finalement une facture à cause des retards.

Les autres informations se trouvent dans le dossier des conseillers communaux.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

passé à une servitude portant sur le PN 15. Il a déjà été question de ce passage à niveau à plusieurs reprises. Une phase de test doit être introduite.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)

explique que l'objectif est de supprimer la dernière barrière de Differdange. Pour pouvoir tester les solutions, il faut du terrain. Théoriquement, la solution la plus évidente consiste à créer un passage souterrain. Malheureusement, ce n'est pas faisable, car la différence de niveaux est trop importante et les riverains ne pourraient plus accéder à leurs maisons et garages.

La seule solution consiste à passer par la rue Pasteur. C'est pourquoi une servitude est nécessaire. Cela signifie que pendant un an, les propriétaires ne pourront pas effectuer de travaux sur ces terrains — et en tout cas rien qui pourrait gêner les travaux de suppression du passage à niveau. La servitude pourra être prolongée de 12 mois supplémentaires le cas échéant.

Toutes les variantes ont été élaborées. Des réunions avec les CFL ont été organisées pour en évaluer la faisabilité.

Les CFL sont demandeurs, car ils sont en train de supprimer les barrières à travers le pays en raison de leur dangerosité et du fait qu'elles sont gênantes. La commune, quant à elle, soutient ce projet qui permettra de drainer le trafic. Lorsque la barrière aura disparu, il ne restera au trafic frontalier qu'à passer par le centre de Differdange ou Niederkorn.

Depuis que les normes européennes ont changé et que la barrière, qui est fermée toutes les 15 minutes, le reste plus longtemps, cela occasionne des nuisances considérables. Georges Liesch suppose par conséquent que tout le monde sera content de la suppression de la barrière.

Il propose d'approuver la servitude telle qu'elle est indiquée sur les plans. Les CFL seront maîtres d'ouvrage et prendront contact

iwwerhaupt eng Kéier eppes kënnen ze maachen, brauch ee Plaz. Dofir wär et gutt, wa mer eng Servitude géifen drop setzen. Här Liesch, kënn Der eis dozou weider Erklärunge ginn?

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Ech ka probéieren. Et geet drëm, déi lescht Barrière hei an der Gemeng ze suppriméieren. A fir dat ze maachen, goufe verschidden Zeenarien ausgeschafft. An all déi Zeenarien, déi ausgeschafft gi sinn, bedeiten, dass een Terrain brauch, fir dat kënnen ze réaliséieren. Leider ass déi einfach Solutioun, wou ee kéint mengen, mir fueren einfach drënner erduerch, net méiglech, well den Niveausënnerscheed immens héich ass an d'Leit dann eigentlech net méi an hiert Haus an och net méi an hir Garagë géife kommen. Soudass déi Méiglechkeet net ginn ass. Déi eenzeg Méiglechkeet ass, direkt uewen, wou et erageet an d'rue Pasteur vun der Avenue Charlotte eriwwer, genau op deem Punkt lénks eranzefueren. Dofir musse mer eng Servitude iwwert déi Terraine leeën, soss kënnen mer déi Méiglechkeet net réaliséieren.

Wat bedeit déi Servitude. Déi Servitude gëtt fir ee Joer ausgeschriwwen. Während deem enge Joer däerfe keng Aarbechten op deenen Terraine gemaach ginn. De Proprietär däerf also weder eppes bauen nach ofrappen, modifizéieren oder wat och ëmmer. Jiddefalls däerf en näischt maachen, wat dem Projet vun der Suppressioun vum PN15 kéint am Wee stoen.

Déi Servitude kann nach eemol ëm zwielef Méint verlängert ginn, wa mer mam Projet net esou schnell géife virkommen. Duerno muss d'Servitude natierlech opgehuewe ginn. A si ass maximal op zwee Joer verlängerbar, wou mer dann op deem Projet musse schaffen.

D'Variante si souwäit ausgeschafft. Et ware scho Reunioune mat der CFL, fir ze kucken, wéi d'Faisabilitéit ass. Et ass eng Nuance zu engem Projet bäikomm, déi mer elo ënnersichen. D'CFL ass jiddefalls Demandeur, fir déi Barrière ze suppriméieren, well se dat iwwerall am Land maachen. Well et awer e Punkt ass, deen eng Gefor ka bréngen an deen eigentlech och stéiert.

Mir sinn natierlech och Demandeur, well et fir eis – Dir wësst dat genau wéi ech och – e richtige Wee ass, fir den Trafic ze drainéieren. Wa mer d'Barrière net méi hunn, da bleift eigentlech just de Frontaliertrafic bestoen, quasi de Wee iwwer Nidderkuer respektiv duerch den Déifferdenger Zentrum. Well et gesäit een elo scho mat der Barrière, wou awer all Véierelsstonn zou ass, wat dat fir Nuisancë mat sech bréngt, säit se ugepasst ginn ass un d'Reglementer ënner europäeschen Normen, wou elo d'Barrière méi laang zou ass wéi soss. Soudass mer, mengen ech, all frou wäeren, wann déi lescht Barrière hei géif verschwannen.

Duerfir géife mer proposéieren, déi Servitude op deem Terrain, deen op Ärem Pläng agezeechent ass, ze stëmmen. Fir dass mir – respektiv d'CFL gëtt jo da Maître d'oeuvre – deenen dee Projet kënnen virféieren. D'CFL wäert da Kontakt mam Proprietär ophuelen, fir ze kucken, déi Terrainen ofzekafen, sou wéi dat och zu Uewerkuer geschitt ass, fir dass de Projet da ka réaliséiert ginn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. Här Muller, w.e.gl.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleginnen a Kollegen aus dem Gemengen- a Schäfferot, déi sougenannten Uewerkuerer Barrière ass a bleift sécherlech nach eng Zäit ee vun deene gréisste Verkéiershindernisser an der Gemeng. D'Verbesserung vun der Mobilitéit vum Zuch duerch d'Eropsetzung vun de Kadenzen huet dës Situatioun nach verschärft.

Nodeems d'Passages à niveaux op der Uewerkuerer Gare an der rue des Mines definitiv verschwonne sinn, gëllt et elo, nach eng Léisung fir de sougenannte PN15 ze fannen. D'LSAP huet an deem viregte Schäfferot schonn intensiv mat heirunner geschafft.

2. PAG et PAP

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richteg.

ERNY MULLER (LSAP):

D'Méiglechkeet vun enger Unterführung Richtung Contournement, Funiculaire – et gëtt och nach aner Varianten – ass ënnersicht ginn a schéngt déi beschte Léisung.

Mir ginn dovun aus, Här Liesch, datt d'Variant Richtung Uewerkuer, laanscht den Déifferdenger Kierfecht, déi mer jo heibanne kontestéiert hunn, fale gelooss gëtt. Kënnt Der eis dozou vläicht eppes soen, firwat, dass déi net passend war? Mir hoffen, dass mer an deem Joer, wou dëse Moratoire gëllt, en definitiven Tracé op d'Pläng kréien. An dass déi definitiv an de PAG kënnen iwwerholl ginn.

D'LSAP stëmmt dës wichteg Servitude, déi jo nëmme kann an esou engem Fall applizéiert ginn, wou et ëm de vitalen Interêt vun der Stadentwécklung an de Bierger geet. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Muller. Här Schwachtgen, w.e.gl.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech schlësse mech de Wiederer vum Här Muller un. Mer wëssen ëm de Problem Barrièren. Ech wëll och soen, datt et eng gutt Saach, eng gutt Initiativ ass. Et steet am Programm vun der Koalition, fir dat doten unzegoen. Mir ginn dovun aus, dass dat eppes gëtt. Mir mussen awer bedenken, dass dat vläicht a fënnef bis zéng Joer eréischt e Resultat wäert hunn, wa mer haut dermat ufänken. A bis dohinner hu mer natierlech déi Situatioun do ënne bei der Barrière, déi haut do ass. Här Bertinelli, ech hoffen och, dass mer éischter fäerdeg sinn dermadder.

Wat ech wëll bemierken: Et ass gesot ginn, et gëtt e rengen CFL-Projet. Ech héieren awer elo vum Här Liesch, dass do awer scho Gespréicher waren, wéi

déi Streckeführung do sollt ginn. Ech ginn ze bedenken, dass d'CFL eleng responsabel war, fir déi Passagen zu Uewerkuer op der rue des Mines an op der Uewerkuerer Gare ze maachen. An dat ass alles net gutt an net gelongen.

Ech hat éinescht nach mat e puer Leit geschwat, déi do uewe wunnen, dass mol kee Passage fir Personnes à mobilité réduite op der Uewerkuerer Gare ass, kee Vëloswee drënner erduerch, sou dass ee muss d'Trapen erofgoe mam Vëlo. An dass d'Leit am Rollstull 500 Meter mussen op d'rue des Mines pilgeren, bis déi aner Säit, fir erëm zrëckzekommen, fir dann heemzekommen op d'Uewerkuerer Gare. Wou ëmmerhin awer vill Leit liewen. Et kann een net soen, dass dat en iwwerluechte Projekt war. Dofir géif ech eisem Schafferot noleeën, sech wierklech voll an deem Projekt mat ze engagéieren an d'CFL net eleng gewäerden ze loossen.

Mir mussen, wa mer d'Barrière hei zu Déifferdeng wëlle suppriméieren, och un d'Foussgänger denken. Ech stellen ëmmer erëm fest, dass gesot gëtt, mir maachen e Passage drënner oder driwwer. Awer de Foussgänger muss och an der Avenue Charlotte kënnen vun enger Säit op déi aner kommen, grad ewéi de Vëlosfuerer, grad ewéi d'Personnes à mobilité réduite. Dat muss alles am Projekt iwwerluecht sinn.

Ech hu mer selwer emol virgestallt, wéi een e Foussgängerpassage an der Avenue Charlotte kéint maachen. Wou d'Leit jo awer mussen drënner oder driwwer kommen. Mat Brécken? Dat ass natierlech eng Méiglechkeet. Mä wéi ass et, wann ech gehbehënnert sinn? Wéi kommen ech dann do eriwwer? Also dee Projekt gëtt alles anescht wéi liicht.

Zu der Dauer, wéi gesot, wiere mer frou, wann dat ganz séier géif goen. Mä vu dass emol nach keng Vente do ass, emol nach keng Intention de vente définitive do ass, wäert dat och keng einfach Saach ginn.

Entretemps muss mer zu der haiteger Barrière kënnen Stellung huelen a soen, dass effektiv duerch déi nei Regelung, wéi den Här Liesch gesot huet – Normen obligéieren. Ech denken, dass mer do eng Léisung mussen fannen. Eng Léisung wäert sinn, wann den Zentrum

avec les propriétaires pour acquérir les terrains nécessaires.

ERNY MULLER (LSAP) constate que la barrière d'Oberkorn restera un des obstacles les plus importants de la commune. La situation a empiré avec l'augmentation de la cadence des trains. Erny Muller rappelle que les passages à niveau de la gare d'Oberkorn et de la rue des Mines ont déjà été supprimés définitivement. Les socialistes ont soutenu ces projets quand ils faisaient partie du collège échevinal.

Erny Muller estime que la solution d'un passage souterrain reste la meilleure. Il suppose que M. Liesch a laissé tomber la variante contestée, consistant à passer par le cimetière d'Oberkorn. M. Liesch peut-il expliquer pourquoi?

Les socialistes espèrent qu'un tracé définitif sera élaboré au cours de la prochaine année. Ils approuveront la servitude. Il y va de l'intérêt vital du développement urbain.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

s'associe aux mots de M. Muller. Le problème des barrières est connu. Il est temps d'agir, mais il faut savoir que les résultats ne seront visibles qu'au bout de cinq ou dix ans. La situation actuelle n'évoluera donc pas rapidement, même si Frenz Schwachtgen espère le contraire.

Il a été dit que c'était un projet des CFL, mais M. Liesch a précisé que des discussions avaient lieu quant au tracé. À Oberkorn, à la gare et dans la rue des Mines, les CFL étaient seuls responsables des passages. Or les riverains ont rapporté à Frenz Schwachtgen que le passage de la gare d'Oberkorn n'est pas adapté aux personnes à mobilité réduite et aux cyclistes. Les personnes en fauteuil doivent passer par la rue des Mines 500 m plus loin avant de rejoindre à nouveau la gare de l'autre côté. On ne peut certainement pas parler de projet bien ficelé.

Frenz Schwachtgen demande au collège échevinal de s'engager dans ce projet, car à Differdange, il faudra aussi penser aux piétons. Il est toujours question de construire un passage souterrain ou un pont, mais les piétons, les cyclistes et les personnes à mobilité réduite

doivent aussi pouvoir traverser l'avenue Charlotte. Un pont pourrait être la solution, mais est-ce qu'elle fonctionne aussi pour les handicapés?

Frenz Schwachtgen espère que les choses iront vite, mais il rappelle qu'il n'existe même pas encore d'intention de vente des terrains.

Comme l'a dit M. Liesch, il faudra trouver une solution entretemps à cause des nouvelles réglementations. Les automobilistes pourront passer par le centre, mais il ne s'agit que d'une demi-solution, puisque la situation s'améliorera d'un côté pour empirer de l'autre.

Les CFL et la commune devront réfléchir aux façons de rendre plus efficace la circulation des trains dans les villes pour réduire les temps d'attente.

La pollution n'est pas le seul problème. Parfois, aux heures de pointe, les embouteillages commencent à hauteur de la poste d'Oberkorn et c'est dangereux. Il arrive que les piétons et même des enfants passent sous la barrière sans attendre le train tandis que les voitures passent alors que les barrières sont en train de se fermer. C'est pourquoi il faut trouver une solution pour les cinq prochaines années. Il y a du pain sur la planche.

(Interruption et rires)

CHRISTIANE SAEUL (DP) rappelle que lors de la présentation du budget 2018, M. Liesch avait expliqué qu'il faudrait réfléchir à la suppression de la barrière dans l'avenue Charlotte à cause de l'augmentation du nombre de voitures et la fréquence des trains. La barrière en question est fermée tous les quarts d'heure.

Il existe plusieurs variantes. La moins chère consiste à construire un passage vers Oberkorn où un passage souterrain est déjà aménagé. En ce qui concerne le trafic, la catastrophe dans le centre de Differdange serait programmée. Christiane Saeul prend peur lorsque dans ce contexte, elle pense au «shared space» de la place du Marché jusqu'au pont, le long de l'école.

C'est pourquoi il a été décidé de placer une servitude sur les terrains, immeubles et constructions dans

ennen erëm opgeet, an der rue Emile Mark. Wat geduecht ass, fir do Verkéiersberouegung laanscht d'Déifferdenger Schoul ze kréien. Soudass dat eng Léisung gëtt, déi op där enger Säit Berouegung, op där anerer Säit erëm méi Verkéier doënnen erabréngt. Soudass dat eng hallef Léisung bleift. Soudass ech denken, dass d'CFL mat der Gemeng sech musse Gedanken maachen, wéi se hire Schinneverkéier kënnen adaptéieren, deen eben duerch eng Stad geet, tëschent Uewerkuer an Déifferdeng. Dass déi Signaler virun den Arrêten, wouduerch grouss Waardezäite fir d'Autosfuerer a fir d'Foussgänger entstinn, esou getimed ginn, dass den Zuch – wann och mat méi lueser Vitess op där Streck –, ka besser geplangt ginn. Dass d'Waardezäite méi kleng ginn.

Et ass net nëmme Pollutioun, déi do ënnen entsteet. D'Pollutioun geet heiansdo bis bei d'Uewerkuerer Post an nach méi wäit zrëck an de Stousszäiten. Natierlech nervt an deem Moment d'Gerrenns duerno a virdrun, mä et ass och geféierlech.

Ech hu selwer gesinn, dass Foussgänger, virun allem Kanner, mat Vëlo oder ouni Vëlo, ënnert der Barrière erduerch ginn, wann deen éischten Zuch laanscht ass. Si luussen, ob deen zweeten nach net kënnt a ginn dann eriwwer. An d'Gefierer quëtsche sech och nach eriwwer, wa se an eng Zwëschephas kommen. A bleiwen heiansdo souguer op der Barrière stoen. Déi nächst fënnef Joer muss mer eng besser Léisung fanne wéi déi doten. Méi wëll ech elo net gesot hunn, mä et besteet Handlungsbedarf.

(Ënnerbriechung)

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Schwachtgen. Mir maachen den Tour weider. Madamm Saeul, w.e.gl.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Här Buergermeeschter. Madamm, Dir Häre Schäfferot, Kollegeinnen a Kollegen, am Januar, bei der initialer Budgetvirstellung 2018 zum Thema Eisebunnslinn huet eisen

zoustännege Schäffen, den Här Liesch, scho gesot, dass opgrond vu méi héijer Frequenz vun Zich a vice versa dem Eropgoe vum Autostrafic, an nodeems déi zwou Barrière PN13 a PN14 zu Uewerkuerer suppriméiert sinn, dru geduecht misst ginn, d'Barrière an der Charlottestrooss och zouzemaachen. Déi ganz oft zou ass, wéi mer elo héieren hunn, bal all Véierelsstonn.

Et ass sech scho mat enger Rei Variante befaasst ginn. Eng Variant, fir ze testen, déi bautechnesch am mannste géif kaschten, ass déi, wou d'Barrière ganz einfach zougemaach gëtt, mat engem Passage eriwwer op Uewerkuer op déi nei Ënnerféierung, déi et schonn do gëtt. A fir manner Trafic – oder soe mer kontrolléierten Trafic – duerch Déifferdeng ze kréien, e Shared Space ze entweékele vun der Maartplaz laanscht d'Schoul bis bei d'Bréck.

Op Lëtzebuergesch gesot, ass mer do d'Häerz an d'Schong gerutscht. Well dat wär eng virprogramméiert Katastroph fir an den Zentrum vun Déifferdeng ginn – e wär zimlech staark berouegt ginn –, fir d'Geschäfte, fir d'Leit, fir den Trafic.

An dësem Kontext soll elo, wéi schonn explizéiert, eng Servitude op Immeublen, Terrain oder Konstruktiounen geluecht ginn an der Avenue Charlotte, rue St. Hubert an am Pass vum Schloss. Elo kann do während engem, maximum zwee Joer, näischt anescht erséiert ginn, en vue vun den Etüden oder Aarbechte bei der ausféierbarer, valabler Léisung vun der Variant fir den Trafic.

Souwéi ech unhuelen – d'CFL decidéiert natierlech –, géif et iwwer dës Immeublé vun der Servitude goen. Eng Variant, déi net am mannste kascht, dofir awer eng nohalteg Formule ass fir den Trafic. An eng Plus-value u Liebensqualitéit bréngt. D'DP stëmmt dës Servitude. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Madamm Saeul. Här Tempels, w.e.gl.

2. PAG et PAP

GUY TEMPELS (CSV):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Hären, eng Servitude op verschidde Parzellen ze leeën, bis deen neie PAG fäerdeg ass, dat ass sech déi néideg Zäit ginn, fir d'Suppressioun vum PN15 a Rou zesumme mam CFL ze plangen. Déi heite Variant ass déi, wou mir als CSV ëmmer am beschte gesinn hunn. Si stoung och esou an eisem Wahlprogramm.

Et ass sécher net déi bëllegst Variant. Et wäert awer déi ginn, déi dem Verkéier zu Déifferdeng wäert am beschten doen. D'CSV ënnerstëtzt dëse Projet a stëmmt dee mat Jo. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Exzellent. Här Ruckert, w.e.gl.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, et kann een op där enger Säit net fuerderen, dass den ëffentlechen Transport ausgebaut gëtt a méi Zich fueren an op där anerer Säit sech da beschwéieren, wann eng Barrière dacks zou ass. Dat ass nun emol d'Resultat, wa méi Zich fueren. Souwäit ech informéiert sinn, war jo all Mënsch der Meenung, dass op där Streck net nëmmen all hallef Stonn sollt en Zuch fueren, mä all Véierelstonn.

Ech wëll och drun erënneren, bei de Professionellen huet déi Linn „Ligne des minières“ geheescht. Déi ass also haaptsächlech gebaut ginn, fir dass Fret driwwer transportéiert gëtt. An dofir ass déi Barrière, wéi och déi aner Barrière virdrun, net nëmmen all Véierelstonn zou, mä natierlech méi dacks zou. Well nieft de Passagéierzich och nach d'Fret-Zich fueren.

Et ass elo schonn esou, dass déi Linn total ausgelaascht ass. An dass eben, well se total ausgelaascht ass, nëmmen all hallef Stonn kann en Zuch zu Nidderkuer oder zu Uewerkuer halen, soss géif dat net méi funktionéieren. Dat heescht, déi ass op hirem Maximum ukomm.

Wat elo déi Barrière zu Déifferdeng ugeet, ass et natierlech wichteg, dass déi suppriméiert gëtt, well se dach e grousst Verkéiershindernis de Moment ass. A mer gesi jo och, zu wat fir Stauen dat féiert.

Déi Alternativ, déi elo festgehale ginn ass, dat schéngt mer eng ze sinn, déi gutt wär. Et ass allerdéngs d'Fro, a wat fir engem Zäitraum déi realiséiert gi kann. Et ass gesot ginn, mir leeën elo eng Servitude drop fir ee Joer. An dann, wa sech näischt gerabbelt huet, da muss mer nach eng Kéier fir en zweet Joer eng Servitude hei ofstëmmen.

Et ass awer esou, dass ee jo och muss mat de Propriétaire schwätzen. Ass sech do scho virgetaascht ginn oder net? Déi muss jo net verkafen. Wa se net wëlle verkafen, da kéint et vläicht zu enger Utilité publique kommen, an dat dauert dann. Wéi mer vun der Saar-Autobunn wëssen, kann dat zéng Joer daueren. Dat heescht, et soll een de Leit elo awer net scho soen, muer géif dat rullen. Do muss een nach e bësse Gedold hunn, ier do eppes geschitt. Mä wéi gesot, ech mengen et ass eng gutt Alternativ.

Ech wollt awer nach eppes froen: Laang Zäit war am Gespréich, fir eng weider Strooss ze bauen op Uewerkuer, iwwert d'rue des Mines an dann erëm erof. Ass dee Projet elo definitiv fale gelooss ginn? Dat wier nämlech eng Katastroph an den Ae vun der Kommunistescher Partei, wann dee Projet géif realiséiert ginn.

Et ass virdrun ugeklungen, dat gëtt e Projet vun den CFL. Mä d'Gemeng ass natierlech direkt implizéiert do dran. Och bei deenen zwou anere Barrière war d'Gemeng direkt implizéiert. Si huet jo och en Deel dovu bezuelt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richtig.

ALI RUCKERT (KPL):

Et muss een drun erënneren, dass d'CFL dat net eleng bezuelt huet.

l'avenue Charlotte, la rue Saint-Hubert et le passage du Château. Pendant deux ans au maximum, des travaux ne pourront pas y être exécutés afin d'analyser la faisabilité d'une variante pour le trafic. Cette variante n'est pas la moins chère, mais c'est la plus durable pour le trafic.

Le DP approuvera la servitude.

GUY TEMPELS (CSV) approuve la mise en place d'une servitude sur les parcelles nécessaires à la planification de la suppression du PN 15. Cette variante est celle que le CSV préconise. Elle figurait d'ailleurs dans son programme électoral. Elle n'est certes pas bon marché, mais elle permettra de réduire le trafic. Les chrétiens sociaux approuveront la servitude.

ALI RUCKERT (KPL) ne comprend pas comme on peut d'un côté exiger le développement des transports en commun et de l'autre se plaindre qu'une barrière soit fermée plus souvent. Il rappelle que tout le monde voulait que le train circule tous les quarts d'heure au lieu de toutes les demi-heures.

Il signale par ailleurs que les professionnels appellent cette ligne la «ligne des minières» et qu'à l'origine, elle était destinée au transport des marchandises. C'est pourquoi la barrière n'est pas fermée tous les quarts d'heure, mais bien plus souvent.

En outre, comme la ligne est arrivée à saturation, les trains ne s'arrêtent à Niederkorn et Oberkorn que toutes les demi-heures.

La suppression de la barrière est une bonne chose, car elle occasionne des embouteillages considérables.

L'alternative choisie semble bonne. Reste à savoir combien de temps il faudra pour qu'elle soit opérationnelle. La servitude portera sur un an et pourra être prolongée d'un an. A-t-on déjà entrepris des discussions avec les propriétaires? Ceux-ci ne sont pas obligés de vendre. S'ils refusent, il faudra passer par une déclaration d'utilité publique, ce qui pourrait durer dix ans. Il ne faut donc pas faire croire aux gens que demain, la circulation sera fluide.

Longtemps, il a été question d'aménager une nouvelle route à Oberkorn au-dessus de la rue des Mines. Où en est ce projet?

Ali Ruckert répète qu'il s'agit d'un projet des CFL, mais que la commune est impliquée puisqu'elle finance une partie du projet.

Il signale que dans la rue des Mines, la barrière a été remplacée par un château. Il n'en voit pas vraiment l'utilité.

(Rires)

Ali Ruckert plaisante sur le fait qu'il y a suffisamment de châteaux dans l'Oesling et qu'il était inutile d'en construire un dans la rue des Mines.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

lui donne raison.

ALI RUCKERT (KPL) rappelle que dans le cadre de la suppression de la barrière à la gare, il était prévu de construire un passage pour les piétons et les cyclistes ainsi qu'un ascenseur. Mais rien de tout cela n'a été fait. Le collègue échevinal ferait bien de discuter avec les CFL pour qu'ils règlent ce problème.

Ali Ruckert annonce que le parti communiste soutient le projet de servitude.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) soutient lui aussi la servitude, mais souhaite revenir sur quelques détails.

L'exemple d'Oberkorn est à plusieurs points de vue un mauvais exemple en matière de mobilité douce. Une partie des problèmes ont déjà été mentionnés. Gary Diderich rappelle qu'il est interdit de circuler à vélo sur les quais des gares. Théoriquement, le tracé entre sa maison et le terrain Luna est idéal pour être parcouru à vélo — y compris par des enfants. Mais comme il y a une gare, c'est impossible.

Gary Diderich mentionne le débat qui a lieu actuellement à Luxembourg-ville concernant les cyclistes qui gênent les piétons. Mais l'avantage du vélo, c'est précisément que l'on n'a pas besoin de marcher. Dans le cas d'Oberkorn, il aurait suffi d'ajouter une bande d'un mètre avec une clôture pour régler le problème.

(Interruption)

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

ALI RUCKERT (KPL):

Dofir huet d'Gemeng och e gewëssent Matsproocherecht. An dat muss natierlech och bei deem Projet hei genotzt ginn. Ech muss soen, dat wat amplaz vun enger Barrière bei der rue des Mines geschitt ass — do ass eng ganz Buerg gebaut ginn. Ech weess net, ob dat ëmmer vun Notzen ass, wann een eng Barrière duerch eng Buerg ersetzt.

(Gelaachs)

Ech mengen, mir hu genuch Buergen am Éislek, déi ee ka besichlegen, et muss een net an d'rue des Mines kommen dofir.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Exzellent. Do hutt Der recht.

ALI RUCKERT (KPL):

Déi zweet Saach ass och schonn hei ugeklongen, ier dee Projet op der Gare realiséiert ginn ass. Do ass drop higewise ginn, dass do misst en uerdentleche Passage komme fir d'Foussgänger, fir d'Véloen. An et ass och drop higewise ginn, dass do e Lift misst kommen. Et ass awer kee gemaach ginn.

Dat heescht, dee Problem hu mer bis haut net geléist. Et wär dofir vläicht noutwendeg, dass ee géif nohaken, fir nach eng Kéier mat den CFL driwwer ze schwätzen, dass dee Problem do awer eng Kéier kéint geléist ginn.

Mä vum Prinzip hier, wëll ech hei als Vertrieeder vun der Kommunistescher Partei soen, dass mer fir déi Servitude do wäerte stëmmen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kollegen a Kolleginnen aus dem Gemen-gerot, vum Prinzip hier ënnerstëtze mir dat och. Déi wichtegst Saache si gesot ginn. Ech wëll just op e puer Saachen agoen, déi och wichteg sinn an deem Kontext.

Wann ech d'Beispill vun Uewerkuer huelen, da muss ech soen, dass et an zwou Hisiichten — zousätzlech zu deenen, wou scho gesot gi sinn, oder fir déi vläicht nach ze verstärken — am Beräich Mobilité douce en absolutt schlecht Beispill ass.

Et muss ee wëssen, op de Quaie vun de Garen däerf een net mam Vëlo fueren. Do muss ee vum Vëlo klammen an domadder trëppelen. Dat heescht, op der Uewerkuerer Gare häss de u sech vu viru menger Dier bis op de Lunaster-rain oder fir op de Bierg eng ideal Verbindung mam Vëlo. Wou s de d'Kanner och kéints fuere loosse. Wou s de awer dann elo déi Gare hues, wou s de muss vum Vëlo klammen.

Et ass jo elo en Debat an der Stad, mat der Bréck, wou d'Vëloen an d'Fouss-gänger sech zum Deel hënneren. Well e Vëlofuerer wëll och kënne fueren. Well de Virdeel vum Vëlo ass, dass de net muss trëppelen. An hei hu mer verpasst, e Meter bäizesetzen, fir eng separat Linn mat enger Clôture ze maachen, fir dass de Vëlo och ka fueren.

Dat ass e grouse Mëssel, deen do geschitt ass. En plus ass d'Schallisolation och nach esou gebaut ginn, dass de nach e risegen Tour muss maachen. Wou d'Leit sech natierlech awer erëm en anere Wee sichen an dann hallef an de Gleisen hängen. Well se, wa se vun de Gäert da kommen, net nach esou en Tour wëlle maachen, fir op de Quai ze kommen. Da gi se do erlaanscht.

Dat heescht, dat ass wierklech e Beispill, wéi een eppes net soll plangen. Mat der Gemeng anescht ze plangen, dat wär schonn emol gutt. Awer virun allem mat de Leit ze plangen, déi dat och wäerte benotzen, dat wär nach vill besser. Well déi hunn nach ganz aner Iddien, wéi esou eppes benotzt gëtt.

Well dee ganzen Tracé laanscht d'Schinnen ass u sech eng absolutt Chance fir d'Mobilité douce, déi mer,

2. PAG et PAP

mat deem Beispill vun Uewerkuer, ris-
kéiere verpasst ze hunn. Et ass nach net
ganz verpasst. Dofir mengen ech musse
mer eis grad elo bei deem do Projet Ge-
danke maachen, wéi mer déi Saach
nach iergendwéi rette kënnen. Datt dat
iergendwéi besser ka genotzt ginn.

Well laanscht d'Schinnen hues de ëm-
mer eng Méiglechkeet, fir e flaache Wee
ze fannen. An dat ass dat, wat s de mam
Vélo braucht. Du fiers am beschte
flaach Weeër. An där hu mer der net on-
bedéngt vill zu Déifferdeng. An do hät-
te mer am Fong een, deen op d'mannst
dräi Uertschafte gutt kéint verbannen.
E Wee, deen dann och wierklech géif
genotzt ginn.

Am Sënn vun der Mobilité douce den-
ken ech, dass mer eis hei net nëmme
sollen iwwerleeën, wéi d'Weeër bis elo
mam Auto verlaf sinn, mä och wéi se
géife fir de Foussgänger an de Vëlofue-
rer am beschte verlafen. An deem Eck
hu mer eng Rei Connectiounen, wou
mer wierklech mussen iwwerleeën.

Wéi geet een, zum Beispill, fir vun der
Gemeng bis op de Funiculaire ze kom-
men? Egal ob een do an de Lycée wëll
goen, oder an e Commerce-Zentrum
oder an e Science-Musée oder wou och
ëmmer. Wéi geet een am Moment, a wéi
géif een an Zukunft goen? A wéi eng
Méiglechkeete gëtt et elo mam Park
dertëscht? Ech denken, et sollt ee
sech do méi en direkte Wee iwwerleeën.
Ob et net iergendwéi méiglech wär, di-
rekt vun hei, duerch de Park an dann
eriewer op d'Bréck oder d'Unter-
führung. Dat kéint fir Foussgänger a
Vëlofuerer interessant sinn, dass de net
déi ganz Schläif muss maachen.

Wou s de am Moment de Problem
hues – ech weess net, ob dat à long ter-
me anescht virgesinn ass – vun der
Déifferdenger Gare op de Funiculaire,
wann s de do mat enger Poussette oder
mat engem Rollstull ënnerwee bass. Da
bass de laang ënnerwee. Do war ëmmer
esou en improviséierte Wee iwwert
d'Wiss, deen ass elo fort. Dat ass mat
deem ganzen Ëmbau verpasst ginn.
Dass een do awer nach iergendeppes
mécht.

Fir bei de Weeër ze bleiwen, déi schonn
do sinn: Ech froe mech, ob een eng Bar-
rière kann zoumaache fir d'Autoen an
awer kann oploosse fir Vëlofuerer a

Foussgänger. Ech sinn do keen Expert,
mä ech wëll awer déi Fro opwerfen.
Dat wär eng Léisung, amplat Bréck
oder Unterführung. Well Bréck an Un-
terführung ass ëmmer en Ëmwee fir
d'Leit. An ech denken, wann een ier-
gendwéi eng aner Léisung ka fannen,
da wär dat gutt.

Eng aner Saach, wou Uewerkuer e
schlecht Beispill ass, dat ass d'Schallis-
olatioun. Déi ass op eng Aart a Weis ge-
maach ginn, wou Leit mer soen, dass et
net ideal ass. Et sinn zwar Wénkelen
dran an esou weider, dat heescht, de
Schall gëtt zum Deel gebrach, mä
d'Material spigelt awer de Schall erëm.
Dat heescht, du hues Glas a Bëtong,
nëmme Material, wat de Schall erëm-
spigelt an zum Deel verstärkt oder
vläicht op aner Frequenze bréngt. Wou
normalerweis ebe méi Material wéi
Holz genotzt gëtt oder eppes, dat be-
wuess gëtt, wou de Schall méi opge-
faange gëtt. Um Schluss wollt ech froen,
wou mer mam Terrain dru sinn. Déi
Fro ass schonn opgeworf ginn. Ass dat
elo dréngend, dee PAG ze maachen?
Kënne mer gewuer ginn, wéini de finale
PAG, de gesamte PAG kënnt? Well esou
eng Prozedur ze maachen, bedeit och
ëmmer e Käschtépunkt an en Opwand.

Ass elo wierklech eng Urgence, fir dat
esou schnell wéi méiglech esou ze ma-
chen, amplat iwwert dee grouse PAG?
Dat ass eng Fro, déi ech mer gestallt
hunn. Obwuel ech am Prinzip absolutt
ënnerstëtzen, op deen do Wee ze goen.
Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Här Goffinet, w.e.gl.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Ech wollt just informéieren, wéi dat u
sech geet. Zu Uewerkuer, wann ee
laanscht den Terrain erfökënt, ass
d'Afaart vun der Gare Lëtzebuerg. An
d'Ausfaart vun der Gare Lëtzebuerg,
vun Nidderkuerer Säit erop, ass um
Quai selwer.

Wa mir mam Zuch op de Quai kom-
men, da maache mir d'Barrière schonn
zou. D'Zich kräize sech. Dat gesäit ee
jo oft, déi meescht Zich kräize sech.

*Gary Diderich insiste sur le fait
qu'une grosse erreur a été commise.
En plus, le détour est tel que les pié-
tons préfèrent emprunter un autre
chemin et passer tout près des rails.
C'est pourquoi le nouveau projet
doit être planifié avec la commune
et les habitants. Comme le tracé se
situe le long de la voie ferrée, le po-
tentiel est important. Compte tenu
de ce qui s'est passé à Oberkorn, il
faut essayer de sauver la situation
dans ce cas-ci. La possibilité d'amé-
nager un chemin plat pour les vélos
existe. Il faut en profiter pour relier
les trois localités.*

*Dans le cadre de la mobilité douce,
il faut réfléchir non seulement au
tracé des routes pour les voitures,
mais aussi pour les cyclistes et les
piétons. Comment rejoindre par
exemple le plateau du Funiculaire,
le lycée, le centre commercial ou le
Science Center depuis la commune?
Quelles possibilités le parc offre-t-
il? Gary Diderich préconise un lien
direct avec le parc et l'aména-
gement d'un pont ou d'un passage
souterrain. Car aujourd'hui, les
personnes avec des poussettes ou
en fauteuil roulant voulant re-
joindre le plateau du Funiculaire
depuis la gare doivent faire un
grand détour. Il aurait fallu s'y
prendre différemment. Il existait
notamment un chemin improvisé à
travers la prairie.*

*Gary Diderich se demande par
ailleurs s'il est possible de fermer
une barrière pour les voitures, mais
permettre le passage des piétons et
des cyclistes. Car les ponts et les
passages souterrains constituent
toujours des détours. C'est pour-
quoi il faudrait essayer de trouver
une autre solution.*

*À Oberkorn, l'insonorisation n'a
pas non plus été faite comme il
faut. Certes, il y a des angles, mais
le verre et le béton réverbèrent le
son contrairement au bois.*

*Où en est la situation avec les ter-
rains? Quand le PAG final sera-t-il
prêt? Car une telle procédure en-
traîne des frais et nécessite de
moyens conséquents. Ne vaudrait-il
pas mieux attendre le PAG final?
En tout cas, Gary Diderich soutient
le projet.*

SERGE GOFFINET (LSAP) explique
que l'entrée dans les trains en direc-

tion de Luxembourg se trouve le long du terrain à Oberkorn tandis que la sortie des trains en provenance de Luxembourg se fait sur le quai du côté de Niederkorn. La barrière est fermée lorsque le train atteint le quai. Par ailleurs, la cadence a augmenté.

Même avec la nouvelle signalisation, les balises resteront aux mêmes endroits. La seule solution consiste donc à supprimer les barrières.

Le Code de la route est clair. Il est interdit de traverser un passage à niveau lorsque la barrière est en train de se fermer. Ceux qui le font, le font à leurs risques et périls.

Il est effectivement interdit de rouler à vélo sur un quai. Il y a deux ans, un cycliste est tombé entre le quai et le train. Mais les CFL ne peuvent pas jouer au gendarme.

Tout cela explique pourquoi la barrière est fermée toutes les six ou sept minutes.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

plaisante sur le fait que M. Goffinet est donc le responsable.

(Rires)

FRED BERTINELLI (LSAP) estime qu'au cours des dernières années, la Ville de Differdange a fait plus que ce qu'elle ne devait faire. Mais les plans remontent à plusieurs années et il est difficile de les faire adapter par l'État. Fred Bertinelli comprend les critiques, mais il n'a pas été possible de tout modifier.

Les riverains se sont souvent plaints auprès de Fred Bertinelli des annonces des trains. On les entend jusqu'au coin du Parc des Sports. À 4 h du matin, il n'y a personne sur le quai, mais 17 personnes sursautent dans leur lit. Il faudrait trouver une solution avec un écran ou un signal pour éviter les nuisances. Le collègue échevinal pourrait-il intervenir auprès des CFL? Car les habitants sont fatigués d'entendre ces annonces plusieurs fois par jour. Pendant la journée, elles sont tolérables, mais le soir et à 4 h du matin, les gens dorment.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

convient du fait que la gare n'a pas

Doduerch ass d'Barrière esou oft zou. D'Kadenz ass erhéicht ginn. Wann elo déi nei Signalisatioun kënnt, iwwer ETCS, da verschwannen d'Signaler. Mä d'Balisë leien op deeneselwechte Plaze wéi d'Signaler. Also bleift deeselwechte Problem.

Déi eenzeg Léisung ass, dass d'Barrière definitiv verschwënnt. Et gëtt soss keng aner Léisung. Wa Leit duerch eng Barrière fueren, wann den Aarm erofgeet – et weess all Mënsch, wat am Code de la route steet. Du hues och net op eng Barrière ze fueren, wou d'Äerm nach net erop sinn. Wa Kanner a Leit sech dertëschent wurschtelen, dann ass dat hir eege Sécherheet, déi do eben net geséichert ass.

Zu der Affär um Quai: Et ass verbueden, mam Vëlo op engem Quai ze fueren. Dat ass eben e Règlement, dat festgeluecht ass. Mir hate virun zwee Joer een, deen um Quai gefuer ass an tëschent den Zuch gefall ass, hei zu Uewerkuer op deem neie Quai schonn. Esou Saache geschéien eben. Et sinn ëmmer Leit, déi trotzdeem iwwert de Quai rennen. Dat wäert wahrscheinlech och ni ausbleiwen. Et ass awer net un eis, fir do Polizist ze spillen.

Dat war just eng kleng Erklärung, dass d'Zich Pedallen hunn, déi bedéngt ginn an dann eis Barrière zoumaachen. An déi ass all sechs, siwe Minutten zou, well d'Kadenz esou héich ass. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ah, dat sidd Dir, Här Goffinet.

(Gelaachs)

Här Bertinelli, w.e.gl.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Léif Kollegeinnen, léif Kollegen, ech wollt Stellung huelen, well ech an deene leschte Jore relativ vill domadder ze dinn hat. An ech mengen, datt d'Gemeng Déifferdeng do hir Aarbecht méi wéi gemaach huet. Et gouf wëchentlech Telefonater, fir ze probéieren, dat eent oder dat anert nach changéiert ze kréien.

Et muss een awer och wëssen, datt déi Pläng Joren am Viraus gemaach gi sinn an dass dat relativ schwéier ass, wann een op bestoende Pläng bei staatlechen Instanzen eppes ännere wëll. Mir haten e puer Saache geännert kritt, mä net alles. Ech muss deene Leit alleguerrecht ginn, déi dat eent oder dat anert kritiséieren. Dat hate mer och dee Moment kritiséiert. Mä dat war net méi machbar, fir dat changéiert ze kréien. A mir hunn eist Méiglecht gemaach, fir do ze intervenéieren, fir déi Saachen awer esou gutt wéi méiglech ze kréien.

Ech hunn eng Fro un den Här Liesch. Eppes, wat einfach ze verbessere wier. Ech si vun der Populatioun, déi do am Eck wunnt, schonn oft drop ugeschwat ginn, op dee Mikro, dee geet an annonciéiert, wann d'Zich kommen. Et muss ee sech virstellen, wann een do wunnt, datt moies um véier Auer do eng Stëmm geet, déi ee bis op den Eck vum Parc des Sports héiert, datt do elo en Zuch kënnt. Et steet kee Mënsch do. Mä 17 Leit sinn aus hire Better gefall, well se net méi kënne schlofen. Esou haart geet dee Mikro do.

Do misst et dach méiglech sinn, iwwert d'Interventioun vun der Gemeng, eppes ze maachen, wat méi visibel ass – wéi e Schiirm oder e klenge Signal, dat uweist, datt den Zuch kënnt – wéi ee Mikro, deen ee bis an hallef Uewerkuer héiert. Wat effektiv eng grouss Nuisance ass fir déi Leit, déi do schlofen.

Ech géif dofir nach eng Kéier en Opruff maachen un de Schäffen, fir do nach eng Kéier bei der CFL ze intervenéieren, fir dat endlech hinze kréien. Well déi Leit si geplot, dat fänkt un, un d'Gemitt ze goen. Den Dag duerch ass dat normal fir mech, mä an den Ouwesstonnen oder moies um véier Auer, wann e fir d'éischt geet, do schlofen awer nach vill Leit. An dat muss jo net sinn. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Da géife mer elo zu den Äntwerte kommen. Ech fannen, wou déi Gare do geplangt ginn ass, datt effektiv viles net esou gelaf ass, wéi et hätt sollten. Mä am groussen Ganzen ass et awer eng Entlaaschtung fir dee ganze Quar-

tier. Quitte, datt een elo nach soll no-besseren.

Och mat de Vëloen, ass alles, wat gesot ginn ass, ganz richtig. Och déi Saach mam Mikro. Virun e puer Wochen hunn ech mam Minister perséinlech geschwat an hunn e gefrot, ob en déi net wëilt aweien. Well ech weess, wann eng Aweierung ass, da kommen d'Bierger dohin an da gesäit en, wat do lass ass.

Mir hunn eng Buerger do gebaut, do ginn ech Iech recht, Här Ruckert, ouni Sätzgeleeënheeten. Haut ka sech nach ëmmer keen dohi setzen. Dat alles hu mer diskutéiert. Den Här Liesch hat senger Roserei e bësse fräie Laf gelooss viru Kuerzem, a mat Recht. Här Liesch, Dir hutt bestëmmt nach vill heizou ze soen.

Da géife mer herno iwwert d'Servitude ofstëmme, ëm déi et am Fong geholl haut och geet. An et ass net esou, datt do onbedéngt ee wollt bauen. Et waren dräi Haiser niewent der Servitude, déi ware schonn esou gutt wéi ofgerappt, fir en Appartementshaus dohin ze setzen. Den Här Muller ka sech bestëmmt nach drun erënneren, datt mer dat a léiwen an och manner léiwen Diskussiounen nach verhënnert kritt hunn. Datt de Promoteur sech do zréckgezunn huet.

Et ass schonn eng interessant Strooss, well s de do nach kanns Appartementshaiser bauen. Quitte, datt elo d'Fassade geschützt sinn. Mä virun engem Joer war dat nach net esou. Ech mengen awer, datt et wichteg ass, datt mer virun dem PAG-Vote, wat sech awer nach e bëssi an d'Längt wäert zéien, déi Servitude dropsetzen. Mir maachen näischt falsch, wa mer d'Servitude do drop setzen, an de PAG géif bannent deem Joer kommen.

Här Liesch, w.e.gl.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Ech wäert e puer Froen beäntweren. Et war, mengen ech, vun zwee Leit no alleguerten de Variante gefrot ginn, déi mer ënnersicht hunn. Den Här Muller hat gefrot, ob déi Variant iwwer Uewerkuer dann elo vum Dësch ass. Ganz kloer, soss géife mer déi hei Servitude net maachen.

Mir hunn all d'Varianten ënnersicht. Deemoos hate mer och d'Variant ënnersicht gelooss, fir vläicht guer näischt ze maachen. Einfach d'Barrière ze suppriméieren, ouni alternative Wee. Dat hu mer ënnersicht gelooss, koumen awer zum Schluss, dass dat net sënnvoll wär. Zemoos mam Reamenagement vum Zenter, wou mer e Shared Space wëlle maachen. Dat wär einfach ze vill.

Eng aner Variant war déi, wou mer gesot hunn, da maache mer e Wee Richtung Uewerkuer, deen dann nëmmen op gewiescht wär fir de Bus, awer net fir den normalen Trafic. Dat hu mer och ënnersicht gelooss. Vun der Plaz hier wär dat gaangen.

Mir sinn awer och do zum Schluss komm, dass dat net déi ideaalste Solutioun wär. Well mer ëmmer erëm nëmmen ee Wee hätte fir d'Autoen. An och fir d'Autoe Richtung Uewerkuer an e rouege Quartier ze schécken, fir do da méi Trafic eranzebréngen, huet eis net déi beschte Solutioun geschéngt. Fir dann dee ganzen Trafic iwwer Uewerkuer ze schécken. Aus all deene Varianten ass eng iwwer bliwwen. An zwar déi, dass mer ënnert de Schinnen erduerch fueren. An do bleift just déi hei Plaz, wou mer d'Héichten hunn, fir drënner ze kommen.

Vum Här Diderich ass de Vëloswee ugeschwat ginn. Dir hutt ganz recht mat Ärer Ausféierung. Dir hutt awer vergiess, dass mer virun zwee, dräi Joer heibannen driwwer diskutéiert hunn, dass den nationale Vëloswee deplacéiert gëtt, d'Nummer aacht, deen de Moment iwwert de Bierg geet. Deen dann herno vum Belval iwwer Uewerkuer, Déifferdeng, Nidderkuer, quasi dee ganzen Zäit laanscht d'Schinne geet.

Dat heescht, mir hunn dat, wat Dir sot, scho bal realiséiert. Dat heescht vun Uewerkuer, wann een do iwwert de Vëloswee kënnt, komme mer vun der Uewerkuerer Gare herno bis op Déifferdeng, iwwert de Funiculaire. Dat ass zimlech platt a riicht. Dee Vëloswee ass jo schonn existent. An da vum Déifferdenger Zentrum, vun eiser berühmter Kräizung, geet et jo da laanscht d'Schinnen op Nidderkuer.

Dat heescht, do ass genau deen Tracé, wou Dir elo gesot hutt, gesicht ginn. An

été planifiée comme il faut. Mais les travaux réalisés permettent tout de même de soulager le quartier.

Tout ce qui a été dit concernant les vélos et les annonces est vrai. D'ailleurs, Roberto Traversini a demandé au ministre d'inaugurer la gare. De cette façon, il entendrait ce que les riverains ont à redire.

M. Ruckert a raison de dire qu'un château a été construit et il n'y a même pas de places pour s'asseoir. Récemment, M. Liesch s'est d'ailleurs emporté à ce sujet.

En ce qui concerne la servitude, la démolition de trois maisons et leur remplacement par une résidence étaient déjà prévus. M. Muller s'en souvient sans doute. Ce projet a été retiré après maintes discussions houleuses. Roberto Traversini constate que la route en question est intéressante parce que des résidences peuvent y être construites — même si désormais, les façades sont protégées.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) va répondre aux questions.

M. Muller a demandé si la variante d'Oberkorn avait été abandonnée. La réponse est oui. Georges Liesch rappelle qu'une des variantes consistait aussi à supprimer la barrière sans créer de route alternative. Cette solution a été abandonnée aussi, car elle n'est pas compatible avec l'aménagement d'un «shared space» dans le centre-ville.

Le collège échevinal a aussi réfléchi à une variante comprenant un passage vers Oberkorn pour les bus, mais pas pour les voitures. Mais cette solution pose les mêmes problèmes que la précédente.

Il n'aurait pas été idéal non plus de drainer tout le trafic à travers Oberkorn, un quartier calme pour le moment.

La seule variante qui reste consiste à aménager un passage sous la voie ferrée à l'endroit indiqué.

M. Diderich a parfaitement raison concernant la piste cyclable. Mais il a oublié de dire que la piste cyclable nationale no 8 sera déplacée. Elle reliera notamment Belval à Niederkorn en passant par Oberkorn et Differdange — le tout, le long de la voie ferrée. Bref, ce que demande M. Diderich sera pratiquement réalisé. À Niederkorn, la

piste continue en direction de Käerjeng le long de la voie ferrée.

En général, le collège échevinal fait attention au dénivelé des pistes cyclables même si cela est moins dramatique avec les vélos électriques. En outre, les tracés plats ne sont pas toujours les plus courts. Une piste cyclable entre Oberkorn et Belvaux le long des rails par exemple serait certainement moins rapide que la piste cyclable actuelle. Georges Liesch ne tient pas à commenter le PAG, car cela va trop loin. Il n'est question que d'une servitude et non d'une modification du PAG. Sa mise en place ira vite. Le processus n'a pas la même envergure qu'un reclassement de terrain. C'est plus facile et cela ne coûte rien.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

ajoute que la servitude entrera en vigueur après le vote.

(Vote)

Roberto Traversini passe à l'entrée en ville et plus précisément la tour.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *explique que le vote porte sur le PAP. Il rappelle qu'un concours a été réalisé et qu'il y a un vainqueur.*

Le projet concerne une surface de 83 a et comprendra une tour de 20 étages sur une hauteur de 60 m et des immeubles annexés. En tout, 80 logements sont prévus pour un potentiel de 192 habitants.

Le collège échevinal a reçu l'avis de la Cellule, qui s'inquiète des excavations. Depuis, des décennies, le Luxembourg déverse de la terre dans les décharges lors de la réalisation de projets de construction. Il s'agit de déchets inertes. Par conséquent, les seules nuisances sont occasionnées par les camions. Le problème, c'est que bientôt, il n'y aura plus de décharges où déposer des déchets inertes.

Georges Liesch estime qu'il est temps de réfléchir à une solution pour déplacer le moins de terre possible.

da geet et duerch Nidderkuer weider, wou mer dann zu Käerjeng quasi erëm bei de Schinnen erauskommen.

Also mir probéieren natierlech, bei de Vëlosweeër d'Héichteprofiller ze kucken. Dat ass scho wichteg. Och wann dat mat den Elektrovëloen haut net méi grad esou dramatesch ass, ass dat awer e wichtegt Argument. Dir hutt recht, wann Der sot, d'Vëlosweeër solle flaach sinn. Mä et sinn net onbedéngt déi kierzt.

Wann een elo zum Beispill vun Uewerkuer Richtung Bieles géif de Schinnewee huelen, da mécht een natierlech e schéine gréisseren Tour. Ech mengen, do ass een awer iwwert de Vëloswee, dee mer scho gebaut hunn, tëscht Uewerkuer a Bieles, sécher méi schnell. Also do hu mer, mengen ech, dann awer méi e kuerze Wee geschaaft.

All déi aner Saache wollt ech net kommentéieren. Och wat de PAG ugeet. Dat geet e bësse wäit. Well mer hei jo just iwwer eng Servitude schwätzen. Dat hei ass net – ech wëll dat kloer soen –, dat hei ass net eng Modifikatioun vum PAG an deem Sënn, wéi mer se soss gemaach hunn, déi esou laang dauert a vläicht och vill kascht.

Dat hei ass eng reng Servitude. Dat ass also eppes, wat ganz schnell geet. Dat huet net déiselwecht Envergure, wéi wa mer géifen en Terrain ëmklasséieren, fir eng Modifikatioun vum PAG ze maachen. Hei bleift de PAG wéi en ass, a mir leeë just eng Servitude driwwer. Dat ass also vill méi einfach an net deier, wéi elo hei gesot ginn ass, fir dat heiten ze maachen. Dat kascht eis eigentlech just e Bréif.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

An et trëtt direkt nom Vott a Kraaft. Dofir géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité de soumettre à des servitudes les immeubles à Differdange aux lieudits «Avenue Charlotte», «Rue Saint-Hubert» et «Impasse du Château» dans le cadre de la suppression du PN 15 sur la ligne ferroviaire Pé-tange-Esch.

Merci. Deen nächste Punkt geet ëm eis Entrée en ville, den Tower, wéi mer en nennen. An do ginn ech och direkt dem Här Liesch d'Wuert. Här Liesch, erklärt Der eis dat.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Mir stëmmen haut iwwert de PAP of, nodeem mer e Concours gemaach hatten an de Gewënner feststeet. An och gekuckt ginn ass, wat dohinner gebaut gëtt. Si sinn elo sou wäit, dass se eis de PAP eraginn hunn, deen eis elo hei virläit.

Eng Kéier kuerz als Rappel: Mir hunn hei eng Surface vun 83 Ar, dat ass net enorm grouss, déi mer direkt an der Entrée en ville hunn. Wou mer et fäerdegbréngen, op 20 Stäck, op enger Héicht vu 60 Meter, Gebailechkeeten ze schafen. Et kann een am Fong net soen, dass et een Tuerm ass. Et ass zwar ee gréisseren Tuerm, mä et stinn awer nach Annex-Gebaier drun. Hei sinn insgesamt 80 Logementer virgesinn, wat potentiell 192 Awunner mat sech brénge kéint.

Ech ginn op den Avis vun der Cellule an, deen Iech virläit. Mat den Äntwerthen, déi eis Servicer generéiert hunn.

D'Cellule mécht sech Gedanken, mat Recht, iwwert de Buedemaushub, dee bei alle Projeten hei zu Lëtzebuerg besteet. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg e Problem mam Buedem, dee mer an deene leschte Joerzénge bei all Bauprojet eigentlech sorgenlos einfach emol op d'Deponië getippt hunn.

Dir wësst, dass mer mat Deponien e rissege Problem hunn. Do schwätzen ech elo vun Inert-Baumaterial, dat si keng Gëftstoffer, dat bréngt als Nuisance eigentlech just de Camionstrafic, wann een esou wëll. Mir hunn e rissege Pro-

2. PAG et PAP

blem am Land, well mer geschwë keng Deponië méi hunn, wou mer Inertbuedem kënnen hiféieren.

Ech mengen, dass en Ëmdenke wichtig ass. Dass mer probéieren, a Projeten effektiv nozedenken, wéi een esou mann wéi méiglech Buedemaushub kann ewechféieren, fir vläicht op der Plaz selwer dovun ze profitéieren oder vläicht guer net mussen erauszehuelen. Duerfir fannen ech den Avis an deem Sënn scho richtig, dass se eis dorobber opmierksam maachen.

An dëser Situatioun ass et awer esou – an Dir wësst dat –, dass niewendrun, wou de Lycée elo am Gaangen ass, gebaut ze ginn, d'Analyse vum Buedem net déi allerbescht waren. Dat heescht, mir hu musse Buedem eraushuelen, fir ze sanéieren. An hei op dëser Plaz ass et ganz sécher net aneschtters. Déi éischt Indicateure weisen dorop hin.

Hei stoung e Gebai, den Hadir-Tower, dee mer jo einfach just zougetippt hunn. Dat heescht mir hunn hei e Remblai. Dat heescht, dee Buedem ass net stabil genuch, fir elo do kënnen einfach esou en Tuerm wéi deen heiten dropsetzen. Et misst een dat ganz Gebai op Pieuxe setzen, wat bei där Héicht enorm Käschte géif bedeuten.

Duerfir mengen ech, géif et Sënn maachen, den Aushub, deen net stabil ass, erëm erauszehuelen. A fir d'Pieuxe misst ee jo och Buedem eraushuelen. An dann hätte mer eigentlech dat Lach och schonn, fir dee Parking ze bauen.

Si schloe vir, dee Parking op enger anerer Plaz um Funiculaire ze maachen. Vlächte hate si de Plang vum Funiculaire net dobäi, mä déi Terrainen, déi si proposéieren, do si scho Projeten drop. Dat heescht, déi si guer net disponibel, fir dat, wat si hei froen. Duerfir huele mer deen Avis vun der Cellule net un. Mir bleiwe bei der Variant, dass dee Parking hei Sënn mécht an och soll gebaut ginn.

Si felicitéieren eis fir d'Mixitéit vum Gebai, wat alles dra kënnt, a mat Recht. Mir haten eis während dem Concours scho vill Gedanke gemaach, wat alles sollt an deen Tower do erakommen. Et war eis vun Ufank u kloer, dass net nëmme Büroen a Logementer sollten drakommen, mä dass et sollt e Mix

ginn, bei där Gréisst, déi mer hei hunn. An ech mengen, dat hu mer fäerdegbruecht.

Ech hu scho gesot, et sinn 80 Logementer virgesinn. Et kommen och Büroen dran, zum Beispill Cabinet-médicalen an anerer. Et ass en Appart-Hotel virgesinn zum Park hin. Um Rez-de-chaussée komme Commercen hin, an op der Säit vum Park, um extremen Eck kënnt eng Crèche hin. Woumat eis wierklech eng grouss Mixitéit op engem enken Terrain vun 83 Ar gelongen ass. Den Avis vun der Cellule seet dat jo och aus. Dann ass nach en Avis vun der Cellule, dee mer och net wëllen zrëckbehalen, deen eis e bëssen aventuriéis erschénkt. Wou si eis soen, mir sollen eis amëschen an de Commerce, deen do entsteet.

Si maache sech Gedanken, dass mer Déifferdeng net sollen isoléieren. Dat ass kloer, dass mer dat net wëllen. Mir sinn iwwerzeugt dovunner, datt an eiser Vu den Zentrum muss verbonne gi mam Plateau, och mam Centre commercial, deen do ass. A mir hätte jo nach ëmmer gär eng flott Gare.

Dat heescht, mir wëlle jo genau déi Verbindung, dass dat zesummewiisst. Duerfir soll jo och déi Bréck, wann een an Déifferdeng erakënnt, verbreedert ginn, fir den Accès méi accueillant ze maachen, wéi dat am Moment de Fall ass.

Mir gesinn eis awer elo net an der Lag, fir eis hei an e PAP anzemëschen – an dat schreift eise Service jo och, dass dat net den Outil ass, fir eis anzemëschen – an ze soen, do hätte mer elo gären e Bäcker, do hätte mer elo gären e Metzler an do hätte mer gären e Coiffer.

Ech menge schonn, dass déi Leit, déi den Tower bauen, sech Gedanke maachen, wéi se hir Surface commerciale gefëllt kréien, entweder verkaf oder verlount, well se domadder jo hir Sue verdéngen. Dass se schonn déi richtig Leit siche ginn, dass se wëssen, wat se maachen.

A wann e Commerçant op Déifferdeng kënnt a gesäit niewendrun e Centre commercial, da weess e jo: Hunn ech eng Konkurrenz oder hunn ech keng? Wat ass am Zentrum? Wat ergänzt sech oder wou hunn ech eventuell eng Konkurrenz? Déi Leit maache sech doriw-

Il faut notamment essayer de l'utiliser sur place dans le cadre des projets.

Dans le cas du lycée de Differdange, il a fallu procéder à un assainissement du sol et la même chose sera probablement vraie pour la tour. Georges Liesch rappelle que la tour Hadir a été démolie. Le sol n'est plus assez stable pour accueillir une nouvelle tour. Aménager des pieux coûterait extrêmement cher. C'est pourquoi la meilleure solution consiste à enlever la terre qui n'est pas stable. Le trou servirait alors à la construction d'un parking.

La Cellule propose d'aménager le parking sur le plateau du Funiculaire, mais cela n'est pas possible, car des projets sont déjà prévus sur ce site. Le collège échevinal est donc d'avis que le parking doit être aménagé comme prévu.

La Cellule félicite la commune pour la mixité. Dès le départ, le collège échevinal avait décidé de ne pas aménager uniquement des bureaux ou des logements. Georges Liesch rappelle que ce projet de 83 a comprendra 80 logements, des bureaux, un appart-hôtel, des commerces et une crèche.

Pour ce qui est du commerce, la Cellule demande à la commune d'intervenir pour éviter d'isoler le centre-ville. Pour Georges Liesch, il est clair que le plateau doit être relié au centre. C'est la raison pour laquelle l'accès au centre sera rendu plus accueillant grâce à l'élargissement du pont.

De toute façon, Georges Liesch ne trouve pas qu'un PAP soit le document adapté pour décider s'il faut ouvrir une boulangerie, une boucherie ou un salon de coiffure. Les personnes construisant la tour ont sans doute réfléchi au type de magasins qu'elles souhaitent.

En plus, les commerçants souhaitant ouvrir un magasin sur ce site savent qu'il y a un centre commercial à côté. Ils veilleront donc à proposer un service complémentaire. C'est pourquoi le collège échevinal propose de ne pas tenir compte de l'avis de la Cellule dans ce cas-ci.

Des compensations se sont révélées nécessaires. Le collège échevinal s'est engagé à préserver l'allée

d'arbres devant la tour. Dans le cadre du chantier de l'entrée en ville, seuls quelques arbres ont été supprimés. Comme le trottoir est séparé de la route, davantage d'arbres ont pu être sauvés. Comme le trottoir longe la tour, il facilitera l'accès aux magasins, ce qui constitue une plus-value pour les commerçants.

Lorsque le chantier sera terminé, de nouveaux arbres seront plantés là où se trouvent actuellement les conteneurs. L'allée accompagnera les visiteurs jusqu'au centre de Differdange.

Les autres compensations figurent dans le dossier des conseillers communaux.

Comme prévu dans le concours, les toits seront écologiques et un des bâtiments comprendra une serre pour la production de légumes.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

souhaite intervenir brièvement.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

plaisante sur le fait qu'il accepte le compromis.

(Rires)

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

répète qu'il essaiera réellement d'être bref.

Il constate que M. Liesch est revenu sur l'avis de la Cellule. Les écologistes soutiennent le projet.

De nombreux résidents ont l'impression que Differdange est en train de se transformer en Manhattan en raison des tours et des gratte-ciels. Mais comme il est question de l'entrée en ville à proximité d'ArcelorMittal, Frenz Schwachtgen pense que ces constructions sont adaptées. Il trouve qu'il est difficile de trouver un consensus. C'est une affaire de gout. Personnellement, il apprécie le concept. Il pense que ce site est destiné à devenir le centre moderne de la commune par opposition au centre traditionnel autour de la place du Marché.

D'un point de vue urbanistique, le site forme un tout architectural avec des pistes cyclables, des chemins pour les piétons, un îlot d'arbres et des espaces verts. Le concept a été présenté à la commission de l'environnement.

wer schonn hir Gedanken, wa se esou e Geschäft ophuelen. Also hei wäre mer och der Meenung, den Avis vun der Cellule net unzehuelen.

Wéi Der wësst, huet op deem Terrain musse kompenséiert ginn. Do war am Ufank vum Projet eng Diskussioun mat där Bamallee, déi just virum Tower steet. Wou mer eis dofir agesat hunn, dass déi Bamallee, déi nach ëmmer do steet, och bestoe bleift.

Et ass am Kader vum Chantier vun der Entrée en ville nëmmen e strikte Minimum vu Beem ewechgeholl ginn. A mir hunn et souguer fäerdegbruecht, eng Partie Beem zousätzlech nach ze retten, vu dass mer den Trottoir vun der Strooss trennen, deen elo op d'Säit vum Tower kënnt.

Am Nachhinein ass den Effet en Duebelen. Doduerch, dass den Trottoir elo laanscht den Tower gebaut gëtt, féiert en natierlech laanscht de Commerce, dee sech do um Rez-de-chaussée etabléiert. Soudatt dat eng Plus-value ass fir déi Commerçanten. D'Leit ginn also genau laanscht d'Vittrinnen an net op 50 Meter Distanz.

Déi Bamallee gëtt och nach opgepäpelt. Do ginn nach weider Beem geplantz, wann de Chantier bis ganz fäerdeg ass. Do stinn am Moment nach Containeren. Do ginn also nach Beem geplantz, bis hannen hin. Soudass een, wann een an Déifferdeng erakënnt, vun enger Bamallee begleitet gëtt bis an den Zentrum eran. Ech mengen, dass dat herno e flott Stadbild ergëtt.

Weider Kompenséierung fannt Der am Dossier erëm. Vlächcht nach ze bemerken: Am PAP sinn all déi Saachen dran, déi am Concours bekannt waren. Dass iwwerall gréng Diecher op eise Gebaier sinn. Ee Gebai ass mat enger Zär équipéiert, fir Geméisproduktioun ze maachen. Wat also och en innovative Charakter an deem PAP duerstellt.

Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

Merci, Här Liesch. Här Muller, ganz gären.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Kann ech nach kuerz?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Wann dat de Kompromëss ass, da ginn ech en an. Här Schwachtgen, w.e.gl.

(Gelaachs)

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Nee, ech ka mech effektiv kuerz faassen. Den Här Liesch huet déi Saachen aus dem Avis vun der Cellule schonn opgezielt, déi ech wollt kommentéieren. Ech mengen, mer sinn eis eens an där do Analys, an déi gréng ënnerstëtzen och dee Projet am Ganzen.

Ech hat mer hei opgeschriwwen: Déifferdeng goes Manhattan. Dat ass d'Diskussioun e bëssen dobaussen, wann ee mat de Leit schwätzt, mat ville Leit schwätzt. Héichhaiser, an hei schwätze mer vun Toweren, an enger Stad, ass eng Diskussioun. Ech denken awer, dass an deem Fall, wou mer vun der Entrée de ville schwätzen, déi Héichhaiser effektiv dohinner passen. Zemoos an d'Ëmgegend vun der Arcelor, wat jo schonn total héich gebaut ginn ass.

Et ass ëmmer schwéier, e Konsens ze fanne mat Leit an engem Grupp. Déi eng sinn derfir, déi aner dergéint. Do huet jiddweree seng perséinlech Meenung.

Ech perséinlech fannen d'Gesamtkonzept ganz flott. Ech denken, dass déi ganz Entrée de ville spéider als modernen Zentrum vun eiser Gemeng wäert bezeechent ginn. Mir hunn dann d'Duerf, wéi mir fréier ëmmer gesot hunn, d'Stad Déifferdeng selwer, ronderëm d'Maartplaz, als méi alen, traditionellen Zentrum. A mer wäerten dobaussen, hannert der Bréck, e ganz moderne Stil kréien, wou och d'Gesamtkonzept passt. Den Här Liesch huet dat gesot. Dat wëll ech extra betounen, dass mer do souwuel architektonesch, wat d'Gebaier ubelaangt, déi elo schonn do sinn, urbanistesches gesinn, e Ganzt hunn. Mat Vélos- a Foussweeër, mat der Baminsel, wéi elo just gesot ginn ass, mat vill

2. PAG et PAP

Gréngs. Mer haten dat Konzept an der Ëmweltkommissioun virgestallt kritt, dat urbanistescht Konzept ronderëm déi Tiern, dat gesäit herno super aus.

E puer Saachen: Wéi et ëm dee Concours gaangen ass, ech hätt éischter op dee ganz gréngen Tuerm gesat. Ech verheemlechen dat net. Dat wier effektiv eng modernistescht an international Attraktioun fir Déifferdeng gewiescht. De Choix ass eben op deem Tuerm gefall, deem elo net esou begrängt ass, vu vir eran. Dee soll awer eng Fassade verte an Toiture-vertë kréien.

Dofir gefale mer eigentlech e puer Textpassagen net esou an deem PAP. Do steet „Toitures peuvent être végétalisées“ an „Terrasses ou jardins peuvent être accessibles au public“. Dat ass u sech Spillraum fir de Promoteur herno. Wann e seet, dat gött mer awer ze deier, e Gréngdaach, da mécht en et vläicht net. Ech denken, do misste mer e bësse méi restriktiv agräifen a soen, vu dass dat en Tuerm vun der Gemeng Déifferdeng ass, müssen do Saache gemaach ginn.

Och de PVC un de Fassaden ass net verbueden, mä e soll vermidde ginn. Dat ass elo en Detail, mä dat si Saachen ... mer stëmmen herno iwwert de Leitfaden of. Do komme mer grad an dee Konflikt, datt mer Gemeindegebaier maachen, déi mer elo scho müssen – wa mer de Leitfaden gelies hunn – mat deem an Aklang bréngen, wat mer eben elo ufänke mat bauen.

Méi wëll ech elo dozou net méi soen. Just e puer Froen un den Här Liesch. Mer hunn 10% Logements à coût modéré. Ass dat genuch fir eng Stad wéi Déifferdeng? Nach eng Fro: Mir hunn an deene Parkingen nëmmen eng Stellplaz pro Logement. Ech weess, dass bei aneren Appartementshaier d'Norm annerhallef ass. Firwat ass dat esou?

An, am Kader vun der Ausschaffung vum PAG, wou jo hoffentlech Analyse gemaach gi sinn, wat bedeit am Fong déi Urbanisatioun vun eiser Entrée en ville? Also wat fir Auswierkungen huet dat op de Verkéier? Wat fir Auswierkungen huet dat op eise Schoulraum, deem elo scho knapp ass? An esou weider. Si sech do weiderféierend Gedanken gemaach ginn an deem Sënn?

Wéi gesot, ganz flott a ganz positiv ass eisen Avis. A mir stëmmen dat do.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci Här Schwachtgen. Ech wëll just soen, et ass net der Gemeng hiren Tuerm. D'Gemeng huet den Terrain verkaf ënner verschidde Konditiounen. An déi Konditiounen waren am Präis abegraff. Ech weess net, ob den Här Muller eppes dozou wëll soen, mä et ass op alle Fall net en Tuerm, deem d'Gemeng wäert bauen. D'Gemeng huet den Terrain fir aacht Milliounen Euro verkaf.

Här Muller, w.e.gl.

ERNY MULLER (LSAP):

Ganz richtig, Här Buergermeeschter. Merci fir d'Wuert. Vu dass ech mech als fréiere responsabele Bauteschafften intensiv mam Architekten-Investor-Concours beschäftegt hunn, sinn ech fir d'éischt emol frou, dass mer de PAP fir den Tower Entrée de ville elo scho virleien hunn. Et ass sécherlech e ganz attraktive Bauprojet, deem zu der Moderniséierung vun eiser Stad wäert bäidroen, hir souzesoen en neit dynamescht Gesiicht gött.

De PAP ass konform zum PAG. Et war iwwerens deem eenzege vun den agreechte Projeten, deem, wat d'Unzuel vun de Logementen ubelaangt, direkt konform zum PAG war. Et sinn der hei Maximum 80. Ech mengen, do war net iwwerdriwwen ginn, am Géigesaz, wéi Der sot, zu deem ganz gréngen an héijen Tower. Do war bei wäitem iwwerdriwwen ginn. Dat war méi en eenzelt Gebai an net esou eng ganz Struktur, esou eng Mixitéit, wéi se elo hei ass. Dat war dat, wat déi Projeten ëmmer vuneneen ënnerscheet huet.

An Dir wësst, et ass jo net nëmmen op d'Architektur ukomm, mä et ass op d'Gesamtheit, op d'Mixitéit, d'Attraktivitéit, d'Architektur an all déi aner Funktionalitéiten hei ukomm. Haut wëlle mer jo net méi doriwwer schwätzen, mä mir wëlle virun allem driwwer schwätzen – an dat ass ervirzesträichen –, dass mer dee PAP awer relativ schnell elo scho virleien hunn.

Pour ce qui est du résultat du concours, Frenz Schwachtgen aurait plutôt opté pour la tour verte, qui serait devenue une attraction moderne. Mais la tour choisie comprend aussi une façade et une toiture vertes.

Le PAP est quelque peu vague puisqu'il est écrit que les toitures pourront être végétalisées et les jardins pourront être accessibles au public. Le promoteur a donc une marge de manœuvre. Frenz Schwachtgen trouve que le texte devrait être plus restrictif.

Il constate par ailleurs que le PVC n'est pas interdit, mais qu'il doit être évité. Or la commune va publier un guide de la construction auquel elle devra se tenir. Il y a conflit.

10 % des logements seront des logements à coût modéré. Cela suffit-il? Pourquoi une seule place de parking est-elle prévue par appartement contre 1,5 normalement?

Dans le cadre de la réalisation du nouveau PAG, Frenz Schwachtgen espère qu'une analyse sera faite des conséquences de l'urbanisation de l'entrée en ville sur le trafic et sur les écoles.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

rappelle que la tour n'appartient pas à la commune. Celle-ci a vendu le terrain à certaines conditions pour huit-millions d'euros.

ERNY MULLER (LSAP) donne entièrement raison à M. Traversini. Comme il s'est longtemps occupé du projet, il est content que le PAP soit présenté aujourd'hui au conseil communal. Ce projet contribuera à moderniser la ville.

Il était le seul en conformité avec le PAG pour ce qui est du nombre de logements. Il y en aura 80 au maximum. La tour verte exagérerait dans ce contexte. Cette tour-ci constitue une structure mixte. Erny Muller rappelle que le concours ne portait pas seulement sur l'architecture, mais aussi sur la mixité, l'attractivité et les fonctionnalités.

Mais il ne veut pas revenir sur ces aspects. Il tient simplement à souligner que le PAP a pu être présenté rapidement.

2. PAG et PAP

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

trouve cela impressionnant.

ERNY MULLER (LSAP) *avoue qu'il ne s'y était pas attendu.*

Le PAP comprend plusieurs bâtiments aux différentes fonctions. Erny Muller ne souhaite pas revenir sur les détails.

M. Schwachtgen a raison de dire que tout n'est pas encore clair. Mais la convention d'exécution doit encore être finalisée. La population doit pouvoir profiter des installations. En effet, des jardins suspendus et des espaces de rencontre sont prévus aux niveaux 0, 1 et 2.

La mixité du projet est mise en avant. Les tours jumelles constituent la pièce maîtresse du projet. Elles comprennent 22 étages sur 60 m de hauteur. Cinquante logements sont prévus dans la construction A. Le plus petit fait 75 m² sans terrasse, balcon et cave. La commune a d'ailleurs dû participer aux frais; autrement, elle aurait encaissé plus que huit-millions d'euros. Elle souhaitait promouvoir une certaine culture d'habitat. Erny Muller rappelle que le projet prévoit la création de 80 unités de logement, dont 30 pour les séniors. L'autre tour en comprend 135.

La partie B contiendra trente logements pour séniors. Ces logements sont particulièrement attractifs et se trouvent à proximité du centre et des transports en commun.

Les deux tours sont reliées par une structure en verre. Les accès figurent sur les plans.

Le rez-de-chaussée accueillera une crèche, un appart-hôtel, des cabinets médicaux et des surfaces de bureau.

Ces bâtiments jouxtent la rue du Gaz, mais il faudra réfléchir à un nom définitif pour la rue.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond que ce ne sera pas facile.

ERNY MULLER (LSAP) *répète qu'il faudra réfléchir à la question.*

Des critères écologiques sont à respecter. On voit la façade de 90 m, comparable à un «Bosco verticale».

BUERGERMEESCHTER ROBERTO

TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, dat ass schonn impressionnant.

ERNY MULLER (LSAP):

Dat hat ech mer net erwaart, dat muss ech éierlech soen.

De PAP ëmfaasst eng Partie Gebaier, déi no verschidde Funktiounen definéiert an ënnertenee verbonne sinn. Dat ass schonn hei erwäant ginn. Ech wëll net op alles agoen, just op e puer Detailler.

Et si Verbindungen um Niveau 0, Rez-de-chaussée, wou am Prinzip jiddweree soll derduerch kommen. Dir hutt recht, Här Schwachtgen, do mussen nach Saache gereegelt ginn. Duerno kënnst jo nach eng Convention d'exécution. Do huet ee nach d'Méiglechkeet, ganz genee ze reegelen, wéi dat da geet.

Well effektiv soll d'Populatioun vun deenen attraktiven Anlage profitéiere kënnen. Well déi gehéieren am Fong derzou. Dat gëtt och esou erkläert, datt tëschent Niveau 1 respektiv Niveau 0, 1 an 2 eng parkähnlech Landschaft entsteet. An de Pläng heescht dat Jardins suspendus an Espaces de rencontre, an als solches gëtt dat deklaréiert an ageriicht. Dat soll der ganzer Populatioun zegutt kommen.

D'Mixitéit vum Projet stécht besonnesch ervir. D'Pièce maîtresse ass, ech géif elo emol soen, en Twin-Tower, deen un d'rue Emile Mark stéisst. Wann Der d'Pläng richteg gekuckt hutt, dann hutt Der gesinn, dass et am Fong en duebelen Tuerm ass. Zirk 60 Meter héich, am Ganzen 22 Stäck. Op där enger Säit ass d'Konstruktioun A bezechent. Do si 50 Logementer, wou dat Klengst 75 m² huet, ouni Terrass, ouni Balkon an ouni Keller, also reng Notzfläch. Do hu mer drop insistéiert. Do huet d'Gemeng och eppes derzou bäigeluecht.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO

TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richteg.

ERNY MULLER (LSAP):

Soss hätt mer vläicht nach méi Geld encaisséiert wéi déi aacht Milliounen Euro. Mä mir wollten, dass de Projet eng gewësse Wunnkultur offréiert. Wat net ëmmer de Fall ass bei deenen aneren Toweren, déi niewendrun opgeriicht ginn. Nëmme fir drun ze erënneren, mir schwätzen hei vun 80 Unitéiten. Dovun 30 fir Seniorene. Deen aneren Tower, wou deemnächst d'Grondsteeleung ass, huet der 135. Nëmme fir ze soen. Wat fir een Ënnerscheid.

Ganz wichteg ass déi Säit B mat deenen 30 Logementer fir Seniorene. Et kann näischt méi attraktiv si fir d'Seniorene wéi déi dote Plaz: direkt beim ëffentlechen Transport an no um Stadzentrum. Ech ka mer virstellen, dass déi ganz séier fort sinn.

Déi zwee Towere sinn duerch eng Glasstruktur matenee verbonnen. Do ginn d'Accès geréiert. Dat gesitt Der un de Pläng am Dossier.

Des Weidere fanne mer Geschäftsflächen um Rez-de-chaussée: eng Crèche an – den Här Liesch huet et scho gesot – op der Säit vum Science Center en Appart-Hotel, Cabinet-médicalen, Bürosflächen an esou weider. Déi Gebaier ginn esou deklaréiert, dass se un d'rue du Gaz stoussen, mat maximum tëschent aacht an néng Stäck, dat anert, wat den Appart-Hotel ubelaangt. Ech géif mengen, mir missten eis Gedanke maachen, wéi mer déi Strooss dann definitiv nennen. Well dat huet mat der rue du Gaz absolutt näischt méi ze dinn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO

TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Et ass net einfach.

ERNY MULLER (LSAP):

Fir de Moment stéiert dat eis net. Mä definitiv, mengen ech, musse mer eis dorwäert Gedanken maachen.

Wéi scho gesot ginn ass, sinn eng Partie ganz interessant ekologesch Kritären an deem heite Projet. Et wonnert ee sech, well et gesäit een déi net esou eraus wéi eng ganz begrängte Fassad

vun 90 Meter Héicht, esou „Bosco Verticale“. Et muss ee soen, hei si ganz raf-finéiert Saachen an ekologesch Interessen integréiert. Notamment och um Niveau vun der Kreeslafwirtschaft, Recyclingsmaterialien an esou virun. Dat steet och alles am Dossier. Vlächet net ganz genee mam Punkt um i, mä et gëtt awer dovun geschwat. Mir haten eis dovun iwwerzeegelooss, wéi de Projet virgestallt ginn ass.

10% Logements à coût modéré. Dat schéngt op eng Manéier wéineg. Mä et ass awer bezunn op d'Surface brute an op d'Gebai selwer. Dat heescht, et ass net op dee ganzen Areal gekuckt, nee, et sinn 10% vum Logement. Dat ass zwar och Gesetz, do hutt Der recht, Här Schwachtgen. Bei iwwer 26 Logementen sinn 10% souwisou Virschreift. Den Här Liesch hat et als Bamallee deklaréiert, wat stëmmt, wou och e Wee fir d'Foussgänger geplangt ass. Ech mengen, dass dat exzellent a ganz gutt gereegelt ass. Dat kann een nëmme festhalen.

Dee ganzen Areal ëmfaasst 83,31 Ar, wovun 66,58% Surface privée ginn. A 27,84 Ar oder 33,42% gi Surface publique. Dir wësst, dass 25% üblech sinn. Hei gëtt net vun engem Supplément geschwat, dat ass eng Plus-value, déi do mat afléisst, wou mer näischt fir déi 8% hu misse bezuelen. Nee, dat kënnt un eis zréck.

An d'Densitéit vun de Logementen, déi jo ëmmer iwwer een Hektar gerechent gëtt, ass 96,03.

Zum Avis vun der Cellule d'évaluation. Ech ginn net am Detail drop an, dat hutt Dir gemaach, Här Liesch. D'Cellule übt Kritik um Parking Souterrain. Ech wëll awer zum Här Schwachtgen eppes soen zu deene Stellplazen. Mir sinn hei un enger zentraler Stell, wat d'Mobilitéit ubelaangt. Mir sinn en face vun enger Gare, do sinn all Connectiounen zu der Mobilitéit. An esou Fäll, net nëmme hei, si mer scho säit Joren zréckgaangen op eng Stellplaz pro Unitéit.

Dat schéngt mer evident, dass d'Kommissioun dem Promoteur hei felicitéiert fir d'Mixitéit vum Projet. Dat war jo dat, wat dee Projet hei speziell ervirgestrach huet a firwat deen och zréckbehale ginn ass. An ech muss soen – an

do kommen ech op de Commerce –, dat war dee Projet, wou am iwwerzeegendsten a mat konkreten Iddien de Commerce duergestallt ginn ass. Dat war dee Projet, wou ganz kloer Virstellung waren, déi ee konnt novollzéien. Do waren och Dokumenter am Dossier an esou weider. Dee Projet huet am iwwerzeegendste gewierkt.

Mir hu jo d'Prise de position vun eis selwer virleien, déi awer an engem Büro ausgeschafft ginn ass. D'LSAP ka sech op jidde Fall alleguer deene Positiounen zum Avis ralliieren.

Ofschléissend nach e puer perséinlech Wieder. Wann ech elo den definitive Projet an deem PAP gesinn, dann deet et mer net Leed fir déi vill Stonnen, déi ech am Zesammenhang mam Tower-Concours verbruecht hunn. De PAP setzt de Projet beschtméiglech ëm. D'LSAP stëmmt selbstverständlech de PAP Tower entrée de ville mat Remarken zum Avis vun der Cellule, wéi se am Dossier opgeléicht sinn. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Muller. Är Begeeschtung ass nach ëmmer wéi virun e puer Méint. Villmools Merci dofir. Och fir déi Erklärungen. Do brauch den Här Liesch net méi vill ze äntweren.

Här Tempels, w.e.gl.

GUY TEMPELS (CSV):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Hären, de Projet passt gutt op dës Plaz. E wäert der Entrée de la ville, oder Déifferdeng, hiert Gesiicht ginn. Hei wäerten 80 Wunnengen entstoën, zum Deel sozial, an och 25 Stéck fir eeler Leit. Den Här Muller huet et gesot, ech hat et net direkt erausfonnt hei am Dossier. Commercë kommen heihinner, Dokter, een Appart-Hotel a Büroe si virgesinn.

Wat mir opgefall ass, am Ministère vum Interieur sengem Avis, déi 100.000 Kubikmeter Bauschutt, déi ufalen, ginn am Dossier BEST Ingenieure e bëssen ënner. Ech mengen, et gëtt jo awer e Parking Souterrain gebaut, an

Mais Erny Muller mentionne aussi l'économie circulaire, les matériaux de recyclage... Le dossier en parle sans entrer dans tous les détails.

10 % des logements sont à cout modéré. Erny Muller précise qu'il s'agit de 10 % de la surface déclarée pour les logements et non de la surface totale. C'est ce que prévoit la loi pour toute résidence de plus de 26 logements.

M. Liesch a parlé de l'allée bordée d'arbres. Un chemin pour piétons est également prévu.

Le site fait 83,31 a, dont 66,58 % de surface privée et 33,42 % de surface publique au lieu des 25 % habituels. La commune n'a pas dû payer pour les 8 % supplémentaires. La densité des logements est de 96,03.

Erny Muller ne souhaite pas revenir sur les critiques de la Cellule d'évaluation.

Il rappelle à M. Schwachtgen que le site est près du centre et qu'il est bien desservi. La gare est en face. C'est pourquoi une place de stationnement par appartement devrait suffire.

La commission félicite le promoteur pour la mixité de son projet. C'est d'ailleurs la raison pour laquelle la commune l'a choisi. Il s'agit aussi du projet avec les idées les plus précises en matière de commerce.

La prise de position de la commune a été élaborée par un bureau. Les socialistes peuvent s'y rallier.

Quand Erny Muller voit ce projet, il se dit content d'avoir passé tellement d'heures à travailler sur le concours des tours. Le PAP permettra de réaliser ce projet de la meilleure des façons. Les socialistes l'approuveront.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

remercie M. Muller pour son enthousiasme, qui est aussi fort qu'il y a quelques mois. Il le remercie aussi pour ces explications. M. Liesch n'aura pas beaucoup à ajouter.

GUY TEMPELS (CSV) constate que l'entrée en ville constituera le visage de Differdange. Ce projet prévoit 80 logements, dont une partie pour les seniors et une partie à cout modéré. Il y aura aussi des com-

2. PAG et PAP

merces, des docteurs, un appart-hôtel et des bureaux.

Les 100 000 m3 de gravats mentionnés par le ministère de l'Intérieur ne figurent pas dans le dossier. Mais il faut rappeler qu'un parking souterrain sera construit.

En ce qui concerne le commerce, le centre risque de se déplacer vers le plateau du Funiculaire. Il faut faire attention.

ALI RUCKERT (KPL) rappelle qu'il a déjà voté contre ce projet, car il ne correspond pas aux attentes des communistes. Differdange n'a pas besoin d'un tour ou de tours jumelles.

S'il voulait être malveillant, il dirait qu'on sait comment ces choses-là se terminent parfois. Mais en tout cas, ce n'est pas ce dont Differdange a besoin.

Il a été dit que le projet comprenait des logements sociaux, mais Ali Ruckert ne les a pas vus. Il est uniquement fait mention de 10 % de logements à cout modéré. Une ligne plus loin, on explique qu'ils seront vendus au prix courant. Bref, on construit des appartements pour les riches, un appart-hôtel pour les riches et des logements pour les vieux riches. Une grande partie de la population differdangeoise ne pourra pas se les permettre. Il n'y aura pas non plus d'appartements à louer. Il est probable qu'ils ne soient pas adaptés à un quartier aussi chic.

(Rires)

Ali Ruckert suppose qu'ils seront construits dans des quartiers où les gens ont moins d'argent. Il a déjà dit qu'à son avis, ce projet va dans la mauvaise direction.

La Cellule souligne le fait que l'on crée un centre alternatif pour les gens mieux lotis. Differdange n'en a pas besoin. Le KPL votera contre ce projet.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) explique à son tour que les gratte-ciels sont peu communs au Luxembourg. Les gens n'y sont pas habitués. Mais cela ne signifie pas que Differdange n'en a pas besoin. La question n'est pas de savoir si un gratte-ciel et une bonne chose ou pas, mais de voir comment il est construit et aménagé. Il s'agit d'une question d'urbanisme.

et ass e Schlammkoup, loosse mer emol esou soen.

Et sief dann. Dëst wäert um Enn eng Beräicherung fir Déifferdeng ginn. Mir müssen awer oppassen op d'Geschäftswelt am Zentrum, dat steet och am Avis vum Ministère. Mir riskéieren, den Zentrum heihinner ze verlagere. D'CSV stëmmt dëse Projet trotzdeem mat Jo. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Här Ruckert, w.e.gl.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet u sech hate mer jo schon am Gemengerot. Deemools hunn ech als Verrieder vun der Kommunistescher Partei dergéint gestëmmt, well en absolut net eise Virstellungen entsprécht. Mir sinn der Meenung, dass Déifferdeng keen esou een Tuerm brauch, och keng zwee Tüerm, keng Twin-Toweren. Wann ech elo gehäseg wär, géif ech soen, et weess ee jo, wéi dat endegt, heiansdo. Mä op alle Fall brauche mer dat net. Dat ass net dat Richteg fir eis Stad.

Dee Projet ass elo hei gelueft ginn, an et ass besonnesch gelueft ginn, dass jo och sozial Wunnengen do géife gebaut ginn. Ech muss Iech éierlech soen, ech hunn dat elo alles gelies, ech hu keng sozial Wunneng entdeckt. Do steet zwar, et géifen 10% Logements à coût modéré gebaut ginn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

ALI RUCKERT (KPL):

Wann Der eis emol kéint erklären, wat dat ass. An der Zeil duerno kréie mer eng Erklärung. Do steet: „Ils seront vendus aux prix du marché“. Dat ass also erëm eppes ganz anescht.

Sou wéi ech dat de Moment iwwerblécken, ginn hei Wunnenge fir Leit, déi

besser verdéngen, oder räich Leit gebaut. Et gëtt en Appart-Hotel fir räich Leit gebaut, et gi Wunnenge fir al räich Leit gebaut. Mä e groussen Deel vun der Déifferdenger Bevëlkerung ka sech do näischt leeschten.

Eng Mietwunneng gëtt iwwerhaupt net do gebaut. Dat passt vläicht net an dee Quartier chic do.

(Gelaachs)

Déi müssen dann an aner Quartieren transportéiert ginn, déi Leit, déi net esou vill Suen hunn. Ech hunn den Androck, dass dee Projet dorop erausleeft.

Ech ginn net méi op alles an. Ech hunn dat eng Kéier hei an enger Gemengerotssitzung gesot, dass dat an déi falsch Richtung geet. Et ass deelweis vun der Cellule gesot ginn, dass nieft dem Zentrum vun Déifferdeng, do en alternativen Zentrum fir déi besser Leit entsteet. Esou eppes brauche mer zu Déifferdeng eben net. An dofir wäert ech, als Verrieder vun der KPL, och an dëser Sitzung hei, géint dee Projet stëmmen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kollegen a Kolleginnen aus dem Gemengerot, ech wollt och op dee Projet hei agoen. Et ass elo zweemol ugeschwat ginn, awéiwäit en Héichhaus e Friemkierper zu Lëtzebuerg ass. Et ass in der Tat eppes, wat d'Leit wéineg gewinnt sinn. Dass mer awer keng Héichhauser brauchen, géif ech a Fro stellen. D'Fro ass net, ob en Héichhaus gutt oder schlecht ass, d'Fro ass, wéi en Héichhaus gebaut gëtt, wéi et amenagéiert gëtt a wéi ronderëm amenagéiert gëtt. Dat ass eng urbanistesche Fro.

Mir si gewinnt, dass jiddereen en Haus fir sech huet, am beschten elengstoend, net ugebaut. Mä dann huet d'ëffentlech Hand – da bezilt jiddereen ganz vill mat fir déi Hauser, déi esou gebaut ginn, déi vill Fläch verbrauchen. Well da braucht

de vill Strooss, vill Kanalisatioun, vill Leitungen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richteg.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Du hues e grouse Flächeverbrauch, well mir zersidelen eis eegent Land op déi Aart a Weis. An dat gesäit een net, wann ee just säin eenzelt kuckt. Mä dat ass awer e gesellschaftlechen objektive Fakt. An dee muss een da gesinn.

Héichhaiser kënnen op jidde Fall eng Äntwert dorobber sinn. Awer da muss am Géigenzuch séchergestallt ginn, dass ronderëm net alles zougebaut gött, an dass een d'Héichhaiser do baut, wou se gutt hipassen. Dat ass an dësem Fall ginn, well d'Transport-publique sinn do, et ass no bei engem Zentrum.

Et ass in der Tat keen Héichhaus fir déi Aarm, wéi se a verschiddene Grousstied op de Rand vun der Stad gebaut ginn. Leider ass et och keen Héichhaus fir déi Aarm, an deem Sënn dass, wann et am Zentrum ass, ebe grad séchergestallt gött, dass och sozial Mietwunnenen innerhalb vun deem Ganzen dra sinn.

Wéi den Här Ruckert gesot huet, steet op e puer Plazen „Logements à coût modéré“, an dann awer „vendus aux prix du marché“. Mir wësse jo, wat d'Präisser sinn. Mir hu se jo festgeluecht an der Konventioun. Wat u sech en interessante Modell ass, well een domadder dem Promoteur net fräi Hand léisst, fir onmoosseg Suen domadder ze maachen.

Déi Präisser sinn zwar zum Deel interessant, wann ee kuckt, wat am Moment d'Maartpräisser sinn, mä si sinn awer wäit ewech vu soziale Mietwunnenen. Well et si keng Mietwunnenen. Si si wäit ewech vu Wunnenen, déi wierklech accessibel wäere fir Leit, déi zum Beispill guer kee Prêt kréien. Dat ass ee vun de grouse Problemer am Logementsberäich zu Lëtzebuerg, dass eben eng ganz Rei Leit emol guer kee Prêt kréien. An da kënnt dofir näischt fir si a Fro. Dat heescht, déi Ge-

for, dass dat heite fir bessergestallte Leit ass, déi ass absolutt ginn. Dat ass eise gréisste Kritikpunkt un deem heite Projet.

A wann ech soen, d'Fro ass, wéi ech en Héichhaus bauen, da gehéiert fir mech och dozou: Wéi erhalen ech en Héichhaus? Mam Hadir-Tower hätte mer eng eemoleg Chance gehat, eppes ze erhalen an en Héichhaus ze hunn, dat urbanisteschem genotzt gi wär.

Dat och d'Akzeptanz vun de Leit kritt hätt, well, wéi mer jo hei héieren, ass d'Akzeptanz net onbedéngt do. Dat wär eng ganz aner Diskussioun gewiescht, wa mer den Hadir-Tower erhalen, valoriséiert an an e Konzept agefüügt hätten. Well da wäeren d'Repèren, déi d'Leit hei vun Déifferdeng awer hunn, op jidde Fall gi gewiescht. An dat wär keen depaysagéierten Tower gewiescht, dee riskéiert gehat hätt, net wierklech an den Tissu social urbain et patrimonial integréiert ze ginn.

Aner Saache si gesot ginn, déi awer wichteg sinn, widderholl ze ginn. Ech hu mer se opgeschriwwen: „Toitures végétalisées peuvent ...“, déi Formulatioun gött, wéi den Här Schwachtgen scho gesot huet, a wéi aner Formulatiounen, vill Méiglechkeeten, dat dann net ze maachen.

Ech verstinn net, firwat een déi Formulatioun esou vag gehalen huet, do muss ee méi decisiv sinn. An da steet op e puer Plazen eppes vun engem neie Vëloswee, awer net op der Plaz vun der Mobilitéit. Dat ass ënnert dem Punkt 3.1.3. Kënnt e Vëloswee och hannert d'Bamallee, mat Trottoir? Oder wéi ee Vëloswee ass do gemengt? A firwat steet en net op där Plaz?

D'Cellule huet gesot, net ze vill oder guer net an d'Déift bauen, wéinst dem Bauschutt. Am ganze PAP steet, dass am Fong just zwee vu véier Sous-sollen obligatoresch wäeren, fir d'Konditiounen vum PAP a vum PAG ze erfëllen. Et ginn der awer véier gebaut. Do wollt ech nofroen, ob vläicht e Moyen besteet, fir de Volume vum Bauschutt ze reduzéieren.

Finalemant nach eng Fro, déi wäert ech och herno bei engem anere PAP stellen: Bei Gestion des eaux usées et pluviales

Au Luxembourg, chacun veut avoir sa villa. Ces maisons content cher et occupent une surface conséquente. Il faut beaucoup de routes, de canalisations et de conduites. Mais on ne s'en rend pas compte, si l'on ne fait attention qu'à soi-même.

Les gratte-ciels peuvent être une réponse à condition qu'ils soient adaptés à leur environnement. Le site en question est près du centre. Il est desservi par les transports en commun. Ce n'est pas non plus un gratte-ciel pour les pauvres en périphérie d'une grande ville. Mais il n'y a effectivement pas non plus d'appartements à louer.

Comme l'a souligné M. Ruckert, les logements à cout modéré seront vendus au prix courant. D'un côté, on empêche le promoteur de faire des bénéfices énormes. Mais de l'autre, le prix courant au Luxembourg n'a rien à voir avec des logements sociaux à louer. Ces logements ne seront pas accessibles aux personnes qui ne peuvent pas obtenir de prêts. Le risque que les appartements soient destinés aux gens avec plus d'argent existe bel et bien.

Il se pose aussi la question de savoir comme le gratte-ciel sera entretenu. Gary Diderich trouve que l'on aurait pu préserver et valoriser la tour Hadir, qui, elle, était bien acceptée de la population. Les repères existaient déjà. Il n'était pas nécessaire de construire une tour qui risque de ne pas s'intégrer dans le tissu social, urbain et patrimonial de Differdange.

M. Schwachtgen a mentionné plusieurs formulations vagues et notamment celles concernant les toitures végétalisées qui «peuvent» être aménagées. Gary Diderich ne comprend pas pourquoi ces formulations sont aussi vagues.

Le dossier fait mention d'une piste cyclable, mais pas dans la partie «mobilité». De quelle piste cyclable est-il question?

La Cellule demande de ne pas construire sous terre pour éviter les gravats. Seuls deux sous-sols sont obligatoires selon le PAP et le PAG. Mais on en aménagera quatre. Comment le collège échevinal compte-t-il réduire les gravats?

Les eaux usées et les eaux pluviales seront gérées séparément. Mais qu'en est-il de la pluie qui tombe par terre et qui est donc souillée? Sera-t-elle canalisée vers la station d'épuration ou vers la Chiers?

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)

constate que M. Muller a montré ses connaissances. Georges Liesch a présenté le projet aujourd'hui, mais c'est M. Muller qui l'a élaboré et accompagné. Il le remercie pour son travail. Le mérite de ce projet lui revient.

M. Muller a expliqué pourquoi une place de stationnement par appartement suffit.

M. Schwachtgen a posé une question à laquelle il a lui-même fourni la réponse. Plus de parkings engendrent plus de trafic. Si la commune exigeait 1,5 emplacement par appartement, il faudrait aussi construire davantage sous terre. En réduisant le nombre de places de stationnement, le collège échevinal espère pousser les gens à recourir à d'autres moyens de transport que la voiture.

Le site est centralisé. Les gares de bus et de train se trouvent à proximité. Il y a des pistes cyclables. Bref, la voiture n'est pas nécessaire tous les jours et la décision est donc pertinente. Il aurait été courageux d'aménager même moins de places. Deux niveaux souterrains suffisent à aménager les places de stationnement pour les résidents. Mais les commerces veulent aussi des emplacements. C'est pourquoi le sous-sol comprendra quatre niveaux.

Le promoteur a proposé au collège échevinal d'aménager un parking public, mais il a refusé pour des raisons de coûts et de stratégie.

Pour ce qui est de l'école, les tours ont été incluses dans l'étude démographique réalisée il y a deux ans. À l'époque, on savait déjà combien de logements il y aurait plus ou moins. L'étude démographique tient compte du potentiel de la ville et des projets sur le point de commencer.

Georges Liesch rappelle que des écoles de quartier sont en train d'être construites à Differdange et à Niederkorn. La réalisation de ce type de projets dure entre quatre et cinq ans. L'étude démographique

steet, dass déi separat gefouert ginn. Wat gëtt do separat gefouert? D'Reewaasser, wat iwwert d'Strooss an iwwer eng Parkingsafaart leeft, leeft dat och an d'Reewaasser oder net? Do gëtt et Leitinnen um nationale Plang, wou kloer soen, dass dat soll ofgefouert ginn an d'Kläranlag an net an d'Kuer mam Reewaasser agefouert soll ginn. Well do iwwer d'Stroossen och Ueleg an Dreck an esou weider do drakennt. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

Merci och. Den Här Liesch wäert versichen, ze äntwerten. Här Liesch, w.e.gl.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)

Vill Froe waren et jo net. Den Här Muller huet effektiv all seng Kenntniss heidergeluecht, hie verdénkt den eigentleche Merite. Ech presentéieren hei e Projet, mä et muss een awer wierklech soen, dass den Här Muller an deene leschte Joren dëse Projet begleet huet an dru geschafft huet. An dofir och all d'Kenntniss heider genau konnt erëmginn. Dofir nach eng Kéier Merci fir déi Aarbecht, wat ech hei elo just presentéieren, mä wou hien awer d'Merite ganz sécher dovunner huet.

D'Fro vun de Parkingen huet den Här Muller scho beäntwert. Ech mengen schonn, dass dat Sënn mécht, well mer hei genau am Zentrum sinn.

Här Schwachtgen, Dir hutt d'Fro gestallt an Iech d'Äntwert praktesch selwer ginn. Wa mer hei méi Parkinge fuerderen, fir d'Leit, déi do wunnen, generéiere mer natierlech domadder méi Trafic op där Kräizung.

Et ass kloer, all Parkplaz bréngt méi Trafic. A wa mer hei 1,5 Parkplaze pro Awunner froen, da gi mer éischters nach méi an de Buedem. Da misste mer nach méi Bauschutt eraushuelen. Zweetens hu mer esou vill Parkplaze méi an esou vill Autoe méi a generéieren doduerch vill méi Trafic. Et ass also konsequent, wa mer hei d'Unzuel u Parkplaze reduzéieren. Well nëmmen esou brénge mer et fäerdeg, dass bei de Leit awer lues a lues en Ëmdenke kënnt a se iwwer aner Mobilitéitskonzepter

nodenken, wéi just den Auto ze huelen. An et ass elo e puermol gesot ginn, dass jo op dëser Plaz nu wierklech all Mobilitéit ugebuede gëtt. Mir hunn hei eng zentral Busgare, déi entsteet. Mir hunn eis eegen, déi net wäit ewech ass. Mir hunn hei d'CFLs-Gare, wou wierklech all Véierelstonn en Zuch stoe bleift. Mir hu Véloen, mir hunn alles hei, wat een eigentlech brauch, fir net mussen op en Auto all Dag zrëckzegräifen. Duerfir, mengen ech, ass déi Decisioun absolutt richtig. Et hätt ee souguer vläicht nach méi couragéis kënne virgoen an et nach reduzéieren.

Den Här Diderich hat gefrot, firwat et do nach méi déif erageet. Et ass esou, dass déi zwee Stäck, déi elo gebraucht gi fir d'Parkplazen, dat geet duer, fir deem gerecht ze ginn, wat mer brauchen, fir een Emplacement pro Wunnen heider ze realiséieren. Mä do komme jo och nach Commercen. Soudass déi eigentlech och Demandeur sinn, fir Parkplazen ze kréien.

Si waren och un eis erugetrueden, ob mir als Gemeng drun interesséiert wären, do Parking public ze maachen. Dat hu mer awer net gemaach. Well mer jo e Parkhaus vis-à-vis plangen. Da wäre se nämlech nach méi déif gaangen, an do hu mer gesot, dat wëlle mer op kee Fall. Aus präisliche wéi aus strategesche Grënn hätt dat kee Sënn gemaach.

Ass op d'Schoul gekuckt ginn? Ech mengen, dat hat den Här Schwachtgen gefrot. Jo. Mir hate virun zwee Joer eng Étude démographique heider an der Gemeng gemaach. Do sinn all d'Projeten, déi schonn en vue waren, mat agefloss. Och dëse Projet louch schonn um Dësch, op d'mannst an de groussen Zich, dass do en Tower géif entstoe mat ongeféier esou ville Logementer.

Dat heescht, all déi Projeten, déi potentiell Flächen, déi mer och nach hunn, sinn an déi Étude démographique mat agefloss. Soudass déi dräi Zeenarien, déi do erauskomm sinn an an där Étude démographique beschriwwen goufen, eigentlech deem Potential, wat mer hunn, an de Projeten, déi akut virun der Dier stinn, Rechnung droen.

A mir hunn och schonn drop reagéiert. Mir sinn am Gaangen, zu Nidderkuer eng Quartiersschoul ze plangen. Mir

sinn am Gaangen, hei zu Déifferdeng eng Quartiersschoul ze plangen. Dat si jo alles scho Moyenen, wou mer drop reagéieren, well mer wëssen, dass esou Projete véier, fënnef Joer brauchen. Dass mer zäitno mat deene Projeten och eis Schoulinfrastruktur wäerten ausbauen.

Also mir sinn am Gaangen, dorunner ze schaffen. Déi Etüd gëtt seriö geholl. Mir leeën déi net an den Tirang. Do ass dat wierklech scho berécksiichtegt ginn.

An da war nach eng Fro iwwert de Coût modéré. Ech mengen, et ass eben dat, wat am Gesetz steet. Et ass richtig, wéi den Här Muller dat hei erkläert huet, déi 10% stinn am Gesetz, di ginn agehalen an déi gi gekuckt op d'Surface. Do kann een driwwer streiden, ob dat genuch ass oder net. Mä et ass op jidde Fall dat, wat virgesinn ass.

Déi aner Diskussioun, ob dat elo deier Wunnenge si fir Räicher an esou weider – Dir frot: Wat ass de Prix du marché? Ech froen Iech dann zréck: Definiert mir, w.e.gl., wat si räich Leit a wat sinn aarm Leit?

(Ënnerbriechung)

Jo, ech mengen, dat ass eng richtig Analys, dass déi Leit, déi kee Prêt kréien, wahrscheinlech hei net onbedéngt eppes kënnen kafen. Do ginn ech Iech ganz recht. Dat ass sécher richtig. Mir hunn awer zu Déifferdeng scho ganz vill aner Projete realiséiert, wou dat méiglech ass. An et muss een och kucken, net iwwerall alles mussen ze realiséieren. Mä dass een dat an der Gemeng als Entitéit realiséiert kritt. An ech mengen, do si mer awer um richtige Wee.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide avec 16 voix oui et 2 voix non d'approuver le projet d'aménagement particulier au lieudit «Entrée en Ville – Tower» à Differdange présenté par le collège des bourgmestre et échevins pour le compte de la société B.P.I. Real Estate Luxembourg SA.

Villmools Merci. Da géife mer zum Punkt 2c kommen, de Plan d'exécution vum Ouschterbuer. Et ass e Compromis de vente do. An där leschter Gemeengerotssitzung war festgehale ginn, dass mer zwou Plaze sollte kafen. Dir gesitt de Präis dovunner. Mir sinn hei der Forderung vum Gemengerot nokomm.

Ech ginn dem Här Schwachtgen d'Wuert. Här Schwachtgen, w.e.gl.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech wollt just soen, dass ech de Sall wäert verloossen. Däerf ech dat vläicht an engem Saz erklären?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

De PAP Ouschterbuer war jo d'lescht Joer an der Diskussioun, wéi e gestëmmt ginn ass. Mir haten deemools vum Inneminister u sech gesot kritt, den Här Wintringer vun der DP an ech, mer missten de Sall verloossen, well mer do ronderëm an deene Stroosse wunnen. An och, well mer am Kader vun der Reklamatiounsperiod eng Rei Awänn a Suggestiounen gemaach haten. Mir waren do géigesätzlecher Meinung. A wat fir mech d'lescht Joer gegollt huet, gëllt eben och dës Joer. Ech géif aus eegene Stécker de Sall an deem Debat verloossen, fir en an deem Sënn net ze beaflossen. Ech soen Iech Merci.

est prise au sérieux et le collège échevinal en tiendra compte.

Pour ce qui est des logements à cout modéré, M. Muller a expliqué que la loi prévoit d'en aménager 10 %. Bien sûr, on peut débattre du chiffre. Mais c'est ce qui est prévu. M. Ruckert a demandé ce qu'était le prix courant. Georges Liesch lui demande de définir «pauvre» et «riche».

Il trouve l'analyse de M. Diderich pertinente. Les gens qui ne peuvent pas obtenir de prêt ne pourront pas acheter un appartement dans la tour. Mais d'autres projets à Differdange sont plus abordables. On ne peut pas avoir tout partout. Il faut voir la commune dans son ensemble.

(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

passé au point 3 c, le plan d'exécution d'Ouschterbuer. Lors de la dernière séance, le conseil communal a demandé au collège échevinal d'acquiescer deux terrains.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

va quitter la salle et demande à M. Traversini s'il peut expliquer pourquoi.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond que oui.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

rappelle que le PAP Ouschterbuer a été débattu l'année dernière. À l'époque, Frenz Schwachtgen et M. Wintringer avaient dû quitter la salle sur demande du ministre de l'Intérieur, car ils habitaient dans le quartier et avaient fait des suggestions pendant la période de réclamation.

Ce qui valait l'année dernière vaut encore aujourd'hui. Frenz Schwachtgen ne veut pas influencer le débat.

2. PAG et PAP

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *ne souhaite pas revenir sur le PAP, dont il a été question en long et en large. Ce débat prouve que le conseil communal a un impact sur les décisions, car le PAP a été modifié sur la base de ses suggestions.*

Le projet est intéressant, car il a laissé un arrière-gout à tous les conseillers communaux. Comme il s'agit d'un beau site, la question se pose de savoir s'il faut vraiment y réaliser un projet. D'un autre côté, le terrain se trouve dans le périmètre de construction et il est donc constructible. Il faut donc réfléchir à la façon de procéder.

Après maintes discussions, le conseil communal dispose enfin d'un projet viable.

La convention d'aujourd'hui concerne sur les travaux d'infrastructures qui seront cédées à la commune. Elle porte sur deux ans, au cours desquels tous les travaux devront être réalisés.

Le promoteur devra aussi verser de l'argent à la commune pour l'éclairage et les aires de jeux. L'expérience des dernières années a montré que cette façon de procéder est la bonne. Elle permet à la commune d'acquérir le matériel qu'elle souhaite et que les services communaux pourront entretenir.

On a demandé à Georges Liesch si les compensations écologiques seraient réalisées avec SICONA. La réponse est oui.

Lorsqu'un promoteur réalise un projet de construction, il a le devoir de procéder à des compensations. Il a donc besoin d'un terrain. Jusqu'à présent, une fois la compensation faite, il n'avait plus à se préoccuper de l'entretien. C'est pourquoi Georges Liesch trouve que le promoteur a eu raison de s'adresser à un acteur ayant les compétences pour s'occuper des compensations et pour en assurer le suivi.

SICONA a réalisé un devis pour le promoteur. Le syndicat assurera la gestion des compensations pendant trente ans. Il s'agira notamment de planter les arbres, de les couper et de les remplacer le cas échéant.

De toute façon, la nouvelle loi sur la protection de l'environnement régule de façon plus précise les compensations. Mais comme pour ce projet-ci la nouvelle loi ne

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Schwachtgen. Här Liesch, et ass un Iech, w.e.gl.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Just eng kuerz Introduktioun. Ech wëll eigentlech net méi op de PAP selwer agoen, doriwwer hu mer jo hei am Gemengerot d'lescht Joer en long et en large diskutéiert. Dat waren interessant Diskussiounen. Dat weist, dass de Gemengerot säi Rôle gespillt huet an et Impakt huet op e PAP. Well mer e jo an enger Sitzung selwer nach modifizéiert hunn an Ännerunge virgeholl hunn, opgrond vun Ureegungen, déi hei aus dem Gemengerot komm sinn. Ech mengen, dat ass e flotte Projet, wéi een dat ka maachen.

De Projet u sech ass interessant, well en, mengen ech, parteiwwergräifend e komescht Bauchgefill hannerléisst. Jiddwereen heibannen huet, mengen ech, op där enger Säit d'Gefill, musse mer elo do bauen oder muss do elo gebaut ginn op där Plaz? Well et ass awer e schéinen Eck.

Op där anerer Säit weess een, et ass am Bauperimeter. Mir wëllen de Bauperimeter net erweideren, dat huet all Partei bis elo ëmmer gesot. An awer wëlle mer jo eigentlech nach Wunnraum schafen zu Lëtzebuerg, well et ass e Manktem do. Also musse mer jo bauen innerhalb vum Bauperimeter. An da si mer natierlech erëm an der Logik, do hu mer Terrainen, déi kéinte gebaut ginn. An dann huet een esou deen inneren Zwist, mat deem een da muss eens ginn a kucken, wéi een dat da mécht.

Ech mengen, dass mer et awer hei – an deene leschte Méint ass an de Gemengeréit jo e puermol diskutéiert ginn – schlussendlech hikritt hunn, dass mer elo e Projet hunn, dee sech weise léisst.

An dëser Konventioun geet et elo ëm d'Infrastrukturarbechten, déi solle gemaach ginn, déi herno jo un d'Gemeng cedéiert ginn. Dir gesitt, et stinn déi üüblech Formalitéiten dran. Déi Konventioun gëllt zwee Joer. Innerhalb vun deenen zwee Joer mussen déi Aarbechte gemaach ginn, soss ass se hifälleg.

Et stinn och déi Saachen dran, déi mer bei anere Projekte gemaach hunn, nämlech dass de Promoteur eis Sue gëtt, souwuel fir d'Luuchte wéi och fir d'Spillplazen. Dass mir eis selwer drëm këmmen.

D'Erfahrung aus deene leschte Joren huet gewisen, dass dat absolutt de richtige Wee ass, dass mir eis selwer drëm këmmen. Esou kafe mir dat an, wou mer der Meenung sinn, dass et éischens passt an zweetens eis Servicer den Entretien kënne maachen. An dass et och wierklech an de Quartier passt, zemools d'Spillplazen, dass mer do eng Qualitéit kréien, déi eppes duerstellt.

Da steet nach eppes dran, wou ech och wëll drop agoen, well Froen opkomm sinn, ob déi Kompenséierung zesumme mam SICONA géif gemaach ginn. An ob de SICONA dovunner Bescheed wousst. D'Äntwert ass Jo. Do war Kontakt opgeholl ginn.

Ech verstinn an dësem Beispill de Promoteur ganz gutt. Wann e Promoteur eppes baut, muss e kompenséieren. Dann huet en emol éischens d'Aufgab, en Terrain ze fannen, wou en dat ka maachen. An da war et bis elo esou – am neien Naturschutzgesetz ännert dat zwar –, wann en Terrain gi war fir ze kompenséieren, huet de Promoteur do kompenséiert, an domat war et eigentlech gedoen.

Mä wie këmmert sech ëm déi Kompenséierung? Wie këmmert sech ëm déi Beem, ob se ukommen oder net? Wie kuckt, ob déi Kompenséierung dann elo gelongen ass oder net? Eigentlech war dat bis elo eng Grozon.

An duerfir fannen ech déi heiten Approche ganz interessant, wou de Promoteur gesot huet, mir trieden hei un en Acteur erun, deen dat dote ka stemmen. Deen also d'Méiglechkeet huet, esou Kompenséierungszonen och ze suivéieren an d'Gestioun vun deem Ganzen ze iwwerhuelen.

Natierlech bezilt en dat och. Et ass en Devis opgestallt gi vum SICONA fir de Promoteur, wat dat da kascht. Dat heescht, de Promoteur engagéiert sech also hei net nëmmen, de Propriétaire vum Terrain ze entschueden, mä hält och déi finanziell Mëttel an de Grapp,

2. PAG et PAP

fir iwwer 30 Joer d'Gestioun vun där Kompenséierung ze maachen.

Dat heescht, do gi souwuel Beem gesat, geschnidden, wéi och Beem ersat, wa se net ukommen. Soudass ee ka soen, dass d'Kompenséierung op jidde Fall emol suivéiert gëtt. Dat ass elo nei.

Wéi gesot, mam neien Naturschutzgesetz, wat elo gestëmmt gëtt, sinn déi Saache vill besser gereegelt, a mir brauchen dann net méi op esou eppes zrëckzegräifen. Mä trotzdeem ass dat hei eng ganz flott Variant fir dëse Projet, deem nach ënnert deem alen Naturschutzgesetz leeft.

Op d'Konventioun ass den Här Buergermeeschter schonn agaangen. Et war hei am Gemengerot festgehale ginn, als Gemeng Terrainen opzekafen zu engem Präis vu 35.000 Euro den Ar. Soudass mer matten an deem Flot elo e gréisseren Terrain fräi kréien, deem ee flott kann amenagéieren.

Domat hunn ech alles gesot.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Exzellent. Här Muller, w.e.gl.

ERNY MULLER (LSAP):

Zum PAP Ouschterbuer. Wéi gesot, mir hunn dee PAP schonn hei am Gemengerot gestëmmt. Allerdéngs hat de Gemengerot an der Sëtzung, wou e gestëmmt ginn ass, nach zousätzlech Oplagen zrëckbehalen. An ëm déi geet et haut, dass déi am Kader vun der Convention an de Plan d'exécution mat erageholl ginn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richteg.

ERNY MULLER (LSAP):

Et handelt sech speziell ëm de Lot 10, eng Parzell vu 7,92 Ar, wou dann net soll gebaut ginn. Wou am éischte Plang, am éischte PAP nach e Bauprojet dra war, deem hei am Gemengerot erausge-

holl ginn ass. A wou mer da gesot hunn, dat géif d'Stad Déifferdeng iwwerhuelen zu deenen übleche Käschten.

Dat sinn an dësem Fall Käschten, wou den Amenagement mat dran ass, wéi och d'Accèsen an esou weider op deem Terrain. Dat gehéiert zu der Gesamtinfrastruktur, an et bleift fir d'Zukunft Bauplaz. Mä ech mengen, mir hunn hei awer keng Absicht, do Bauplaz ze maachen. Do soll eng Zone verte oder eng Zone de récréation fir d'Leit aus dem Quartier entstoën. Dat ass dat Wichtigst, wat mer deemools zrëckbehalen hunn.

De Präis ass 35.000 Euro pro Ar. 272.200 Euro kascht dat dann d'Stad Déifferdeng. Fir de Rescht, mengen ech, ass et an dëser Prozedur en üblechen Dossier. Am Detail vum Devis gesi mer, wat alles do gemaach gëtt, fir den Terrain ze viabiliséieren. D'Garantie bancaire ass dran, d'Beleuchtungsmasten an d'Spillgeräter, wou eng Zomm un d'Gemeng bezuelt gëtt, dass dat vun eise Servicer selwer gemaach gëtt.

Een Deel vun den Haiser, et sinn der néng, stéisst un d'rue Ouschterbuer. Duerfir muss déi Strooss och amenagéiert ginn. Dat ass esou an de Pläng. An et ass och do e kleng Parking virgesinn, deem am Amenagement mat dran ass.

Vläicht nach en Opruff un de Schäfte-rot vun eiser Säit: eng Kéier d'ganz Quartierssituatioun Ouschterbuer op de Leescht ze huelen. Well da kéinte mer dee Quartier e bësse verschéieren. Wat u sech net vu Muttwëll wär. Wann een eng Kéier dohi kucke geet, da gesäit een, dass deem a kengem ganz gudden Zoustand ass.

Dat wär alles. D'LSAP stëmmt selbstverständlech déi Konventioun. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Muller. Madamm Brasel-Rausch Christiane, w.e.gl.

s'applique pas encore, la décision du promoteur est intéressante.

Pour ce qui est de la convention, le conseil communal avait décidé d'acquérir des terrains pour 35 000 € par are.

ERNY MULLER (LSAP) constate que M. Schwachtgen n'est pas là et que c'est donc son tour.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) sait que M. Muller est pressé.

ERNY MULLER (LSAP) rappelle à son tour que le PAP Ouschterbuer a déjà été approuvé. Mais le conseil communal avait fait des suggestions. Aujourd'hui, il s'agit de les inclure dans le plan d'exécution à travers une convention.

Il est question du lot 10, une parcelle de 7,92 a. Le conseil communal a rejeté un projet de construction dans le premier PAP. La commune a repris ces terrains avec comme objectif de créer une zone verte ou une zone de récréation pour les habitants du quartier.

Le prix se monte de 35 000 € par are pour un total de 272 200 €.

Le détail des travaux figure dans le devis. La commune aménagera l'éclairage et les aires de jeux.

Erny Muller a découvert dans les plans que l'aménagement d'un petit parking est prévu. Il rappelle que neuf maisons jouxtent la rue Ouschterbuer.

Les socialistes demandent au collègue échevin de réfléchir à la situation du quartier Ouschterbuer dans son ensemble. Celui-ci doit être embelli. Il n'est plus en bon état.

Le LSAP approuvera la convention.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

trouve que le PAP Ouschterbuer constitue un bon exemple de la manière dont un PAP peut être développé en concertation entre les partenaires. Des modifications positives ont été entreprises. M. Traversini a expliqué qu'une zone verte sera créée. Un bassin de rétention et une aire de jeux seront construits. Des servitudes seront mises en place dans la rue Woiwer. Plusieurs arbres remarquables seront préservés. Deux seront même classés, ce qui n'était pas prévu au départ.

En revanche, Christiane Brassel-Rausch exprime ses inquiétudes concernant l'eau. Il faut s'assurer que le bassin de rétention puisse supporter les quantités d'eau coulant sur ce site. Ce qui s'est passé ces dernières semaines à Differdange et dans le reste du pays est dramatique.

Christiane Brassel-Rausch demande qui prendra en charge les dommages. Y a-t-il une garantie bancaire? Des assurances?

Qu'en est-il de la gestion de l'eau? M. Liesch a mentionné le biotope, qui sera compensé — en partie à Bascharage. Le promoteur a trouvé un accord avec SICONA pour l'entretien des compensations pendant trente ans. Une partie des compensations sont réalisées sur le site même. C'est une bonne chose. Les écologistes approuveront le devis.

ALI RUCKERT (KPL) *trouve qu'un mauvais projet ne devient pas bon grâce à quelques améliorations. Contrairement aux autres conseillers communaux, il n'a pas eu d'arrière-gout quand il a voté contre le projet l'année dernière, se ralliant ainsi aux protestations des riverains. Aujourd'hui aussi, il votera contre le projet.*

GUY TEMPELS (CSV) *constate que ce projet n'est pas à l'ordre du jour pour la première fois. Certains habitants d'Oberkorn ont protesté. Malheureusement, ce terrain se trouve à l'intérieur du périmètre de construction. Il serait temps de retirer certaines zones vertes dudit périmètre.*

Compte tenu de la situation, ce projet est acceptable. Il est aussi

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, an dësem PAP Ouschterbuer fanne mir, dass et e gutt Beispill ass, wéi sech e Projet weiterentwéckele kann, wann e fruchtbaren Austausch tëschent deene verschiddene Partner stattfënnt, a wou een deem aneren nolauschtert.

Et sinn an der Diskussioun vun dësem PAP eng ganz Rei positiv Ännerunge virgeholl ginn, wéi den Här Muller elo just erwänt huet. Den Här Traversini huet et och gesot, et gëtt eng Zone verte kreéiert, et gëtt en anstännege Réckhaltebecke gebaut, wat an deem Gebitt immens wichteg ass, eng Kannerspillplaz a verschidde Servitudë vun den Haiser vu Bieles an der Woiwerstrooss.

Ervirzehiewen ass, dass eng Rei remarkabel Beem gehale ginn an dass och nach zwee Beem deklasséiert ginn. Wat um Ufank vum Projet net esou virgesi war. An anere Wieder: Den initiale Projet ass am Austausch vun all de Partner an d'Positiiv gedréit ginn.

Erlaabt mer awer trotzdem, Bedenken auszeschwätzen, virun allem, wat d'Waasser ubelaangt. Also ech mengen, et muss garantéiert ginn, dass dee Réckhaltebecken genau dat packt, wat do um Quell-Horizont läit. Dat heescht, do, wou all dat Waasser zesummeleeft. Well soss gëtt et dramatesch, mengen ech.

Wat mer an de leschte Wochen deelweis hei zu Déifferdeng matgemaach hunn, an déi lescht Deeg hei am Land. Wat geschitt, wann do Onmasse vu Waasser erofkommen. Wat bis elo nach net esou oft de Fall war hei am Land. Ech mengen, dat muss wierklech garantéiert sinn.

Dorunner hänkt sech dann d'Fro: Wie kënnt fir déi Schied op? Gëtt et do eng Garantie bancaire? Gëtt et do Assurancen?

An da wollt ech d'Fro nach opwerfen, ob d'Geneemegung vun der Gestion de l'eau schonn do ass. Dat wär meng Fro un den Här Liesch.

Den Här Liesch huet dat ugeschwat: dee wäertvolle Biotop, dee kompenséiert gëtt, zum Deel zu Bascharage, mat 80 Beem. An Dir hutt am Fong och schonn op meng Fro geäntwert, wéi dat elo an deenen nächsten 30 Joer do gehandhaabt gëtt. Dat heescht, de Promoteur huet sech engagéiert vis-à-vis vun der SICONA, fir fir den Ënnerhalt vun deene Beem opzekommen. An et ass jo och en Deel Kompensatioun um Terrain selwer, deen do stattfënnt. Mir fanne dat ganz positiv. A mir wäerten deen Devis matstëmmen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci. Här Ruckert, w.e.gl.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, e schlechte Projet gëtt net doduerch gutt, dass e puer Verbesserungen dru gemaach ginn. Da bleift et nach ëmmer e schlechte Projet. An ech muss soen, am Géigesaz zu anere vläicht, hat ech kee schlecht Bauchgefühl, wéi ech d'lescht Joer géint dee Projet gestëmmt hunn a mech am Fong de Protester vun de Leit, déi do wunnen, ugeschloss hat hei am Gemengerot. An ech bleiwen och dobäi. Ech wäert och haut géint dee Projet stëmmen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Den Här Tempels, w.e.gl.

GUY TEMPELS (CSV):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Hären, wann ech richtig weess, ass dës Projet net fir d'éischt hei op der Dagesuerdnung. Eng Partie Leit vun Uewerkuer hate e Problem mat dësem Projet. Leider läit en am Perimeter, wou net méi vill ze maachen ass. Et wär vläicht elo un der Zäit, verschidde gréng Inseln aus dem Perimeter ze huelen, oder driwwer nozedenken, dat ze maachen am Kader vum neie PAG.

Ech mengen, aus dësem Projet gouf dat Bescht gemaach. Et gëtt probéiert, e

2. PAG et PAP / 3. Actes et conventions

Maximum u Gréngs mat eranzehuelen. D'CSV stëmmt dëse Projet mat Jo. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Fir vläicht direkt do weiderzefueren: e Maximum u Gréngs. Dat wär fir mech och, dass ee bei esou PAPen den Accès vun Autoe limitéiert, d'Fläch, déi fir Autoen a fir Garagë virgesinn ass, ze limitéieren. Dat ass ee Volet. Deen heite Projet mécht dat net. Et ass wahrscheinlech och schwéier mat engem private Promoteur. Mä dat hänkt eben och dovunner of, wéi een un esou Saachen erugeet.

Mir hunn hei elo, duerch d'Intervention vun ëffentleche Gelder, Gréngs gerett. Wat e Präzedenzfall ass. Wat mer bis elo nach net gemaach hunn. Wat fir dëse Projet sécherlech méi positiv ass, wéi wa mer dat net gemaach hätten.

Et muss een awer och d'Froe stellen, fir wat mer dat bis elo nach net gemaach hunn a firwat et bei dësem Projet méiglech war, en cours de route nach deementspreechend Ännerungen eranzebringen. Wou soss, wann esou Projeten diskutéiert ginn, déi Saache relativ schnell ofgewammelt ginn, a mer de Projet einfach esou duerchwénken, wéi en eis virgëluecht gëtt.

Hei waren eng ganz Rei Reklamatiounen vu Bierger erakomm. Dat ass sécherlech ee Grond, awer wahrscheinlech net deen eenzegen. An déi sinn och net vun néierens komm.

Ee Bedenken, wat an der Ëmweltkommissioun oft geäussert ginn ass, an och hei geäussert ginn ass, wéi mer d'leschte Kéier iwwert de PAP geschwat hunn, ass dat vum Waasser. Ech hunn et viru dron ugeschwat. D'Reewaasser, wat iwwert d'Strooss an duerch d'Garagenafaarthe leeft, wou am Wanter mat Salz gestreet gëtt, wou Autoen, eleng vun de Pneuen oder soss iergendwéi e bëssen Ueleg verléieren, dat leeft alles do dran. Dat soll eiser Meenung no net an d'Reewaasser lafen an domadder an

d'Kuer. Ganz am Géigendeel. Dat soll an de Schmutzwaasserkanal goen. Wat hei, mengen ech, nach ëmmer net adaptéiert ginn ass.

Dat ass keen onwichtige Projet. Ech war am S.I.A.C.H. D'Kläranlag wäert sech musse bedeitend vergréissere wéinst deem ganze Wuesstum. An wa mer d'PAPen esou plange wéi deen heiten an op déi Saachen net systematesch oppassen, da wäert d'Aarbecht net méi einfach ginn an der Kläranlag.

Aus deene Grënn wäerte mir eis bei deem heite Projet enthalen. Mir gesinn op jidde Fall d'Necessitéit, fir weider ze bauen. Hei sinn och Efforte gemaach ginn. Awer et sinn nach ëmmer eng Rei Saachen, déi net esou si wéi se sollten. An eben déi generell Iwwerleeung, ob mer hei ze spéit waren, fir Saachen aus engem PAG erauszehuelen, déi maachen, dass mer dee Projet net kënne voll ënnerstëtzen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Ech hätt vill dozou ze soen, mä wat bréngt et? Mir dierfe keen Tuerm bauen. Mir dierfen d'Leit net ze vill no openee setzen. Hei hu mer Plaz, a mir bauen och do. Da sot eis dach endlech, wou mer déi vill sozial Wunnenge solle bauen. Sot eis dat, w.e.gl., well alles, wat mer wëlle bauen, ass net gutt. A mir bauen net genuch, dat ass och net gutt. Et ass wierklech einfach, esou Politik ze maachen.

Mir kommen zum Vott.

Le conseil communal décide avec 15 voix oui, 1 voix non et 1 abstention d'approuver la convention et les plans d'exécution relatifs au projet d'aménagement particulier au lieu dit «Ouschterbur» à Oberkorn.

Villmools Merci. Nach dobäi gesot, virun de leschte Gemengewahlen huet deen hei Gemengerot sech getraut, dat esou ze stëmmen.

Punkt 3a: Modification de servitude. Dat ass eng Klenggeheet. Här Liesch,

écologique que possible. Les chrétiens sociaux l'approuveront.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) constate que pour qu'un projet soit écologique, il faudrait aussi penser à limiter l'accès aux voitures et à prévoir moins de garages. Il se doute cependant que les négociations avec un promoteur privé ne sont pas faciles.

Pour la première fois, la commune est intervenue pour sauver des espaces verts. Certes, c'est une bonne chose, mais Gary Diderich se demande pourquoi cela n'a jamais été fait pour d'autres projets. Il se demande aussi pourquoi il a été possible de modifier ce projet en cours de route alors que d'autres projets sont souvent approuvés à la va-vite tel qu'ils sont présentés.

Il est vrai que de nombreux habitants ont protesté, mais ce n'est probablement pas la seule raison.

Une des inquiétudes de la commission de l'environnement concerne l'eau. L'eau de pluie qui s'écoule sur les trottoirs est salie par les voitures, les pneus ou le sel en hiver. Gary Diderich pense qu'il faut la considérer comme eau usée et non comme eau pluviale.

La station d'épuration du SIACH doit être agrandie considérablement. Mais les choses ne vont pas s'améliorer tant que les projets seront planifiés comme celui-ci.

Gary Diderich s'abstiendra lors du vote. Differdange a besoin de logements. Dans ce projet, des efforts ont été faits. Mais tout n'est pas encore parfait. En outre, il était trop tard pour retirer ce site du PAG.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

constate qu'il ne sert à rien de répliquer. Le collège échevinal ne peut pas construire de tour. Les constructions ne doivent pas être denses. D'un côté, tous les projets de construction sont mauvais. Mais de l'autre, on reproche au collège échevinal de ne pas bâtir suffisamment de logements. Roberto Traversini ne comprend pas où les logements sociaux devraient être construits. Faire de la politique de cette façon est vraiment facile.

(Vote)

Roberto Traversini ajoute que le conseil communal a eu le courage

3. Actes et conventions

d'approuver ce projet avant les élections.

Il passe à la modification d'une servitude. M. Schwachtgen peut réintégrer la salle.

(Interruption)

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *plaisante sur le fait qu'il vaut mieux attendre une heure.*

(Rires)

Georges Liesch rappelle que le parking de la place des Alliés devait être relié au parking de l'ancien Monopol. À la suite d'une faillite, ce projet a pris du retard, mais les travaux sont en cours désormais.

Le nouvel exploitant, Aldi, souhaite toutefois apporter une modification: que leur partie de parking ne soit accessible que pendant les heures d'ouverture du magasin. Cela leur permettra de réduire les frais. Le collège échevinal n'y est pas contraire.

Fred Bertinelli (LSAP) se réjouit que ce projet avance enfin. En revanche, il apprécie moins que ce parking soit fermé en dehors des heures d'ouverture du magasin. Il est dommage de ne pas pouvoir y recourir lorsqu'il y a des manifestations, par exemple au 1535°. Ne pourrait-on pas trouver un accord avec les exploitants? Il n'est jamais bon d'avoir un parking fermé. Les gens ne savent pas où se garer.

Fred Bertinelli rappelle que lorsque le promoteur a fait faillite, la commune avait préfinancé une partie des travaux. En a-t-on tenu compte dans la convention avec le nouveau promoteur?

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *répond que oui.*

FRED BERTINELLI (LSAP) *se déclare rassuré.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *rappelle que lorsque la kermesse a eu lieu, l'autre supermarché a ouvert son parking. Mais M. Bertinelli a raison de soulever cette question. (Vote)*

Roberto Traversini passe à un droit de superficie.

erkläert Der eis dat, w.e.gl.? Wann een den Här Schwachtgen wéilt siche goen.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Et geet hei ëm de Parking Place des Alliés, wou mer e Parkhaus hunn. Wou deemools d'Connectioun zu deem ënnerierdesche Parking ënnert dem ale Monopol, sou nennen ech en elo emol, sollt gebaut ginn, och scho preparéiert war. Déi och nach preparéiert ass. Déi waren dunn an eng Faillite geroden.

Momentan ass vill Beweegung dran. Dat heescht, de Bau ass voll am Gaangen. De Parking ass do. Elo stellt sech d'Fro, fir déi zwee Parkingen, esou wéi et geduecht war, mateneen ze verbanen. Op Wonsch vum neien Exploitant, an dësem Fall den Aldi – wann ech deen ee genannt hunn, där ef ech deen aneren och nennen – ass eng Demande komm, fir do eppes Klenges ze änneren, nämlech, dass dee Parking ënner hirem Geschäft limitéiert wär op d'Ëffnungszäite vum Geschäft. Dat heescht, ausserhalb vun den Ëffnungszäite vum Geschäft wär deen Deel vum Parking zou.

Wat fir si natierlech manner Käschte bedeit. Well se keng Surveillance musse maachen, wéi wann do en ëffentleche Parking ënnert hirem Geschäft wär. Mir hunn als Schafferot do kee Problem gesinn. Dat ass deen Akt, dee mer elo hei virleien hunn, wou drasteet: „limité seulement aux heures d'ouverture du magasin“.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Bertinelli, w.e.gl.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech wëll soen, datt ech frou sinn, datt dee Projet elo endlech virugeet. Datt mer endlech déi Parkplazen, déi um Fousbann gebraucht ginn, och kréien. Wou ech net esou frou driwwer sinn dat ass, datt dee Parking dann zou ass, wann d'Geschäft zou ass. Well dee Parking och mol weekends oder esou géif gebraucht ginn, bei Manifestatiounen.

Mir wëssen, datt de 1535° am Gaangen ass vill ze wuessen. Wann do Manifes-

tatiounen sinn, fannen ech et schued, wann e Parking do ass, deen dann, wann e gebraucht gëtt, zou ass. Ob een do eng Convenance kéint fanne mat deene Leit, datt een dann awer, wann een e brauch als Gemeng, dee Parking géif opmaachen. E Parking, deen zou ass, fannen ech ni gutt. An op där anerer Säit wëssen d'Leit net, wou se solle parke goen.

Den Här Liesch wollt ech froen: Mir haten an der Zäit, wou dee viregte Promoteur net méi solvabel war, als Gemeng en Deel virfinanziert, wann ech mech net iren. Ass déi Konventioun mat deenen neien, ass dat iwwergaangen?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

D'Sue sinn an der Keess.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Okay. Da sinn ech berouegt. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech wëll nach soen, mir haten elo d'Kiermes op enger anerer Plaz. Do hate mer dee grouse Supermarché gefrot, fir eis opzemaachen. An dat ass gaangen. Dir hutt vollkomme recht, datt een dat op alle Fall soll mat deene beschwätzen.

Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte modificatif de servitude avec la société ALDI SA concernant le parking souterrain sur la place des Alliés.

Merci. Den nächste Punkt ass en Droit de superficie. Endlech kann ech soen. Mir si laang domadder am Gaangen, fir dee Betrib dohinner ze kréien. Dat ass elo, Gott sei Dank, geschitt, mat eiser Ëmweltkommissioun, mat e puer Experten. Wou wierklech eppes Flottes fäerdegbruecht ginn ass. E Betrib do-

3. Actes et conventions

hinner ze kréien, awer och ze kucken, datt dat Gréngs, wat do ass, mat integréiert ze kréien.

Här Liesch, kënnt Der eis dozou weider Erklärunge ginn, w.e.gl.?

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Ganz gären. Et ass, wéi den Här Buergermeeschter richteg gesot huet, e komplizéierten Dossier. Mä e weist, wann een déi richteg Leit ronderëm en Dësch bréngt, dass een et fäerdegbréngt Solutiounen ze fannen. Am Ufank war et esou, dass mer en Terrain haten, wou e Betrib sollt drop kommen. Duerno ass festgestallt ginn, dass et eng Vegetatioun op deem Terrain géif ginn, déi derwäert wär ze erhalen. Do hat sech d'Fro gestallt, wéi een et kéint fäerdegbréngen, fir béides ze hunn. An zwar net nëmmen op deem Terrain, mä eigentlech op deem ganzen Areal vum Haneboesch.

Doropshin hate mer e Büro chargéiert, fir eng Analys ze maache vum deem ganzen Haneboesch. Also och vum deem Terrain. A mat där Kartographie vum där Analys, déi mer haten, ware mer enorm gutt dokumentéiert, fir an den Diskussiounen mat dem Ministère de l'Économie ze kucken, wat dann do netto machbar wär, wat Sënn géif maachen a wat op kee Fall dierft zerstéiert ginn. An ech mengen, d'Leit aus der Ekonomie ware frou, dass een déi Aarbecht gemaach huet, well si waren eigentlech net a Kenntnis vum deenen Informatiounen.

Et handelt sech hei ëm eng Vegetatioun, déi bewonnerenswäert ass an där heiten Zon, muss ee soen. Mir waren och iwwerrascht, dass ee grad an deem Eck Orchideeën an aner Saache fënnt. Do hätte mer et eigentlech net vermutt. Mä et ass awer nun emol esou.

D'Firma, déi heihinner kënnt, Costantini, huet also elo netto manner Surface. Dofir hu mer et fäerdegbruecht, e Biotop an enger Industriezon ze halen a fir déi nächst Joerzénge ze schützen. Ech weess net, ob et eemoleg hei am Land ass, mä ech fanne jiddefalls déi Demarche, déi mer als Gemeng gemaach hunn, absolutt richteg. Fir mat Experten ze kucken an net d'Extremen einfach ze huelen an ze soen, mir bauen a

maachen alles futti oder mir bauen net a ginn alles der Natur. Mir hunn hei e Kompromëss fonnt, wou jiddwereen zu sengem kënnt.

Iwwreg bleiwen also elo 1,32 Hektar, déi d'Firma Costantini op 30 Joer kritt. Wou mer den übleche Präis kréien, wéi mer en och am Haneboesch I gefrot hunn, 8.250 Euro pro Ar. Dat ass en Unique-Präis, wou se eis elo eng Kéier ginn. An duerno gi se eis nach 600 Euro d'Joer, Index 100, op déi 30 Joer, wou se den Terrain da kënnen exploitéieren.

Et steet och am Akt, dat kënnt Der noliessen, dass e Minimum vun 250 Aarbechtsplazen op deem Site hei erhale bleiwen. Domadder wëlle mer verhënneren, dass vläicht iergendwann aus deem Terrain op eemol just e Stockage gëtt vu Baumaterial oder soss Saachen. Dat wëlle mer net. Mir hunn hei zu Déifferdeng net vill Terrain zur Verfügung. A mir wëllen deem Terrain net hiergi fir Stockage. Mir wëllen deem Terrain benotzen, fir Aarbechtsplazen ze generéieren. Duerfir hu mer dat an den Akt schreiwe gelooss, dass hei 250 Aarbechtsplaze musse bleiwen. Ech mengen, dat ass wichteg, dass dat am Akt steet.

Domat ass dat Wichtigst gesot.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Här Schwachtgen, w.e.gl.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Also et geet – ech wëll dat widderhuelen –, fir Ekonomie an Ekologie mateneen ze vereenbaren. Den Här Liesch, Ëmweltschäffen an där Funktioun, huet dat ganz kloer gesot. Mir hunn et fäerdegbruecht. Wat am Ufank no Krich ausgesinn huet, Ekonomie géint Ekologie, ass schlussendlech awer zu engem ganz positiven Ofschluss komm.

Wann een d'Fotoen am Dossier kuckt, déi Schwarz-Wäiss-Fotoen, déi och nach schlecht Wénkele weisen, da gesäit een den Areal do no Dreckstipp aus. Ech hunn awer hei vum eise Ëmweltexpert vun natur&ëmwelt, Braquet Jeannot, Fotoe kritt, déi de Site och a senger Schéinheet weisen. Et ass

Il était temps qu'une entreprise puisse ouvrir sur ce site.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)

constate que le dossier est compliqué. Mais lorsque les bons acteurs se réunissent, il est possible de trouver une solution.

La commune disposait d'un terrain, où une entreprise devait s'implanter. Mais ce terrain comprenait une végétation à préserver. La question s'est posée de savoir comment unir commerce et nature sur ce site et dans le Haneboesch en général.

Un bureau a été chargé d'analyser la situation. Ensuite, le collège échevinal a entamé des discussions avec le ministère de l'Économie pour voir ce qu'il était possible de faire. Le ministère de l'Économie s'est réjoui des travaux réalisés.

La végétation mérite d'être préservée. Il s'agit notamment d'orchidées.

L'entreprise, Costantini, disposera finalement de moins de surface. Mais le biotope sera préservé pour les décennies à venir.

Georges Liesch salue les démarches de la commune, qui a consulté des experts au lieu de tout détruire ou au contraire de ne rien construire. Le compromis trouvé sert à tout le monde.

Costantini recevra 1,32 ha pour 30 ans. Le prix se monte à 8250 € par are auxquels s'ajouteront 600 € par an indice 100.

L'acte prévoit que 250 emplois au moins seront conservés sur ce site, ceci pour éviter que le terrain ne serve qu'à stocker du matériel. Différendage ne dispose pas de beaucoup de terrain et ne veut pas l'utiliser pour du stockage.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

constate qu'il est donc possible d'unir économie et écologie. La guerre qui s'annonçait n'a pas eu lieu et le résultat est positif.

Les photos figurant au dossier sont de mauvaise qualité, mais celles que Frenz Schwachtgen a reçues de Jeannot Braquet montrent le site dans sa splendeur. Un couloir vert compatible avec les besoins de l'entreprise sera créé.

3. Actes et conventions

La prairie en question n'a pas été viabilisée. Un biotope humide avec des orchidées, des oiseaux — notamment le saxicola rubicola — et des insectes y a donc vu le jour. La nature a aussi repris possession d'un ancien étang de rétention.

Ce biotope sera préservé et reconstitué. Frenz Schwachtgen rappelle qu'il y a quelques années, on a stocké du matériel sur ce site de manière un peu sauvage.

Le contrat prévoit que le couloir vert qui sera créé sera préservé pour toujours. La nature pourra donc se développer en tranquillité.

Frenz Schwachtgen constate qu'il n'a pas été facile d'arriver à ce résultat. Il tient à remercier le collègue échevinal, la commission de l'environnement — notamment Jeannot Braquet —, l'Administration des forêts, le ministère du Développement durable et des Infrastructures et le ministère de l'Économie.

Ce projet constitue une partie d'un plan plus vaste prévoyant la création de couloirs verts à travers la zone industrielle au cours des prochaines années. Malgré les nombreuses constructions, il sera possible de relier la zone au Prénzebiert en passant par Da Leoni, Lauterbännen, Dimmi Si, Drecks- wiss et Korwisen jusqu'à Käerjeng. Frenz Schwachtgen remercie aussi la société Biomonitor, qui a conseillé la commune dans ce dossier.

Frenz Schwachtgen dispose des plans. Il trouve que l'on devrait montrer au public ce qui a été réalisé dans ce dossier.

(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
passé à trois baux où la commune est propriétaire.

L'un des baux ne précise pas les mètres carrés. En effet, le local a été loué à Mme Calderoni il y a un an. Il s'agit de 120 m² pour 900 € par mois. Il en a déjà été question. Si le conseil communal le souhaite, ce contrat pourra être voté séparément.

eis drëm gaangen, fir e Couloir vert ze schafen, deen an deem Gebitt bleift, dee sech effektiv mat där Firma, déi sech do etabléiert, och verdréit.

Déi Wiss war laang Zäit an der Zone industrielle net benotzt an net bebaut. An an der Zäit huet sech do e flotte Fiischt-Biotop entwéckelt, mat ville rare Planzen. Wéi gesot Orchideen, mat Vulle wéi d'Schwarzkehlchen, wat zimlech rar ass an eise Géigenden, d'Waasserhong, en ale Retentiounswei- er, deen d'Natur sech och erëmgeholl huet a virun allem och Insekten, de Feuerfalter, deen op der roudier Lëscht steet an europawäit souguer geschützt ass.

Dee Biotop bleift elo erhalen. Dat heescht, e gött och rekonstituéiert do, wou e scho futti gemaach ginn ass. Well virun een, zwéi Joer war do e bësse wëll gebaggert a wëll ofgelagert ginn. Wat sech doduerch erkläert, datt kee sech ëm deen Terrain bekëmmert huet.

An dësem Kontrakt ass festgehalen, dass dee Couloir écologique, deen do entsteet, bestoe bleift fir d'Éiwegkeet, wann een esou ka soen. Soudass mer do voll op d'Evolution vum der Natur kënne setzen.

Et war kee liichte Match, fir dat zustanen ze bréngen an zu deem Resultat ze kommen. Ech wëll perséinlech Merci soen all deenen, déi dorunner matge- wierkt hunn. Dat sinn: eise Schäfferot, d'Leit aus der Ëmweltkommissioun, verschidder, déi sech ganz staark do engagéiert hunn, natur&ëmwelt – éi- nescht hat ech den Numm net fonnt –, de Braquet Jeannot, dee Member ass vun der Ëmweltkommissioun, d'Forst- verwaltung, d'Ministère, souwuel den MDDI wéi de Ministère de l'Économie, déi mer all ronderëm en Dësch bruecht haten, fir dorunner matzeschaffen.

An deem Zesammenhang ass dat heiten e ganz klengen Deel vum engem groussen Projet, vum enger Rei ähnleche Couloir- verten, déi mer duerch déi ganz Zone industrielle op Déifferdenger Terrain an den nächste Jore wäerte leeën a peren- niséieren.

Trotz der intensiver Bebauung duerch déi verschidden Industrien, déi schonn do sinn, wäert do en Netz entstoen, wat herno eng gréng Verbindung duerstellt

vum Naturschutzgebitt Prénzebiert iwwert dee ganze Site vum Da Leoni. Wou mer jo och schonn driwwer geschwat hunn, dass et ganz wichteg ass, an de Lanterbännen dee Couloir vert oprechtzëerhalen. Vun do komme mer dann eriwier an d'Géigend vum deem heite Site, Dimmi si, wou mer och e Bëschgebitt halen. An dann entsteet do eng direkt Verbindung bis erof bei d'Kor, bis an d'Naturschutzgebitt Drecks- wiss an d'Korwisen, déi am Fong op Käerjenger Terrain sinn.

E spezielle Merci der Firma BioMoni- tor, déi eis do fachlech beroden huet an déi Virschléi och mat de Ministère du- erchdiskutéiert huet.

Ech hunn hei e Plang, ech loosse deen herno ronderëm goen. D'Ëmweltkom- missioun kennt deen Dossier schonn. Et wier interessant, wa mer dat eng Kéier ëffentlech géifen dobausse wei- sen, wat do geleescht gouf.

Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Schwachtgen. Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de conces- sion d'un droit de superficie dans la zone Haneboesch à Niederkorn avec la société Costantini SA.

Villmools Merci. Da géife mer zu dräi Baile kommen. Bei engem vun deenen dräi Baile si mir Proprietär. Déi zwéi aner verloune mer weider. Bei engem sti keng Metercarréen dobäi. D'Erklärung ass, well mer dee Kontrakt scho virun engem Joer hei haten. Wou mer bei der Madamm Calderoni scho gelount hunn. Mir hunn dat nogekuckt. Et sinn 120 Metercarré. Mir lounen dat fir 900 Euro de Mount. Dat ass dee Kon- trakt, iwwert dee mer hei ofgestëmmt haten. Dat ass deen éischte Kontrakt. Wann Der wëllt, kënne mer separat driwwer ofstëmmen.

3. Actes et conventions

Deen zweete Kontrakt: Mir verlounen déi al Bibliothéik, sou nenne mer se, an der Michel-Rodange-Strooss. Mir hunn do ee fonnt, dee se awer net ganz wollt. Soudass dat getrennt ginn ass.

Am drëtte Bail, gesitt Der hanne bei den Ënnerschrëften, do stinn déi richteg Leit am Schäfferot, vir stinn nach déi vun deem Schäfferot virdrun. Dat gëtt natierlech adaptéiert. Dat ass eist Vëlosgeschäft, dat an deenen nächste Méint zu Déifferdeng wäert opgoen, wann Der domadder averstane sidd.

Ech géif dann einfach d'Diskussioun opmaache fir déi dräi Bailen. Madamm Brassel-Rausch Christiane, w.e.gl.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, mir begrëssen natierlech, dass d'Gemeng ugekënnegt huet, si géif nei Weeër goen. Well si geet nei Weeër, si setzt hir Philosophie ëm.

Si keeft Haiser a probéiert se direkt, esou séier wéi méiglech, notzbar ze maachen. Dat entsprécht där neier Philosophie. Raisonnable Präisser. Dat schéngt anscheinend Succès ze hunn, vu dass déi dräi Gebaier verlount gi sinn. All d'Lokaler si fort. Et bleift, souwäit ech weess, nach ee klenge Lokal niewent de Pecherten an der Michel-Rodange-Strooss. Fir de Rescht ass et e Succès.

Wat mech ganz besonnesch freet, ass dat Vëlosgeschäft. Well et sech areit an eng Logik vum Verkéiersgaart, vun der Verkéiersschoul a virun allem an der Hisiicht op 2020-2022. Wou ech mengen ze wëssen, dass d'Gemeng e groussen Akzent op ekologeschen Tourismus leeë wëll am Kader vum Kulturjoer 2022. An och am Sënn vun der UNESCO, wou d'Demande gemaach ass, fir dee roude Buedem klasséieren ze loos-sen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ganz richteg.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Wéi gesot, an deem Sënn begrëisse mer dat doten a wäerten et stëmmen. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Här Fred Bertinelli, w.e.gl.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Dir Dammen an Dir Hären, mir stinn och dohannert. Ech mengen, et war d'LSAP, déi ëmmer gesot huet, wann eidel Geschäfte do stinn, datt d'Gemeng sech soll involvéieren a probéieren, erëm Liewen eranzekréien. Hei ass en Deel, wou dat och geléngt. Wéi mer schonn zum Budget gesot hunn, brauche mer awer e globaalt Konzept, wéi mer wëlle virugoen.

Wat d'Vëlosgeschäft ugeet, wat de CIGL herno wäert weiderféieren, sinn ech mer bewosst – well mer jo schonn e puer esou Geschäfte hunn, déi an deem dote Konzept funktionnéieren –, datt mer net all déi Geschäfte, déi elo wäerten eidel stoen, esou kënnen un d'Goe kréien. Well et sollt een awer probéieren, Geschäfte ze kréien, déi wierklech Commerce maachen, wou Patrone sinn.

Wéi gesot, et ass dat Konzept, wat mer e bësse verlaangen an och e bësse vermëssen. Mä mir sinn awer frou, datt iwwerhaapt eppes geschitt, datt iwwerhaapt eppes weidergeet. A mir sinn eis och bewosst, datt et net einfach wäert ginn, wann deen neien Zentrum elo bei de Supermarché kënnt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richtig.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Well do sti ganz vill Gebaier op, wou mer eis mussen d'Fro stellen. A wou mer musse siche goe fir aner Leit. Fir eisen alen Zentrum net ze delaiséieren. Fir ze probéieren, do Liewen anzehauen. Wéi gesot, dat gëtt vill Aarbecht.

Le deuxième contrat porte sur l'ancienne bibliothèque dans la rue Michel-Rodange. Le nouveau locataire ne veut pas louer l'ensemble de la surface.

Le dernier contrat porte encore les signatures de l'ancien collègue échevinal. Il sera adapté. Il s'agit du magasin de vélos qui ouvrira dans quelques mois.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

constate que le collège échevinal essaie de mettre en pratique sa philosophie en achetant des locaux et en les mettant ensuite à disposition à des prix raisonnables.

Cette entreprise semble être couronnée de succès puisque tous les locaux ont été loués. Il ne reste plus qu'un petit local à côté des agents municipaux.

Le magasin de vélos s'inscrit dans la logique du jardin de la circulation.

Christiane Brassel-Rausch rappelle que la commune veut miser sur le tourisme écologique à l'horizon de l'année culturelle 2022. Elle rappelle par ailleurs qu'une demande a été adressée à l'UNESCO pour classer une partie des Terres rouges. Déi gréng approuveront les baux.

FRED BERTINELLI (LSAP) soutient aussi la location des locaux. Les socialistes ont toujours réclamé l'intervention de la commune lorsque des locaux sont vides.

Cependant, un concept global est nécessaire. Le magasin de vélos sera géré par le CIGL. Ce n'est pas le seul. Mais il est évident que tous les locaux ne pourront pas être exploités de cette façon. Il faut plutôt essayer de trouver de vrais commerces avec des patrons. Le concept manque encore, mais les socialistes sont contents que les choses avancent.

Fred Bertinelli rappelle qu'un nouveau centre va voir le jour à côté du supermarché. Or il faudra faire en sorte que l'ancien centre reste en vie. Il y a du pain sur la planche.

Fred Bertinelli répète qu'il ne voit pas de concept. Il a déjà été question de se réunir pour discuter de la question. Fred Bertinelli sait que M. Traversini est un homme actif — notamment au sein du CIGL. Mais il ne voit pas comment le

3. Actes et conventions

CIGL tout seul pourrait dynamiser le commerce. Cette discussion devra avoir lieu dans les années à venir. Il faudra trouver une solution, car autrement, Differdange va se retrouver avec deux centres.

Les commerçants de l'ancien centre doivent avoir l'impression que l'on s'occupe d'eux. De grands immeubles vont se retrouver vides prochainement à cause des départs de la Poste et de banques. Il ne sera pas facile de les remplir avec de petits commerces. Il s'agit d'un véritable défi.

Les socialistes craignent que tous les locaux ne puissent pas être loués par le CIGL même si le bourgmestre pousse dans cette direction. Tôt ou tard, un véritable magasin de vélos voudra peut-être ouvrir à Differdange.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

réplique que la commune l'attend depuis trente ans.

FRED BERTINELLI (LSAP) rappelle qu'un magasin s'était renseigné. Des discussions sont encore en cours. Fred Bertinelli mentionne Décathlon.

(Interruption)

Fred Bertinelli rappelle qu'il en a été question dans le cadre du parc de stationnement. Il ne critique pas la politique du collège échevinal, mais de tels magasins seraient intéressants pour Differdange.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

est du même avis.

JERRY HARTUNG (CSV) se réjouit de l'ouverture de trois nouveaux magasins à Differdange dont l'offre sera complémentaire à ceux existants. La voie empruntée par la commune est donc la bonne. L'attractivité de la ville augmente.

Le magasin de vélos, qui effectuera aussi des réparations, aura un impact positif sur la mobilité douce.

Les contrats de bail ne prévoient pas de caution. Est-ce normal?

Le collège échevinal dispose-t-il d'une liste des locaux que la commune possède ou loue?

Mer vermessen e bëssen e Konzept vun deem Ganzen. Mir hate jo eng Kéier gesot, datt mer eng Diskussioun géife maachen, wou mer eis alleguerte ronderëm den Dësch setzen, fir ze kucken, wéi mer weiderfueren.

Ech weess, datt eise Buergermeeschter en aktive Mann ass, datt e vill schafft am CIGL an dann nach probéiert, déi Saachen esou hinzekréien. Mä ech gesinn net, wéi mer ganz Déifferdeng, all eis Geschäfte, esou beluecht kréien. Dat géif e bësse schwéier ginn. Et wär och e bësse vill fir de CIGL eleng, fir déi Geschäfte esou ze beleen.

Mä dat ass eng Diskussioun, déi déi nächst Joren op eis wäert zoukommen. Wou mer ganz schnell mussen eng Lösung fannen, well soss riskéiere mer effektiv, wéi dat schonn hei gesot ginn ass, zwee Zentren ze kréien. Eisen neien Zentrum mat der Entreé en ville an deen alen. Do sollt een deene Geschäftsleit, déi do sinn, awer d'Gefill ginn, datt ee sech ëm se këmmert. Datt een do och probéiert, erëm Liewen anzehauchen.

Ech weess, datt et net einfach ass, vu datt do ganz grouss Gebaier elo deem nächst wäerten eidel stoen. Wou grouss Institutiounen, wéi d'Post oder Banken dra waren, déi net esou einfach mat engem klengen Geschäft ze fëlle sinn. Dat ass e groussen Challenge, deen op eis alleguerten duerkënnt. A mir hoffen, datt mer dat iergendwéi geléist kréien.

Wéi gesot, mir fannen dat heiten eng gutt Saach. Mä mir hunn e bëssen d'Angscht, datt mer net ëmmer alles kënnen fëllen. Well eise Buergermeeschter gëtt do vill Gas, och beim CIGL, fir dat mat esou Organisatiounen ze fëllen. Mee et wäert och eng Kéier haut oder muer e Vélosgeschäft wëllen op Déifferdeng kommen, an da muss een och kucken.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

Mir waarden 30 Joer drop. Et ass nach kee komm.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Jo, mir haten der awer och schonn eng Kéier, déi sech gemellt haten, wann Der Iech kënnt erënneren, Här Buergermeeschter. Déi och komm wieren. A wou d'Diskussioun nach ëmmer net vum Dësch ass. Dat wësst Dir och ...

(Ënnerbriechung)

D'Parkhaus, wou mer iwwert d'Parkhaus geschwat haten, déi wollt kommen. Ech kritiséieren dat net, beileiwen net. Mä ech mengen, datt mer op deem dote Wee awer musse weider sichen, fir esou Geschäfte an eng Stad ze kréien. Déi à longue haleine och dann d'Strooss halen. Villmools Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Bertinelli. Här Hartung, w.e.gl.

JERRY HARTUNG (CSV):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, d'CSV ass frou, datt mer dräi weider nei Geschäfte an onse Stadzentrum kréien, déi complémenteaire zu deenen aneren Offere sinn an esou weider Clienten unzéien, respektiv hei zu Déifferdeng halen. Wat dann och deenen anere Geschäfte zegutt kënnt. Hei gesäit een, datt de Wee, dee mer ageschloen hunn, seng Friichten dréit, an d'Attraktivitéit vun onser Stad weider klëmmt.

De Vélosbuttek deen, wann ech richteg informéiert sinn, och Reparatüre wäert ubidden, wäert zudeem e positiven Impakt op d'Mobilitéit douce hunn.

Et ass mer opgefall, datt keng Kautioun an deenen dräi Kontrakter virgesinn ass. Gëtt et dofir e Grond?

An da wollt mer och froen, ob de Schäfferot eng Lëscht huet, oder kéint erstelle loossen, mat alle Gebailechkeeten, déi entweder an hirem Besëtz sinn oder wou gelount ginn a wat domat aktuell gemaach gëtt. Esou eng Lëscht wär interessant, wann een d'Studentwécklung wëll aktiv steieren. Merci.

3. Actes et conventions

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Här Meisch, w.e.gl.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Merci. Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt just betounen, datt deen do Wee am Fong schonn eng laang Rei vu Jore betratt gëtt. Ech denken zum Beispill un déi fréier Apdikt beim Park oder vis-à-vis, et ass och scho genannt ginn, un d'Lokal, wou d'Bibliothék dra war. Mir si frou, datt dee Wee och elo weidergefuer gëtt. Dofir stëmme mir dat natierlech mat.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Meisch. Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Mir ënnerstëtzen d'prinzipiell Approche, dass een als Gemeng aktiv gëtt an deem Beräich. Well et méiglech mécht, dass eis Geschäftswelt erëm beliebt gëtt. An doduercher, dass ee selwer intervenéiert, d'Präisser erëm méi accessibel gemaach ginn. Et muss ee soen, dass hei ee vun dräi Kontrakter ass, wou mir selwer Proprietär sinn. Dat heescht, wou mer en aneren Afloss op d'Präisser kënnen hunn, wéi wa mer lounen a weiderverlounen. An deem heite Fall elo.

ENG STÉMM:

Dat hate mer jo awer schonn

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Jo, jo. Wat an deem Kontext wichteg ass: D'leschte Kéier hat de Schäfferot eng Iddi vun enger Commission économique virgeschloen. Wou sinn do d'Iwwerleeungen drun? Kënnt dat eng Kéier? A wéini? Ech denken, dass dat dote grad Dossiere sinn, déi an esou enger Kommissioun kéinten a sollten diskutéiert ginn. Mir hunn am Moment eng Finanzkommissioun. Do kéinten och esou Saachen diskutéiert ginn.

Hei geet et drëm, datt ee kéint kucken: Wat huet eis dat kascht? Fir wéi vill lounen mer dat? Fir wéi vill verlounen mer et weider? Fir wéi vill hu mer et akaf? Wéi wëlle mer et amortiséieren iwwert de Loyer? Wann dat keng Froe si fir eng Finanzkommissioun.

An där Commission économique kéint virun allem och d'Selektioun vun den Dossiere gemaach ginn. All déi Froe kéinte gekläert ginn oder op d'mannst diskutéiert ginn a virbereet ginn, déi den Här Bertinelli ugeschwat huet. Dat heescht, wéi ee Konzept hu mer? Wéi eng Besoine constatéieren mer? Wéi constatéieren mer déi Besoinen? A wéi eng Demarché maache mer, fir déi richteg Acteuren dohinner ze kréien? Alles dat kéint een do verdéiwen an da kéint ee Kritäre festleeën.

Dat sinn alles Saachen, déi mer onbedéngt brauchen, wa mer wierklech weider an esou eng Richtung ginn, fir dass mer e gemeinsam Verständnis dovunner hunn, wou mer wëllen histeieren a wéi dat funktionéiert.

Ech wollt drop opmierksam maachen: D'leschte Kéier ass e Contrat de bail hei gestëmmt ginn – ech hunn en net gestëmmt –, deen am Fong a Kontradiktioun war zu deem Acte de vente, dee mer virdru gestëmmt haten. Nämlech op der Place du Marché.

Do stoung am Acte de vente dran, dass et Utilité publique ass, doduercher, dass et herno un eng Société d'impact sociétal oder social sollt weiderverlount ginn an esou sollt benotzt ginn. An herno ass et awer un eng Sàrl, déi nach net gegrënnt war, weiderverlount ginn, ouni deen Artikel aus engem Acte de vente ze respektéieren, dee mer selwer hei gestëmmt haten. Dat si Saachen, déi ech esou net kann ënnerstëtzen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech kéint Iech drop äntweren, wien dann do muss méi bezuelen herno: Dat ass d'Stad Déifferdeng. Här Ruckert, w.e.gl.

FRANÇOIS MEISCH (DP) rappelle que cette politique remonte à plusieurs années. Il mentionne la pharmacie du parc et le local de la bibliothèque. Il se réjouit du fait qu'elle soit poursuivie.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) soutient l'approche de la commune visant à dynamiser le commerce. En intervenant, la commune peut rendre les prix accessibles. Lorsque la commune est propriétaire, elle peut influencer les prix de manière plus importante que lorsqu'elle ne fait que sous-louer un local.

(Interruption)

Gary Diderich rappelle que la dernière fois, le collège échevinal a proposé la création d'une commission économique. Y a-t-il des précisions?

Une telle commission — ensemble avec la commission des finances — pourrait discuter de ce type de dossiers — et notamment des couts d'acquisition, du montant du loyer, de l'amortissement du prix...

La commission économique s'occuperait surtout de la sélection. M. Bertinelli a mentionné l'absence de concept. La commission pourrait analyser les besoins et proposer des démarches pour attirer les bons acteurs. Cela permettrait de savoir dans quelle direction aller et comment y parvenir.

Gary Diderich rappelle que le conseil communal a approuvé un contrat de bail portant sur un local sur la place du Marché la dernière fois. Lui-même a voté contre. L'acte de vente prévoyait la location à une société d'impact sociétal. Or finalement, le local a été loué à une SARL qui n'existait même pas encore. Bref, l'article en question de l'acte de vente n'a pas été respecté. Gary Diderich ne saurait soutenir ce type de pratiques.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) réplique que finalement, c'est la commune qui devrait déboursier de l'argent.

3. Actes et conventions

ALI RUCKERT (KPL) *trouve que ces contrats de bail sont une chose positive pour Differdange. Cependant, il ne reconnaît pas de concept. Des efforts ont été accomplis. Il ne faut pas en diminuer l'importance. Mais un concept est nécessaire. Par exemple, il n'est jamais question des magasins qui ferment dans le centre.*

Que l'on crée un deuxième centre à côté du premier ne facilite pas les choses. Un débat n'a jamais été mené et Ali Ruckert sait que le collège échevinal y est contraire puisqu'il veut absolument d'un deuxième centre.

Cependant, les communistes aprouveront les baux.

SERGE GOFFINET (LSAP) *se pose des questions concernant les loyers. Y a-t-il un concept? Tous les locataires payent-ils la même somme au mètre carré? Quels sont les critères?*

Si d'autres magasins devaient ouvrir, il serait intéressant de disposer d'une ligne de conduite claire.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *répond qu'il faut faire une distinction entre les locaux que la commune loue et ceux qu'elle sous-loue. Lorsqu'elle est propriétaire, elle essaie d'amortir le prix d'acquisition sur vingt ans.*

La commission économique verra le jour. Roberto Traversini se réjouit du fait que les conseillers communaux aient compris qu'elle ne concernera pas seulement le 1535°. C'est tout le centre qui a besoin d'un concept.

Roberto Traversini ajoute que malheureusement, il n'y a pas la file pour ouvrir un magasin à Differdange. M. Hartung a dit que trois nouveaux magasins vont ouvrir. Mais il reste beaucoup de pain sur la planche.

La commission économique sera créée en automne. Elle pourra aborder toutes ces questions et pas s'occuper uniquement du 1535°.

(Interruption)

Pour ce qui est de la caution, Roberto Traversini explique que la commune n'en demande pas — tout comme l'AIKS — parce que les gens n'ont pas toujours l'argent nécessaire. Le loyer n'est pas toujours

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, et ass natierlech ze begréissen, wa mer hei iwwert dräi Projete kënnen ofstëmmen. Dat ass eng positiv Saach fir d'Gemeng Déifferdeng.

Ech muss awer soen, ech gesinn do kee Konzept derhannert. Och wann do Efforte gemaach gi sinn, dass dat esou geschitt. Ech wëll dat elo net klengrieden. Mä e Konzept ass dat nach net. Besonnesch, wa mer ëmmer driwwer schwätzen, wann eppes Neits kënnt, awer mir nach ni iwwer all déi Geschäfte geschwat hunn, déi zougemaach gi sinn am Zentrum. Dann hätte mer vill ze schwätzen. Wahrscheinlech vill méi, wéi iwwert déi, déi opmaachen.

Do feelt e Konzept. A wat erschwéierend derbäi kënnt, dat ass, wann een da mengt, et misst ee sech nieft den Zentrum nach en zweeten Zentrum dohinner setzen, fir dass een deem éischten och nach Konkurrenz mécht. Dat kann net opgoen. Do ass kee Konzept.

Do misste mer emol wierklech – bon, déi Diskussioun ass net gefouert ginn, an ech weess och, dass Der net wëllt, dass déi gefouert gëtt, well Der absolutt deem zweeten Zentrum do wëllt duerchzéien. Mä dat geet an eng falsch Richtung. Ech wäert awer hei als Vertrieeder vun der KPL natierlech fir déi dräi Saachen do stëmmen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci. Här Goffinet, w.e.gl.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Ech wollt just froen, wéi et mat de Loyer ass. Ech huelen zwar och dat Wuert 'Konzept' an de Mond, ob do e Konzept ass, fir jiddwereen deeselwechte Loyer pro Metercarré ze froen. Oder ob do verschidde Kritären ugewannt ginn? Ob Der do eng Iddi hutt? Well dat wier awer an deem Fall ubruecht, wa mer vläicht e puer Butteker oder e puer Saache méi an deem Format do maachen. Dass mer do awer iergendwéi eng gewësse Linn an dat Ganzt kréien. Well soss verléiere mer e bëssen den Iwwerbléck. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Éischtens emol ass et schonn en Ënnerscheed, wa mir eppes lounen an erëm verlounen, wéi wann s de Proprietär bass. Do hu mer eis eng Linn ginn, datt mer do versichen op 20 Joer ze amortiséieren.

Ech sinn op alle Fall frou, datt déi Commission économique, oder wéi mer se wäerten nennen, dann och eng Kéier den Dag wäert kënne gesinn. Dir hutt verstanen, datt et net nëmmen ëm de 1535° geet. Well do hat een awer d'Gefill déi leschte Kéier, et géif just iwwert dee geschwat ginn.

An elo huet, mengen ech, jiddweree gemierkt, datt een och e Konzept fir den Zentrum brauch. Natierlech si mer am Gaangen, drun ze schaffen, wéi mer dat maachen. Mä et sief gesot, d'Leit stinn net Schlaang, fir e Geschäft op Déifferdeng opmaachen ze kommen. An ech si frou, datt déi meescht déi dräi Bailen do wäerte stëmmen.

Et ass gesot gi vum Här Hartung, et sinn dräi nei Geschäfte, déi heihinner kommen. Déi soll ee begréissen. Et soll een awer net vergiessen, datt et domat nach laang net gedoen ass. Déi Commission économique, oder wéi mer se och ëmmer wäerten nennen, wäerte mer am Hierscht an d'Liewe ruffen. Wou een dann iwwer all déi Froe ka mateneen diskutéieren. Ech fannen dat ganz wichteg. Et ass schéin ze gesinn, datt et ausser dem 1535° och nach eppes anescht erséit.

ENG STÉMM:

D'Kautioun hat nach ee gefrot.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

D'Kautioun: Do hu mer eis am Fong e Beispill geholl un eiser AIKS. Wou mir als Gemeng d'Geschäfte keng Kautioun froen, well dat och eppes ka sinn, wou d'Leit déi Suen net direkt do hunn. Dat heescht, mir mengen, datt een de Leit déi Méiglechkeet soll ginn. Well et sinn net nëmmen déi héich Loyerer, déi Problemer maachen, et sinn och d'Kau-

3. Actes et conventions

tiounen. Iwwregens och an der Locatioun vun Appartementer.

Och doriwwer si mer am Gaangen ze iwwerleeën, wéi een als Gemeng nach kann hëllefen. Den Office social kann dat net alles maachen. Et sinn e puer Saachen haut gefall, och an den Diskussiounen virdrun, wou mer am Gaange sinn drun ze schaffen.

Natierlech kritt Dir dat matzäite gesot. An natierlech huet dat och eppes an der Finanzkommissioun ze sichen, Här Diderich. Dir hutt vollkomme recht, datt do soll diskutéiert ginn. Mä ech mengen, an där neier Kommissioun, déi gegrënnt gëtt, wäert iwwert dat alles geschwat ginn.

Mä nach eng Kéier gesot, d'Leit stinn net Schlaang, fir op Déifferdeng e Geschäft opmaachen ze kommen. Dat erklärt, firwat een op esou Mesurë wéi de CIGL zrëckgräift.

Mä ech mengen, dass et de Bierger an de Biergerinnen zimlech egal ass, wa se hir Wäsch maache ginn, wéi eng Struktur do hannendru steet. Oder wa se de Vëlo flécke ginn, wien hinnen dat mécht. Déi Struktur versichen, iwwert d'Ronnen ze kommen an och nach Leit auszebilden. An och nach e Service unzebidden. Ech mengen, et ass dat, wat zielt. Mä et soll een iwwer alles kënne schwätzen.

Jo, Här Bertinelli, w.e.gl.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech hu just eng Verständnisfro.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

FRED BERTINELLI (LSAP):

D'Vëlosgeschäft, ass dat de CIGL Déifferdeng, deen dat iwwerhëlt?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat ass de CIGL Déifferdeng.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Et ass einfach eng Fro fir mech zum Verständnis: Kënnt Dir als President vum CIGL, als Buergermeeschter, do matstëmmen?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Wann Der de Kontrakt richteg gekuckt hutt, steet den Traversini Roberto als Buergermeeschter drop an net als CIGL.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Okay, dann ass et gutt. Et war einfach eng Verständnisfro.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech kéint déi zwou Saachen net maachen. Solle mer eenzel driwwer ofstëmmen oder kënne mer se en bloc ofstëmmen?

MÉI STËMMEN:

En bloc.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

En bloc. Merci.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail avec la société Happy Party pour la mise à disposition d'une surface commerciale sise 15, rue Michel-Rodange.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail avec le CIGL pour la location du local sis 2, avenue Charlotte.

le problème, et cela est vrai aussi en ce qui concerne la location d'appartements. La commune est en train de réfléchir à une solution. M. Diderich a raison de dire que la commission des finances est aussi concernée.

Roberto Traversini répète qu'il n'y a pas de file pour ouvrir un magasin à Differdange. C'est ce qui explique le recours au CIGL. D'un autre côté, peu importe aux clients quelle structure lave leur linge ou répare leurs vélos. Le CIGL essaie de rentrer dans ses frais, former des gens et offrir des services. C'est ce qui compte.

FRED BERTINELLI (LSAP) voudrait être sûr.

Est-ce le CIGL, qui gèrera le magasin de vélos?

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) répond que oui.

FRED BERTINELLI (LSAP) demande si le bourgmestre, qui est le président du CIGL, peut prendre part au vote.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) répond qu'il figure dans le contrat en tant que bourgmestre et non en tant que président du CIGL.

FRED BERTINELLI (LSAP) voulait en avoir le cœur net.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) demande si les baux peuvent être votés en bloc.
(Votes)

4. Finances communales

Roberto Traversini passe aux restants et aux décharges de l'exercice 2017. Les chiffres figurant au dossier ont évolué. Il s'agit de 600 000 €. Certaines personnes ont fini par payer.

Par rapport à l'année dernière, les chiffres stagnent. Ces dernières années, la somme se situait entre 500 000 € et 800 000 €.

Les taxes – 300 000 € – constituent le gros des impayés. Mais il est clair que les citoyens les règlent toujours en dernier, après Sudgaz, la Poste, etc. Autrement, ils seraient privés d'électricité, de téléphone ou de télévision.

Roberto Traversini propose de remettre la liste des débiteurs aux conseillers communaux qui le souhaitent. Il n'apporte plus le dossier, car il y a trois ans, il a disparu.

Il rappelle que la somme stagne. Cette année, elle est légèrement inférieure à l'année dernière, mais comparable à celles des sept dernières années.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) constate que M. Traversini a parlé des taxes. Il se rappelle de statistiques montrant que parmi les débiteurs figuraient en large partie des entreprises.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) répond que ce n'est pas le cas cette année.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) demande si proportionnellement, les choses ont évolué.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) explique qu'il s'agit de 80 000 pour les maisons relais, 300 000 € pour les taxes et 64 000 € pour les syndicats et les entreprises.

Il y a aussi des affaires traitées par les huissiers de justice et des gens remboursant un euro par mois. Le résultat est que les factures de la commune sont toujours payées en dernier. La commune ne coupera pas l'eau par exemple à moins de situations extrêmes.

JERRY HARTUNG (CSV) a vérifié la liste et a constaté que des commerces figurent parmi les débiteurs. En général, ils ont fait faillite. C'est pourquoi Jerry Hartung a posé une

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail avec la société Moudestär pour la mise à disposition d'une surface commerciale si se 10, avenue de la Liberté.

Merci. Deen nächste Punkt sinn d'Restanten an d'Déchargé vum Exercice 2017. Et sinn nei Chifferen ze soen. Déi Chifferen, déi am Dossier waren, hunn an der Tëschenzäit no ënnen evoluéiert, well Leit zrëckbezuelen hunn. Dat heescht, dee Chiffer, deen Dir am Dossier stoen hutt, stëmmt net méi, dee läit elo ëm déi 600.000 Euro. Et si Leit, déi lues a lues bezuelen.

Ech hunn d'Chifferen aus de leschte Joren nokucke gelooss. Déi stagnéieren. 2012-2013 ware mer bei 500.000, 800.000, eng Kéier 600.000, da 500.000. Dat heescht, mir stagnéieren.

Ech hunn och nokucke gelooss, wou déi meescht Impayéë sinn. Dat ass ganz kloer bei den Taxen. Dat ass bei wäitem dee gréisste Montant, ëm déi 300.000 Euro, wou d'Leit der Gemeng nach schëlleg sinn.

Do muss een awer och soen, datt d'Taxe vun der Gemeng vun de Bierger a Biergerinnen ëmmer als lescht bezuelen ginn. Dat heescht d'Sudgaz gött bezuelen, d'Post gött bezuelen. Well déi aneschtens mat hire Clienten ëmgi wéi d'Stad Déiferdeng. Dat heescht, wann een do net bezilt, dann huet ee kee Stroum méi, keen Telefon a keng Televisioun méi. Dat wëlle mer natierlech net.

Wann Der global wëllt kucken, wie wat nach ze bezuelen huet, deen Dossier kritt Der ganz gären. Ech bréngen dee just net méi mat heihinner, well e virun dräi Joer hei an der Gemeng verschwonne war. Deen Dossier ass op. Et ka jiddwereen dra kucken, wie wat ze bezuelen huet. Och déi verschidde Syndicen.

Mä am Fong geholl ass et eng Zomm, déi stagnéiert. Dës Kéier ass et e bësse manner wéi d'lescht Joer. Mä mir louchen déi lescht fënnef, sechs, siwe Joren ëmmer ëm déi 600.000-700.000 Euro.

Da géif ech d'Ronn opmaachen. Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Dir hutt d'Taxen ugeschwat. Ech ka mer den Dossier elo net méi ukucke goen. Eng Kéier hate mer hei och Statistike virgeluecht kritt, wou ee gesinn huet, dass et zum groussen Deel och Betriber sinn, déi net bezuelen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dës Kéier sinn et der manner.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Respektiv déi spéit bezuelen. Huet déi Proportioun sech verschoben? Dat wär meng Fro do.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Bei de Maison-relais sinn et ronn 80.000 Euro. Bei den Taxe sinn 300.000 Euro ronn. An dann d'Firmen an d'Syndicé si just 64.000 Euro. Dat ass elo e graffe Résumé vun deene 600.000 Euro. Dorënner sinn natierlech och Affäre mat Dierwiechter an och Leit, déi een Euro de Mount zrëckbezuelen.

Dat heescht, eise Receveur mécht alles. Mä et ass esou, dass d'Gemengerechnungen leider ëmmer zum Schluss bezuelen ginn. Well d'Konsequenze bei der Gemeng aneschtens sinn. Mir gi kengem d'Waasser ofspären. Oder et muss scho vill kommen. Ech mengen net, datt ech déi lescht Jore gesot hätt, fir engem d'Waasser ofzespären.

Här Hartung, w.e.gl.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci. Dir Dammen, Dir Hären, ech war d'Lëscht kucken. Do gesäit een effektiv, datt et net nëmmen d'Bierger an d'Biergerinne sinn, mä eben och Commercen. Do steet da meeschtens 'Faillite' hannendrun. Dofir ebe virdru meng Fro zur Kautioun. Déi Erklärung, déi Dir ginn hutt, hunn ech gutt fonnt. Well u sech war et jo ni Loyer, mä meeschtens d'Impôt-foncieren, wou net era-komm sinn.

A bei de Leit steet oft ‚introuvable‘. Dat heescht, déi si geplënnert, an de Receveur weess guer net, wou déi dru sinn. Dofir wollt ech dem Receveur a senger Equipe e grouse Merci ausschwätzen. Well wa mer hei elo déi Sue stëmmen, déi mer net erakruten, da sinn op där anerer Säit awer och vill Suen erakomm, wou net direkt bezuelt goufen an duerch hiren Asaz eben erakoumen. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Här Bertinelli, w.e.gl.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Wann ee sech dat ukuckt, an et ass och richtig, wat de Buergermeeschter gesot huet, Dir Dammen an Dir Hären, dann ass dat do näischt, wat erfreesch ass, wa Leit hir Rechnungen net kënnen bezuelen. Mä dat war schonn ëmmer esou.

Mir hunn eis bezunn op déi lescht dräi Joer. Dat ass üblech, datt d'Parteien alleguerten op déi lescht dräi, véier Joer kucken. Do ware mer scho munchmol driwwer, och eemol drënner. Mä soss ware mer ëmmer driwwer.

Wat een awer hei muss kucken: Wann ech déi lescht véier Joer huelen, hu mer praktesch 2.000-2.500 nei Awunner méi kritt an eiser Gemeng. Dofir mengen ech, datt et réckleefeg ass mat de Suen. Dat heescht, déi Marge no uewen an de Chiffer misste jo dann och méi héich sinn, op esou vill Prozent. Dat ass awer erofgaangen. Soudass ech soen, datt mer do manner hu wéi déi Jore vir-drin. Well mer méi Awunner hunn.

An déi Taxen, déi Solde-restanten, also dat, wat do net bezuelt ginn ass, déi sinn nach ëmmer d'selwecht erofgaangen, par rapport zu deene leschten dräi Joer. Soudatt ech gesinn, ganz an de Grëff wäerte mer dat doten ni kréien. Duerfir wäerte mer déi Aarbecht op den Office-socialen och ëmmer weider musse maachen.

Wéi de Buergermeeschter sot, et ass keen hei, deen d'Waasser gespaart kritt, well et e liewenswichtig Element ass, wat jiddweree muss hunn. Dat wäert

och an deenen nächste Joren d'selwecht sinn. Well dat ëmmer déi lescht Rechnung ass, déi bezuelt gëtt. An d'Gemeng normalerweis méi Gedold huet wéi all private Patron, wat d'Bezuelung ugeet. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'état des restants et décharges accordées pour l'exercice 2017.

Villmoos Merci. An och Merci dem Receveur a senger Equipe. Wou et net ëmmer evident ass, och mat de Verhandlung mat de Clienten. Well si verhandelen do zimlech fair a gutt.

Den nächste Punkt ass eis Schoulorganisatioun. Ier ech der Madamm Pregnoganz gär d'Wuert ginn, géif ech Iech eng Informatioun wëlle matdeelen.

Leschte Freideg hu mer dem Educationnsministère an dem Sportsministère e Bréif geschéckt, datt d'Stad Déifferdeng wëlles huet, eng Sportsgrondschoul ze bauen, oder ze restauréieren. Datt mer déi éischt Sportsgrondschoul am Land, hei zu Déifferdeng, wëllen hunn.

Dir wësst, datt mer Europäesch Sportsstad sinn, awer net nëmmen dat. Déi Idien hu mer scho säit e puer Joren am Kapp, wou mer iwwert den Thilleberg geschwat hunn. Et besteet e grouse Besoin. An de Sportsschoule kënnen Schüler vun 12,13 Joer opgeholl ginn. Mir sinn awer der Meenung, datt ee schonn am jonken Alter an esou eng spezifesch Schoul kéint goen.

Dat sinn déi éischt Demarchen, déi gemaach gi sinn. Mir hu bis ewell nëmme positiv Echoe vun deenen zwee Ministère kritt. Soubal et e bësse méi sprochräif ass, wäerte mer natierlech Versammlungen aberuffen, mat de Veräiner, mat Iech zesummen, wéi mer eis dat virstellen.

question concernant la caution tout à l'heure. Mais généralement, c'est l'impôt foncier qui n'a pas été payé et non le loyer.

Beaucoup de créanciers sont introuvables parce qu'ils ont démenagé. Jerry Hartung profite de l'occasion pour remercier le receveur pour son engagement.

FRED BERTINELLI (LSAP) constate que ne pas pouvoir payer ses factures n'a rien d'amusant. Au cours des dernières années, les impayés n'ont pas vraiment évolué. Auparavant, ils étaient plus élevés.

Si l'on considère que le nombre d'habitants a augmenté de 2000 à 2500 unités au cours des quatre dernières années, on pourrait même dire que les impayés sont en recul.

Les taxes non payées sont également en recul. Mais la commune ne parviendra jamais à maîtriser entièrement la situation et devra continuer à recourir à l'office social. Comme l'a dit le bourgmestre, la commune ne peut pas couper l'eau, car il s'agit d'un élément vital.

Les factures de la commune sont toujours payées en dernier, car généralement, la commune a plus de patience que les autres créanciers. (Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) remercie à son tour le receveur et son équipe. Ils réalisent un excellent travail.

Roberto Traversini passe à l'organisation scolaire. Il informe le conseil communal que vendredi dernier, le collège échevinal a envoyé une lettre au ministère de l'Éducation nationale et au ministère des Sports pour les informer que la Ville de Differdange voulait ouvrir une école fondamentale du sport. Il rappelle que Differdange est «ville européenne du sport». Les écoles du sport intègrent des élèves de 12 ou 13 ans, mais le collège échevinal est d'avis que cela devrait commencer plus tôt.

Les échos des ministères sont positifs. Dès que les choses seront plus concrètes, le conseil communal en sera informé.

Roberto Traversini cède la parole à Mme Pregno pour l'organisation scolaire 2018-2019.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) explique qu'il s'agit de la première organisation qu'elle a accompagnée. L'organisation reflète ce qui se passe dans les écoles, où une équipe d'enseignants dynamiques encadrent les enfants.

Dans les écoles, le contingent se monte à 2,1 heures par élève, soit 5817 heures au total. Jusqu'à septembre, ces chiffres vont évoluer.

À ces heures s'ajoutent 121 heures pour l'École Nature, l'École technique et la piscine, 10 heures pour le plan de développement scolaire, et 695 heures pour l'espace de rencontre, les classes d'accueil et les remplacements.

Il est probable qu'il faudra ajouter plus de mille heures dans la seconde liste pour couvrir les heures du personnel.

En tout, 198 classes fonctionneront l'année prochaine, dont 52 dans le centre, 38 au Fousbann, 2 à Lasauvage, 43 à Niederkorn, 34 à Oberkorn, 26 au Woiwer et 3 au Kannerbongert.

Quatre-vingts enseignants s'occupent du cycle 1 et 190 enseignants des cycles 2 à 4. Des enseignants supplémentaires s'occupent de l'École Nature, de l'École technique et de l'Espace.

Le C1 représente 26 heures par semaine et les C2 à C4 28 heures par semaine. Les jeudis et mardis, il n'y a école que le matin.

Laura Pregno souligne l'importance de l'éducation physique et la natation. Beaucoup d'enfants ne bougent pas assez. La gymnastique a lieu dans les différentes salles de gym et la natation à Aquasud. S'y ajoute le mur d'escalade du Bock.

La commune soutient la fête européenne du sport, qui a eu lieu à Cranendonck cette année. L'année prochaine, ce sera au tour de Bitburg.

Les écoles proposent aussi des activités pédagogiques adaptées à la situation de Differdange: l'appui, l'assistance en classe et les instituteurs pour enfants à besoins spécifiques. Les IEBS assurent la coordination avec les titulaires des classes ainsi que le lien avec les pa-

Dat gesot, géife mer dann elo zur Schoulorganisatioun 2018-2019 kommen. Dëst ass Är éischt Organisatioun, Madamm Pregno.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci, Här Buergermeester. Dir Dammen, Dir Hären, effektiv meng éischt Schoulorganisatioun, déi ech dann hei a menger Tâche als Schoulschäffin gemaach hunn, accompagnéiert hunn. Et ass, wéi all déi Jore virdrun, eng ganz gutt Schoulorganisatioun, déi Kapp a Fouss huet an definitiv dat erëmspigelt, wat dobaussen an eise Schoule leeft. Nämlech ganz vill. Soutenéiert vun enger ganz dynamescher Enseignantsequipe, Educateursleit, déi eis Kanner um Terrain encadréieren. Dat als Intro.

E puer Informatiounen, wat alles an där Schoulorganisatioun steet. Dir hutt d'Dokument virun Iech leien. Mir hu fir d'kommend Schouljoer e Contingent vu ronn 2,1 Stonne pro Schüler. Dëst gerechent op den 31.12.2017. Dat mécht am Ganze fir eis Schoule 5.817 Stonnen.

Do wäerten nach Adaptatiounen kommen, fir op d'Verännerungen vun de Schülerzuelen anzegoen, déi elo nach bis September wäerten ukommen. Dat Ganzt opgedeelt op fënnf Schoulen, déi mer hei an der Gemeng hunn.

Dobäi kommen dann nach Stonne fir d'Naturschoul, d'Technikschoul an d'Piscine. Dat sinn 121 Stonnen. Et kommen am Ganzen zéng Stonnen dobäi fir de Plan de développement scolaire, zwou pro Gebai.

An dann nach 695 Stonne fir, ënner anere, den Espace de rencontre, d'Classe-d'acceuil an och fir eis Remplacement-permanents. Am Ganze mécht dat 6.512 Stonne fir d'ganz Déifferdenger Stad.

Fir de Moment gesäit et esou aus, dass mer e bësse méi wéi 1.000 Stonnen op der zweeter Lëscht wäerte musse publizéieren, fir déi Stonnen dann och vum Personal gedeckt ze kréien. Déi Stonnenopdeelung verdeelt sech op verschidde Klassen no eise Schoulen. Am Ganzen hu mer 198 Klassen, déi wäerten d'nächst Joer funktionéieren. Do-

vunner sinn der 52 am Zentrum, 38 um Fousbann, zwou op der Zoowaasch, 43 zu Nidderkuer, 34 zu Uewerkuer, 26 um Woiwer an dräi am Kannerbongert. Dat sinn d'Bëschklassen. Wou mer d'nächst Schouljoer elo vun zwou op dräi Klasse wäerten erweideren.

Fir de Cycle 1 hu mer e bësse méi wéi 80 Enseignanten. A ronn 190 Enseignanten am C2 bis C4. Dobäi kommen eng Rei Stonne fir d'Enseignanten, déi eis pädagogesch Offer, dat heescht, d'Naturschoul, d'Technikschoul, d'Replacement an den Espace funktionéiere loosse. Dat ass natierlech immens wichteg, fir eis pädagogesch Offer, déi mer hunn, kënnen ëmmer weider ze verbesseren a weider ze stemmen.

Un den Horairen, no deenen eis Klasse funktionéieren, huet net ganz vill changéiert. Mir hunn nach ëmmer fir den C2 bis C4 28 Stonne pro Woch a 26 fir den C1. Dëst mat der classescher Opdeelung vu méi laangen Deeg. Méindes, mëttwochs a freides moies a mëttes Schoul. An dënschdes an donneschdes just moies Schoul.

Wéi déi aner Joren, gëtt nach ëmmer ganz vill wäert op Turnen a Schwamme geluecht. Et ass esou, dass ganz vill Kanner hei an der Gemeng en Defizit an der Motricitéit hunn. Ëmsou méi wichteg ass et, dass se kënnen turnen a schwamme goen, well dat deene Kanner immens vill hëlleft. Turne fënnt an de respektive Sportshalen an den Turnhale statt, d'Schwamme weiderhin am Aquasud. Dobäi kënnt d'Kloterwand um Bock. Wou en Enseignant dechargéiert ass fir sechs Stonne pro Woch un där Kloterwand ze schaffen, fir all Klassen aus der Gemeng ze prestéieren.

Mir ënnerstëtze weiderhin d'Europäescht Jugendsportfest, wat dëst Joer zu Kranendonk an Holland war. D'nächst Joer wäert et zu Bitburg sinn, wou dann och eng Delegatioun Schüler an Enseignanten eis gutt vertritt.

Fir op déi e bësse méi schwierig Situatiounen an eiser Gemeng anzegoen, hu mer nach ëmmer eng Rei pädagogesch Ënnerstëtzen, déi lafen. Mir hunn den Appui, mir hunn d'Assistance en classe.

A mir hunn neierdénks d'Instituteurs pour enfants à besoins spécifiques, IEB-Sen. Wou u sech ee pro Schoul ass. Wou d'Koordinatioun mat de respektiven Titulaires maachen, déi dann esou e Kand an der Klass betreien. Déi awer och de Lien mat den Eltere maachen a mat der neier CI, dat heescht der Commission d'Inclusion. Déi u sech an deenen neien Direktiounen kreéiert ginn ass.

Déi nei Direktioun, dat ass net méi en Inspektorat, wéi mer dat bis elo kannt hunn. Mä dat ass eng Direktioun, wou e Schoulmeeschter Direkter ass, mat dräi Adjointe fir Déifferdeng. Dat heescht, eng Equipe vu véier Leit. Si setzen hei zu Déifferdeng an der Villa Hadir, wann Der se eng Kéier sicht. Déi koordinéieren u sech déi ESEB, dat ass d'Équipe de soutien pour les élèves à besoins spécifiques, wou och den Instituteur pour enfants à besoins spécifiques dra funktionéiert.

Do ass zum Beispill och den Espace de rencontre dran, deen Der am Markenhaus fannt. Do ass een Enseignant zoustänneg, mat 23 Stonnen, fir Kanner opzefänken, déi deels aus hire Klasse müssen erausgeholl ginn. An deem Kader fannen dann och véier Stonne Reittherapie statt, déi um Roudenhaaff ugebuede ginn. Wou Kanner, déi eben an deem Espace ageschriwwen sinn, vun där Reittherapie profitéieren kënnen, fir hiert Verhalen e bësse besser an d'Gidd ze kréien. Dat Ganzt gëtt vun Educatoren encadréiert.

Am nächste Gemengerot wäerte mer op de Plan de développement scolaire agoen, deen nei virgesinn ass vum Ministère aus. Deen all Schoul selwer opstellt. Wou u sech déi grouss Linne vun der schoulescher Entwécklung gebaiint dra festgehal ginn.

Well all Gebai huet seng Spezifizitéiten, seng eege Bevëlkerung, seng eegen Titulaires. An et ass jo och flott, wann all Gebai sech eng eegen Identitéit ka ginn an déi an engem Plan de développement scolaire weider forgéieren.

Dozou wäert dann och am nächste Gemengerot den ROI vun de Schoule kommen, de Règlement d'ordre interne. Och déi si ganz verschidden opgesat. Et si Schoulen, déi halen dat méi einfach. Et si Schoulen, déi halen dat ganz ausféierlech, eben en fonction vun

deem Public, dee se hunn. A wat se sech och einfach wëlle selwer als Reegelen an als Kader ginn. Verschidde Schoule brauchen halt do e bësse méi an anereren eben e bësse manner.

Weiderhi wäert an der Fousbann Schoul d'EDIFF funktionéieren, déi och d'Éducation différenciée genannt gëtt. A mir wäerte weiderhin Accueilsklassen hunn an deene fënnef Schoulen. Eng Klass pro Schoul normalerweis. Wou d'Primo-Arrivant-Kanner opgefaange ginn.

Weiderhin ënnerstëtze mer als Gemeng alles, wat e bësse méi extra ass. Esou incitéiere mer eist Schoulpersonal, mat hire Klassen an dat, wat mer Kolonien nennen, ze fueren. Do gëtt et eng ganz Lëscht vu verschiddene Méiglechkeeten, déi mer ubidden. Zum Beispill Kolonien, déi fënnef Wochen daueren. Awer mir hunn och ganz vill wäert drop geluecht, dass et och méi kuerz Kolonië gëtt.

Well mer ënnert den Enseignante ganz vill jonk Mammen hunn. Wou et ganz, ganz schwiereg ass, dass se fënnef Deeg um Stéck mat hirer Klass fort fueren. Dat sinn déi Kolonien, wou ee just dräi Deeg fort ass. Déi si wierklech ganz beléift. Well dat familljentechnesch méi einfach ze organiséieren ass.

Des Weideren incitéiere mer eist Schoulpersonal, ëmmer aus de Klassen erauszegoen. Dat ass alles, wat sech ënnert 'auserschulische Lernorte' regroupéiere léisst, och Sorties pédagogiques genannt. Wou een an de Musée geet oder an d'Stadhaus en Theaterstéck kucken oder oder oder. Dat ënnerstëtze mer weiderhin.

Doriwwer eraus kommen dann nach eng ganz Rei periscolaire Offeren. Dorënner versti mer d'LASEP, d'MUSEP, den Art à l'école, de Liesclub souwéi de Kannergemengerot. Nei ass dëst Joer de Schoulgaart vun der Schoul Déifferdeng-Zentrum, déi déi lescht Jore ganz vill Zäit a Schweess dragesat hunn, fir do e flott funktionéierende Schoulgaart ze kréien. Dat leeft ganz gutt. Si maachen dat u sech no der Schoul. Si hunn do e Grupp vu Kanner, déi reegelméisseg participéieren. Ech war dat d'leschte Kéier kucken. Dat ass wierklech immens flott.

rents et la nouvelle commission d'inclusion.

La nouvelle direction se compose d'un directeur — un enseignant — et de trois adjoints. Elle se situe dans la Villa Hadir. Elle coordonne notamment l'équipe de soutien pour élèves à besoins spécifiques.

L'espace de rencontre se trouve dans le «Markenhaus». Un enseignant s'occupe des enfants devant être sortis de leurs classes. Dans ce contexte sont aussi organisées quatre heures de thérapie équestre. Le tout est encadré par des éducateurs.

Lors de la prochaine séance, Laura Pregno présentera le plan de développement scolaire. Le ministère prévoit que chaque école en ait un. En effet, chaque établissement a ses spécificités, ses titulaires et sa population.

Laura Pregno présentera aussi le règlement d'ordre interne des écoles. Certaines écoles préfèrent un règlement simple, d'autres un règlement plus complet. Cela dépend du public, mais aussi du cadre qu'elles veulent se donner.

L'éducation différenciée continuera de fonctionner à l'École du Fousbann. Les cinq écoles disposeront de classes d'accueil pour les enfants qui viennent d'arriver.

La commune soutient aussi les activités un peu plus spéciales. Elle incite notamment le personnel scolaire à partir en colonies avec les enfants. Les colonies peuvent durer jusqu'à cinq semaines. Mais elles peuvent aussi être plus courtes, parce que les jeunes mères ne veulent souvent pas laisser partir leurs enfants aussi longtemps. Celles durant trois jours sont particulièrement appréciées.

Le personnel est également incité à organiser des sorties pédagogiques, par exemple au musée ou au théâtre.

Parmi les activités périscolaires figurent la LASEP, Art à l'école, le club de lecture et le conseil communal des enfants. Parmi les nouveautés figure le jardin scolaire de Diferdange-centre, qui fonctionne particulièrement bien. De nombreux enfants y participent.

L'accent sera aussi mis sur la collaboration entre les écoles et les maisons relais. Ce type de collabora-

tion fonctionne bien dans les établissements intégrant école et maison relais, car le personnel s'y côtoie tous les jours. La situation est plus difficile ailleurs. Des malentendus peuvent voir le jour. Il faudra améliorer la situation. Les enfants passent beaucoup de temps dans les deux structures et celles-ci doivent donc fonctionner ensemble même s'il s'agit d'éducation formelle d'un côté et d'éducation non formelle de l'autre.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

salue le fait que les effectifs soient faibles dans toutes les écoles. Il ne faut pas oublier que de nouveaux élèves arriveront en cours d'année. Le personnel scolaire de Differdange est souvent confronté à des défis sociaux. Il faut en tenir compte.

Le contingent a baissé. Il baissera ultérieurement l'année prochaine pour atteindre le seuil prévu par le ministère. Avec Esch, Differdange compte le facteur socioéconomique le plus élevé du pays. C'est pourquoi elle a droit à plus d'enseignants. Il ne faut pas perdre de vue le fait que la situation liée au comportement des enfants est parfois dramatique. On ne peut pas prévoir des classes de vingt enfants. Le personnel des écoles et des maisons relais est confronté à un défi. Les enseignants font de leur mieux, mais ont besoin de soutien.

Christiane Brassel-Rausch salue le fait que l'offre pédagogique vaste soit reconduite.

La crèche en forêt et l'école en forêt connaissent un beau succès. Quatorze enfants sont inscrits à la crèche et 37 à l'école et à la maison relais. Pourquoi les horaires de la crèche en forêt ont-ils changé? Comment les élèves de l'école en forêt sont-ils sélectionnés, leur nombre étant limité?

Christiane Brassel-Rausch constate que le nombre d'enfants scolarisés à la maison a augmenté et passe à dix.

Da wäerte mer weiderhin e groussen Accent op d'Kollaboratioun tëscht der Schoul an der Maison relais setzen. Et ass eng Kollaboratioun, déi méi oder manner en Fonction vun de Sitte funktionéiert. Et ass esou, dass dat op deene Sitten, wou d'Maison relais ganz no bei der Schoul ass, respektiv an d'Schoul integréiert ass, immens gutt klappt, well d'Leit sech all Dag gesinn an all Dag no beienee schaffen.

Op Sitten, wou et e bësse méi verspreet ass, deet dat sech e bësse méi schwéier. Et kënnt oft zu Mëssverständnesser oder Saachen, déi eben net esou kloer sinn.

Mir leeën do nach eng Kéier e ganz grouse Wäert drop, dass dat sech wierklech verbessert an Hand an Hand geet. Well eis Kanner ginn awer vum Accueil moies an d'Schoul an dann erëm zrëck do iessen. A verbréngen dann och nach eng Zäitche mëttes. An och wann dat eent Éducation formelle ass an dat anert Éducation informelle, muss et awer Hand an Hand goen, fir eis Kanner beschtméiglech opzefänken.

Dat war e klengen Tour duerch d'Schoulorganisatioun. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och Madamm Pregno. Da géiffe mer d'Ronn opmaachen. D'Madamm Brassel-Rausch Christiane, w.e.gl.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären. Madamm Pregno, villmools Merci fir Är Ausféierungen. Mir begréissen, dass d'Effektiver an der Moyenne an deene ganze Schoulen nach ëmmer niddreg sinn.

Och wa se elo niddreg um Pabeier stinn, muss ee jo wëssen, dass am Laf vum Joer ëmmer erëm Schüler bäikommen. Dofir begréisse mer dat ausdrécklech. Virun allem am soziale Beräich ass eist Schoulpersonal ëmmer méi gefuerdert. Dat heescht, deem muss een an de Klassen och Rechnung droen.

De Contingent ass weider erofgaangen. E geet och nach d'nächst Joer erof. An da wäerte mer op deem Seuil sinn, dee vum Ministère virgeschriwwen ass. Wou, souwäit ech informéiert sinn – wann dat nach ëmmer stëmmt –, Déifferdeng e relativ héije Facteur socio-économique huet. Mat Esch, géif ech soen, deen héchsten hei am Land. Dat heescht, wou mer dann erëm Enseignante bäikréien.

Dat muss mer spillen. Well mir däerfen net aus den Ae verléieren, wéi dramatesch d'Situatiounen a verschidde Schouklasse sinn, wat d'Behuele vun de Kanner ugeet. Do kann een net an eng Klass bedenkenlos 20 Kanner setzen.

Ech denken, do ass eist Schoulpersonal plus d'Leit aus de Maison-structuren enorm gefuerdert. Si probéieren, et am beschten ze léisen. A si brauchen an aller Hisiicht d'Ënnerstëtzung vun all de Leit, all de Responsabelen aus der Gemeng, och vun der Direktioun.

Mir hunn eng grouss pädagogesch Offer. Dat begréisse mer. Déi gëtt et scho laang. Mir si frou, dass déi Saache weidergefouert ginn.

Ech wëll just op de leschte Bëbee vun der Gemeng ze schwätze kommen, dat heescht d'Bëschcrèche an d'Bëschschoul. Déi offensichtlech e grouse Succès hunn. Souwäit ech weess, si 14 Kanner an der Bëschcrèche ageschriwwen a 37 Kanner an der Bëschschoul. Wat jo och mécht, dass déi 37 dann och an d'Maison-relais ginn.

Ech hunn zwou kleng Froen un Iech, Madamm Pregno. Firwat huet den Horaire an der Bëschcrèche elo schonn an deem Joer geännert? A wat mech och géif interesséieren: Vu dass d'Zuel vun de Kanner, déi do ugeholl ginn, beschränkt ass, wéi funktionéiert dat? Wéi ginn d'Kanner ausgesicht, déi dierfen an d'Bëschschoul goen?

Ech soen Iech villmools Merci. Eng ganz kleng Remark nach: Ech hu festgestallt, dass den Enseignement à domicile dëst Joer erëm an d'Luucht gaangen ass. Ech weess et, well ech laang Joren an der Schoulkommissioun war. Deen ass elo, souwäit ech weess, op zéng Kanner. Dat heescht, wou Elteren

hir Kanner doheem dærfen enseigneieren. Ech soen Iech Merci am Viraus.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Här Muller, w.e.gl.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci fir d'Wuert. Ech wëll kuerz am Numm vun der LSAP Stellung huelen zu der Schoulorganisatioun 2018-2019. Un éischter Stell wëll ech als Vertrieder vun der LSAP all deenejéinegen, déi un dëser Schoulorganisatioun matgewierkt hunn, e grousst Luef aussprechen an hinne Merci soen. Ech denken hei un d'Schoulkommissioun, de Schoulservice, un d'Marilena Falbo, d'Elterevertrieder, awer och un eist Léierpersonal, ouni déi dës Organisations sécherlech näischt wäert wär.

Eis nei Schoulschaffin huet eis all d'Detailer erkläert. Dofir mécht et kee Sënn, nach eng Kéier op alles anzegoen, mä éischter e puer ergänzend Froen ze stellen.

Dir hutt et elo gesot a sidd schonn e bëssen op déi Froen agaangen: Wéi steet et ëm de Plan de réussite scolaire? Dat ass jo wichteg, mengen ech. Wou steet een als Stad, als Gemeng, op wat fir engem Niveau par rapport zum Landesplang?

Mir hu festgestallt, dass d'Klassenefektiver relativ kleng bleiwen. Meeschtens ënner 15, hunn ech gesinn. Dat ass sécherlech bedéngt, wéi Dir gesot hutt, Madamm Brassel-Rausch – un deem Numm muss ech mech gewinnen –, dass eise Contingent zwar geännert ass, mä en ass nach relativ favorabel par rapport zu eiser sozialer Situatioun. Dat wëlle mer och ervirsträichen. An e wäert och favorabel bleiwen, well mir jo hei an eiser Gemeng och an Zukunft bestëmmt nach grouss Efforte musse maache mat eise Kanner.

Wou steet Déifferdeng par Rapport zu der nationaler Schoullandschaft? A wou sti mer par rapport zu eisen Objektiv? An do kënnt dann de PDS mat dran, well deem hunn ech e bësse vermësst. Do hutt Der mer schonn eng

Äntwert drop ginn a mir gesot, dat wär vun enger nächster Sitzung Bestand.

Mir hunn näischt héieren haut iwwert d'École internationale primaire. Wéi vill Kanner aus der Gemeng Déifferdeng besichen dës Schoul? Wéi ass d'Tendenz fir déi kommend Joren? Do ass jo och e bëssen en Echange mat deene Leit ëm d'international Schoul. Ech mengen, déi ass elo och en Deel vun eiser Schoullandschaft an hält och en Deel Kanner op.

Do muss ee kucken, ob d'Resultater da vläicht besser si wéi an eise Schoulsystem. Dat sinn interessant Echange, déi do kënne stattfannen. Wou eis vläicht op Piste kënne bréngen, wéi mer den Niveau e bësse méi héich kréien hei.

Eng weider Fro hätte mir zu der Hausaufgabenhëllef, wat jo éischter eng politesch Decisioun ass. Well am Schoulsystem ass déi Hëllef am Fong duerch den Appui définiert. An d'Schoulorganisatioun, dat heescht vum Ministère aus, huet sech an der Vergaangenheet éischter do erausgehale a gesot, d'Kanner brauchen u sech keng Hausaufgabenhëllef. D'Kanner sollen an der Schoul dat léieren, wat ze léieren ass. An wa se aus der Schoul eraus sinn, solle se dat ebe wëssen.

Aus der Praxis, iwwer eis Kanner an Enkelkanner, wësse mer alleguer, dass dat awer leider net de Fall ass. Soudass do méi Efforten néideg sinn an dass déi Hausaufgabenhëllef awer muss sinn.

An ëmsou méi wichteg, vu d'Multikulturalitéit, déi mer hei hunn. Wou vill Elteren aus diversen Ursaachen net à même sinn, an dat kann een hinnen och net verdenken, dass se einfach net op deem Niveau sinn, fir déi Hausaufgabenhëllef mat hire Kanner ze maachen.

Et ass wichteg, dass mir als Gemeng eppes maachen. A mir sinn och wierklech frou, well déi meescht Parteien haten dat an hirem Wahlprogramm, dass dat och elo Bestanddeel vun dëser Koalitioun ass.

Mir wollte froen, wéini leeft déi Hausaufgabenhëllef richteg un? An ënner wat fir enger Form soll se realiséiert ginn?

ERNY MULLER (LSAP) remercie tout d'abord tous ceux qui ont contribué à la réalisation de l'organisation scolaire: la commission scolaire, le service scolaire, Marilena, les représentants d'élèves et le personnel enseignant.

L'échevine aux affaires scolaires a fourni les détails. Erny Muller n'y reviendra pas.

Où en est le plan de réussite scolaire? Où se situe Differdange par rapport aux autres communes?

Les effectifs des classes sont relativement faibles — en général en dessous de 15. Le contingent a baissé, mais reste relativement favorable en raison de la situation sociale de Differdange. Il devrait rester favorable, car des efforts restent à faire à Differdange.

Où en est la commune par rapport au reste du pays et par rapport à ses propres objectifs? Quelle est la tendance pour les années à venir?

En ce qui concerne le PDS, Mme Pregno a expliqué qu'il serait présenté lors de la prochaine séance.

Mme Pregno n'a pas mentionné l'école primaire internationale.

Combien de Differdangeois la fréquentent-ils? Quelle est la tendance pour les années à venir? L'école internationale fait partie du paysage scolaire de Differdange et accueille une partie des enfants. Il faut donc voir si les résultats sont meilleurs que dans les autres écoles. Des échanges réguliers pourraient permettre d'ouvrir de nouvelles pistes. L'aide aux devoirs à domicile est plutôt une question politique. Dans le système scolaire, cette aide est définie à travers l'appui. Jusqu'à présent, la commune a jugé que les enfants n'avaient pas besoin d'aides aux devoirs. Les enfants sont censés savoir ce qu'ils ont appris à l'école. Mais dans la pratique, ce n'est pas le cas. C'est pourquoi l'aide aux devoirs à domicile est nécessaire. Il ne faut pas oublier non plus que beaucoup de parents n'ont pas le niveau pour aider leurs enfants. L'aide aux devoirs figurait dans la plupart des programmes électoraux. Erny Muller demande quand elle sera lancée et sous quelle forme.

La surveillance est organisée de manière très stricte. C'est important pour éviter des incidents. La commune et les enseignants ont une grande responsabilité.

L'organisation scolaire met l'accent sur le sport et la natation. Erny Muller suppose que les enseignants sont formés convenablement. Il rappelle que les cours de sport sont tenus par les enseignants eux-mêmes. Il faudrait donc qu'ils connaissent les différents styles de natation par exemple. Il est important que tous les enfants sachent nager une fois qu'ils quittent l'école primaire — et si possible plus tôt. Les enfants du cycle 1 vont-ils nager? C'est un progrès immense.

La Ville de Differdange a toujours été forte pour ce qui est des activités périscolaires. Ce n'est pas nouveau.

Il a déjà été question de la crèche en forêt. Erny Muller n'a donc pas besoin de revenir dessus.

L'organisation scolaire de Differdange est progressiste. Erny Muller continue d'espérer que l'école fondamentale prépare les générations futures aux défis qui les attendent.

JERRY HARTUNG (CSV) rappelle qu'il est question de l'organisation scolaire pour la prochaine rentrée. Elle concerne 2773 enfants répartis en 198 classes.

Jerry Hartung remercie le service scolaire, les comités et leurs présidents, la commission scolaire et les représentants des parents d'élèves. Un grand merci aussi au personnel scolaire qui transmet tous les jours ses connaissances aux enfants.

Jerry Hartung souhaite revenir sur quelques points clés.

La surveillance est décrite de façon détaillée. Il est important de la documenter, car sur le terrain l'application n'est pas évidente.

Differdange propose de beaux projets aux enfants. L'École Nature, l'École technique, les sorties pédagogiques et les colonies éveillent leur curiosité. Mme Pregno a fourni les explications nécessaires.

Jerry Hartung mentionne ensuite des projets destinés aux enfants en difficulté comme les ateliers d'apprentissage, l'enseignement à deux, l'accueil, le projet dyslexie, dyscalculie et dysphasie...

Da konnte mer och erkennen am Dokument, dass ganz vill Wäert geluecht gëtt – an ech wëll och soen, dass dat wichteg ass –, dass d'Surveillance ganz strikt organiséiert ass. Dat ass net vu Muttwëll, well do kënne ganz entscheidend Saache geschéien, wann dat net de Fall ass. Also do muss ee ganz gutt oppassen. Do hu mir eng grouss Responsabilitéit. D'Schoulpersonal och, mä et geet beim Plang, beim Programm un. Wann do e gudde Plang ass, ech mengen, dann ass dat anert automatesch och séier gereegelt.

Dir hutt vun der Motricitéit geschwat. Et gëtt vill Wäert op Sport- respektiv Schwammstonne geluecht. Ech ginn och dovun aus, dass déi néideg Ausbildungen do sinn. Well mir wëssen, de Sport gëtt vum Léierpersonal selwer gemaach.

Ech géif awer mengen, dass dann déi, déi dat maachen, och e bëssen Anung vum Schwammen a vun deene verschiddene Schwammstiler hunn. Wéi een de Kanner dat bäibréngt. Wann net, da misste mer kucken, dass mer do awer déi richteg Leit ëmmer hunn. Dass eis Kanner – a mir gesinn, dass do enorm Fortschrëttler gemaach gi sinn – praktesch alleguer schwamme kënnen, wa se aus der Primärschoul erausginn.

Och schonn éischter, schonn am Laf vun der Grondschoul an den éischte Joren. Ass dat nach esou, Madamm Pregno, dass se effektiv och an der Spillschoul, also am Cycle 1, scho schwamme ginn? Wat en immense Fortschrëtt ass. Ech hunn et emol esou erausgelies, dass déi Stonnen och alleguer stattfanen.

Dann d'Activités périscolaires. Ech mengen, do ware mer ëmmer staark hei an der Gemeng, dat ass net nei. Dat hutt Der eis erklärt.

D'Bëschschoul war och ugeklongen. Déi éischt Erfarungen, wéi sinn déi? Och aner Froe wéi d'Selektioun an esou weider wollte mer eng Kéier uschwätzen. Ech mengen, ech brauch net méi drop anzegoen.

Mir kënne roueg soen, mir hätten eng fortschrëttlech Schoulorganisatioun. Dat kënne mer soen. An et ass och eise Wonsch, heiansdo ass et zwar e fromme Wonsch, dass eis Grondschoul eis

zukünfteg Generatiounen op déi sécherlech net einfach Aufgabe virbereet, déi op se duerkommen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ganz richtig. Merci och, Här Muller. Här Hartung, w.e.gl.

JERRY HARTUNG (CSV):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech ginn net méi op d'Zueilen an, just datt mer hei eng Schoulorganisatioun fir 2.773 Kanner fir déi kommend Rentrée stëmmen. An dat an 198 Klassen. Dat heescht, dass mer iwwer e Bagage fir d'Zukunft vun 2.773 Kanner schwätzen.

E grouse Merci un de Schoulservice, d'Comitéen an hir Presidenten, d'Direktioun, d'Schoulkommissioun an d'Elterevertreieder, déi un dëser Schoulorganisatioun geschafft hunn. E grouse Merci och un dat ganz Schoulpersonal, dat op Basis vun der Schoulorganisatioun dagdeeglech d'Schüler an der Schoul empfängt an hinnen d'Wesse vermittelt.

D'Schoulorganisatioun ass zimlech vaste, soudatt ech just op e puer Schwéierpunkte wäert agoen.

Ech ginn net weider op d'Surveillance an. Déi ass zimlech explizit hei beschriwwen a reegelt all d'Zäiten, wou d'Schüler net ënnert der Ophutt vun hirem Enseignant sinn. Et ass wichteg a gutt dokumentéiert, well dat um Terrain net ëmmer esou evident ass.

Déifferdeng bitt senge Schüler vill flott Projeten un. Zum enge fir eng ganz Klass. Wou de Virwëtz vum Kand u senger Ëmwelt ugereegt gëtt, wéi an der Naturschoul, der Technischoul, bei pädagogeschen Ausflüch oder de Kolonien. U sech ass dat Ganzt 'außerschulisches Lernen', wéi d'Madamm Pregno dat erklärt huet.

Dann hu mer am Sënn vum schoulesche Léieren an der Differenzéierung och vill gutt Projete fir déi Schüler, déi eng extra Hëllef beim Léiere brauchen. Dëst sinn zum Beispill d'Léieratelieren oder

d'Lernkliniken, den Enseignement à deux, den Accueil an de Projet ‚Dyslexie, Dysphasie, Dyskalkulie‘.

Dës Projete maachen, datt ons Schoule gutt opgestallt sinn, fir d'Kanner schoulesch ze encadréieren.

Zu de Klasseneffektiver: Och mir begreissen déi kleng Klasseneffektiver. Dëst erlaabt dem Enseignant, sech méi Zäit pro Kand kennen ze huelen. Mer sollen awer och am Hannerkapp hunn, datt d'Kanner ëmmer a kleng Gruppe Frëndschafte fleegen. A wann de Klasseneffektiv ze kleng gëtt, geet de Risiko, datt ee Kand an der Klass keen Schloss fënnt, erop. U sech gëtt eng Moyenne vu 15 Kanner pro Klass als gutt bezechent.

Fir op d'Projete vu vir drun zrëckzekommen, muss ee wëssen, datt bei niddrege Klasseneffektiver de Volume vun de Stonne fir déi verschidde Projeten immens erofgeet. Well d'Unzuel vum Personal gëtt vum Ministère op d'Unzuel vun de Schüler an net op d'Unzuel vun de Klasse gerechent.

Wann ech d'Zuele vum Gesamttableau richteg verstinn an der Schoulorganisatioun, da bleiwe just nach 281 Stonne fir schoulesch Projete fir déi 198 Klassen iwwreg. Also u sech 1,5 Stonne pro Klass fir all déi Projeten ‚Dyslexie, Dysphasie, Dyskalkulie‘, Enseignement à deux an d'Lernkliniken. Den Accueil ass natierlech separat gerechent. Do stellt sech d'Fro, ob dat dann duergeet.

Ech stelle mer och d'Fro, ob bei der Wiel vun de kleng Klasseneffektiver net och aner Facteure matspillen. D'Madamm Brassel-Rausch huet vir dru vun der Zounam vun der Schülerschaft am Laf vum Schouljoer geschwat. Virun e puer Méint huet e Lieserbréif aus enger Maison relais aus dem Norde vum Land héich Welle geschloen, wou d'Situatioun mat verhaltenskreative Kanner beschriwwen gouf. Séier huet ee festgestallt, datt ähnlech Fäll an de Schoule queesch duerch d'ganz Land erëmfanne sinn.

Dat si keng einfach Situatiounen. Wichtig ass, datt een dofir grad dem Schoulpersonal de Réck stäipt. Vir dru gouf vun Ënnerstëtzung fir d'Enseignanten, vun der Gemeng, vun der Direktioun, vu jiddwerengem geschwat.

Am Moment hu mer iwwert d'Land an de Schoulen d'Situatioun, datt keen direkt um Terrain ass, deen eng Decisioun dierf huelen. Wat zu enger gewëssener Onsécherheet um Terrain féiert.

Fréier war d'Schouljoer oder de Schoulmeeschter verantwortlech fir seng Klass, mat quasi allem ronderëm, wat dozou gehéiert huet. An huet deementspriedend vill Decisiounen konnte séier um Terrain huelen, déi hien a seng Aarbechtskolleege richteg fir d'Schoul gehalen hunn.

Mam neie Schoulesetz 2009 ass dat alles awer an eng méi hierarchesch Struktur ëmgewandelt ginn. Vill Decisiounen, wou fréier richteg, zäitno an ouni grouse bürokrateschen Opwand geholl goufen, fir richteg a séier eben op eng Situatioun kennen ze reagéieren, kennen elo net méi getraff ginn.

Verschidden Decisiounen ginn also elo net méi vum Titulaire vun der Klasse geholl, och net vum Comité oder dem President, déi an der Schoul setzen, mä an der Direktioun. Ech wëll elo net soen, datt dëst schlecht ass. Mä vu d'Zäit an d'Distanz, déi do heiansdo kennen dertëscht leien, bréngt dëst fir d'Schoulpersonal gären e Gefill vun enger gewëssener Onsécherheet mat.

Mer hunn hei zu Déifferdeng eng nei Direktioun. Kommt mer notzen des Geleeënheet, fir als Gemeng mat der neier Direktioun, de Presidenten, de Comitéen an dem Schoulpersonal um Terrain ze analyséieren, wéi mer ons Schoule weider no vir kënne bréngen.

Dir sot elo bestëmmt, an dat och zu Recht, datt d'Gemeng näischt an der Pädagogik vun de Schoule matzebestëmmen huet. Datt dëst d'Aufgab vum Ministère ass, respektiv der Direktioun ënnerläit. Jo, mä als Gemeng sollt een awer versichen, reegelméisseg seng Schoulen op de Leescht ze huelen. Ënner anerem a punkto Projeten, fir se weider no vir ze bréngen.

Ech denken, näischt schwätzt dogéint, an Aarbechtsgruppen ons Projeten ze analyséieren. Ze kucken, wéi a Fäll vu Verhalensopfällegkeeten adequat Mesurë geholl kënne ginn. Wéi d'Replacement gutt ze organiséieren sinn an esou weider. Wou een, zum Beispill, och

Les effectifs bas permettent aux enseignants de passer plus de temps avec chaque enfant individuellement. Cependant, il ne faut pas oublier que les enfants fonctionnent généralement en petits groupes d'amis. Lorsqu'il y a peu d'enfants, il est plus difficile de s'intégrer. Comme les effectifs sont bas, le nombre d'heures prévu pour les projets baisse, car il dépend du nombre d'élèves et non du nombre de classes. Jerry Hartung signale qu'il ne reste que 281 heures pour les projets de 198 classes. Cela représente donc 1,5 heure par classe. Jerry Hartung rappelle qu'il y a quelques mois, une lettre de lecteur provenant d'une maison relais du nord du pays a fait des vagues. Cette lettre décrivait la situation d'enfants aux troubles du comportement. Or la situation est la même à travers le pays. C'est pourquoi il est important que la commune et la direction soutiennent les enseignants.

Avant, l'instituteur était responsable de ce qui se passait dans sa classe et il pouvait prendre des décisions rapidement. Mais depuis la loi de 2009, la structure hiérarchique a changé. De nombreuses décisions ne peuvent plus être prises rapidement pour répondre à une situation —, et ce ni par le titulaire, ni par le comité, ni par la direction. Jerry Hartung ne dit pas que c'est une mauvaise chose, mais le délai pour prendre les décisions entraîne des incertitudes auprès des enseignants.

La commune doit analyser avec la nouvelle direction comment faire avancer les choses à Differdange. Il est vrai que la pédagogie n'est pas de la compétence des communes, mais du ministère et de la direction. Cependant, la commune doit évaluer régulièrement ses écoles.

Il n'y a pas de raison de ne pas analyser les projets, de réfléchir aux mesures à prendre en cas de troubles du comportement et de se donner une ligne de conduite.

La commune essaie de donner une bonne image de Differdange dans de nombreux domaines. Pour les parents, l'école est un facteur important. C'est pourquoi il faut voir ce qui peut être amélioré ensemble avec la direction, les enseignants et les maisons relais.

L'école en forêt constitue un bon exemple de coopération entre la commune, la direction et le personnel scolaire. Cette année, le concept a été changé, un nouvel horaire a été mis en place et le roulement du personnel a ainsi pu être évité. Un agrandissement de l'école en forêt est-il prévu? Par exemple au Thillebiert ou au Metzkeimert.

Jerry Hartung s'inquiète du fait qu'il ne reste plus qu'un poste de pédagogue social et que l'assistance en classe ne figure plus dans l'organisation scolaire. Il espère que cela est dû à des incertitudes dans le cadre des discussions sur l'EDIFF au ministère. La force des pédagogues sociaux à Differdange et à Luxembourg-ville réside dans le fait qu'ils travaillaient directement dans les écoles et qu'ils y proposaient l'assistance en classe, mais aussi des projets contre la violence, le harcèlement, etc. Être sur place leur permettait de construire une relation de confiance indispensable avec les élèves. La commune devrait s'engager pour que cela ne change pas.

Jerry Hartung se réjouit du fait que l'Espace de rencontre collaborera étroitement avec le Centre de compétences.

Même si cela n'est pas directement lié à l'organisation scolaire, Jerry Hartung salue la décision de la commune de créer une belle charte scolaire pour les parents. La relation avec les parents est importante, et cela d'autant plus que les contacts entre parents et école ont diminué avec les maisons relais. Les parents doivent être consultés pour tout ce qui concerne l'encadrement des enfants.

op verschidde Froen, déi sech um Terrain ëmmer erëm stellen, méi kloer Richtlinne kann erstellen an esou d'Leit um Terrain ënnerstëtzt.

A ville Beräicher setze mer ons an, fir e positiven Image vun Déifferdeng ze schafen. D'Schoul ass fir vill Elteren e wichtige Facteur. Ech mengen, do si mer eis och all hei um Dësch eens, datt mer effektiv hei zu Déifferdeng vill fir eis Kanner an hir Zukunft an der Schoul maachen. Dofir kommt, mer kucken zesumme mat der Direktioun, mat de Schoulmeeschteren an de Schouljofferen, wat mer nach kënnen verbessern. An dëst, jee no Thema, natierlech och mat der Maison relais zesummen. Well et ass ee Ganzt.

E gutt Beispill, wéi d'Gemeng, d'Direktioun an d'Schoulpersonal zesummen dee richteg Wee fannen, ass d'Beispill vun der Bëschschoul. Zesummen hu si d'Konzept dëst Joer ugepasst an en neien Horiaire fixéiert, an deem de ville Wiessel am Personal fir d'Kanner elo verhënnert gëtt, an dee besser bei ee Konzept vun enger Bëschklass passt.

Vu déi grouss Demande, déi dëst Joer do war, hunn ech eng Fro: Ass en Ausbau vun der Bëschklass virgesinn? Net onbedéngt um Site selwer, well et soss ze grouss géif ginn, mä zum Beispill um Thillebiert oder am Metzkeimert?

E bëssen erfëiert war ech, wéi ech gesinn hunn, datt d'Aarbecht vun de Sozialpädagogen, bis op deem ee Posten am Espace an d'Assistance en classe am Generellen, quasi ganz aus der Schoulorganisatioun geholl gouf. Vun de Leit um Terrain krut ech och erzielt, datt si dëst Joer net méi hunn dierfte mat permutéieren. En vue, datt se sollen un d'Direktioun attachéiert ginn.

Ech weess, datt do am Kader vum Zesummeschloss mat der EDIFF um Ministère d'Diskussiounen lafen. Mä ech hoffe jo, datt de Fait, datt hir Aarbecht hei net méi präziséiert ass, doduerch zustane kënn, well et nach net kloer ass.

Well d'Stärkt vun onse Sozialpädagogen, wéi och vun deenen aus der Stad Lëtzebuerg – dat muss een einfach soen, datt u sech déi zwou Stied do Virreider waren – war, datt si fest an enger Schoul waren. Well si do Assistance en

classe zum engen, awer och Projeten zur Gewaltpreventioun, zur Mediation, zu Anti-Mobbing, zu Sozialtraining an esou weider ugebueden hunn.

Sollt dëst ewechfalen, wier et schued ëm déi wichteg Projete fir d'Schoukklima. Doduerch, datt si fest an enger Schoul waren, konnte si eng gutt Relation zu de Schüler opbauen. An der Aarbecht mat de Kanner ass d'Relation, d'Vertrauensverhältnis d'Voraussetzung zu enger erfollegräicher Aarbecht. Dofir sollt d'Gemeng sech hei vläicht asetzen. Ech denken, et ass och verständlech, datt et méi Sënn mécht, datt d'Sozialpädagoge während der Schoulzäit an de Schoule sinn, Zäit mat de Kanner hunn an net nach musse hin an hier fueren.

Frou war ech ze gesinn, datt an onsem Konzept vum Espace de rencontre virgesinn ass, datt zukünfteg soll enk zesummege schafft gi mam Centre de compétence. Ech schätzen, datt deem Echange dem Espace vill wäert bréngen.

Vläicht schwäifen ech elo e bësse vun der normaler Schoulorganisatioun of, mä ech wollt dës Plaz notzen, fir d'Entscheidung vun der Gemeng ze begrëssen, d'Schoulchartae flott ze gestalten an uerdentlech drécken ze loosse fir d'Elteren. Dat war virdrun net onbedéngt de Fall, et gouf vill Diskussiounen.

De Partenariat mat den Elteren ass ganz wichteg. Grad an Zäiten, wou ënner anerem doduerch, datt d'Kanner an d'Maison-relais ginn, de Kontakt tëschent Elteren a Schoul extrem erfoung, ass et wichteg, an dës Relationen ze investéieren. Fir eng konstruktiv Zesummenaarbecht zum Wuel vum Kand ze gewährleeschten. A wichteg ass, datt een an der ganzer Betreierung fir d'Kanner och d'Eltere mat abënn, a mer hinnen d'Responsabilitéit iwwer hir Kanner loosse.

Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Här Meisch, w.e.gl.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Dir Dammen an Hären aus dem Schäffchen- a Gemengerot. Déi meescht Detailler goufe scho genannt. Ech wëll just e puer kleng Remarque maachen a ka mech doduerch e bësse méi kuerz faassen.

D'Schoul ass am Gaangen, sech ze veränneren déi lescht Joren, an ass net méi ze vergläiche mat där Zäit, wou ech an d'Schoul gaange sinn an nach vill manner, wou anerer hei am Sall an d'Schoul gaange sinn.

ENG STËMM:

Wien?

(Gelaachs)

FRANÇOIS MEISCH (DP):

D'Schoul ännert sech. Do muss eng Gemeng mat Schratt halen. D'Offer muss permanent ugepasst ginn, fir se un d'Besoinen vun de Kanner ze adaptéieren. Soudass all d'Kanner sech kënnen entfalten, kee Kand op der Streck bleift a beschtefalls all Kand d'Méiglechkeet op e gudde Start an d'Liewen huet.

Dofir muss mer eise Kanner eng beschtméiglech Offer an en ideale Kader an Encadrement bidden an och d'Infrastrukturen net vernoléisseg.

Och muss een an deem Kontext déi demografesch Entwécklung vun eiser Stad am A behalen. An do fréi genuch erkennen, wou muss reagiert ginn. Demno ass eng Schoulorganisatioun e ganz wichtegen Dossier.

Ufank dëses Joers waren 2.755 Kanner an eise Schoulen op de verschiddene Sitten ageschriwwen. Et ass geplangt, fir Klasse bäizesetzen, da kéime mer op een Total vun 198 Klassen. 17 am Précoce, 43 am Préscolaire. Zousätzlech dräi als Bëschklass. An an de Cyclen 2 bis 4 nach eng Kéier 135 Klassen.

Betreffend d'Schoulorganisatioun wëlle mir de concernéierte Leit Merci soe fir hir Aarbecht. Der Schoulschäffin, dem Schoulservice, der Schoulkommissioun, dem ganze Personal, den Elterevertrie-

der awer och dem Ministère fir d'Ënnerstëtzung an den Accord vum Contingent.

Oppasse muss mer kuerzfristeg, dass d'Digitaliséierung am Kontext vun eise Schoulen an der Bildung net ze kuerz kennt, dass mer do net hannendra gerdenn. Stéchuert digitaalt Klassenzëmmer.

Och muss mer kucken, dass eis Schoulen a Maison-relais méi no un eis lokal Veräiner erurückelen. Dat am Interêt vun deenen zwou Säiten. Mir hatten do jo schonns verschidden Denkestëss ginn.

Nichtsdestotrotz stëmmt d'Demokratesch Partei natierlech d'Schoulorganisatioun fir 2018-2019 mat. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Meisch. Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleegeinnen a Kollegen aus dem Gemengerot, d'Schoulorganisatioun ass all Joers e wichtegen Punkt an e wichtegt Thema, wat mer hei am Gemengerot traitéieren.

Ech muss soen, et ass net nëmmen am Gemengerot, wou ech all Joers dat Thema behandelen. Am Fong leeft et am Endeffekt op all Familljenissen drop eraus, fir iwwert d'Schoul ze schwätzen. Dat läit ënner anerem drun, dass deen een oder aneren aus der Famill am Enseignement uechtert d'Land oder an enger Maison relais schafft. Et läit och dorunner, dass an der Famill Kanner op d'Welt kommen, déi dann an d'Schoul ginn an déi hir Erfarungen an der Schoul maachen. Dat Thema kennt ëmmer erëm. Firwat? Et läit de Leit um Häerz. An et leeft net ëmmer esou, wéi ee sech et virstellt.

Virun allem läit et deenen Allermeeschten um Häerz, deene Leit, déi do schaffen an natierlech den Elteren, deenen hir Kanner an d'Schoul ginn. An et ass net ëmmer einfach. Et verlaangt de Leit

FRANÇOIS MEISCH (DP) va se montrer bref, car la plupart des détails ont été fournis.

L'école a évolué et n'est plus comparable à celle que François Meisch fréquentait et encore moins à celle que d'autres fréquentaient.

(Interruption et rires)

François Meisch ajoute que les communes doivent tenir la cadence et adapter l'offre en permanence afin que chaque enfant ait une possibilité de bien commencer sa vie. L'encadrement doit être idéal et les infrastructures adaptées.

Il faut aussi tenir compte de l'évolution démographique de la ville et réagir en conséquence.

Deux-mille-sept-cent-cinquante-cinq enfants sont inscrits dans les différents établissements. Ils sont répartis dans 198 classes, une en plus que l'année dernière: 17 dans le précoce, 43 dans le préscolaire, 3 au Kannerbongert et 135 dans les cycles 2 à 4.

François Meisch remercie ceux qui ont contribué à la réalisation de l'organisation scolaire: l'échevine aux affaires scolaires, le service scolaire, la commission scolaire, le personnel, les représentants des parents d'élèves et aussi le ministère pour son soutien.

Differdange doit veiller à ne pas prendre du retard en matière de numérisation.

Les écoles et les maisons relais doivent collaborer avec les associations locales dans l'intérêt des deux parties.

Les démocrates approuveront l'organisation scolaire 2018-2019.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) constate que l'organisation scolaire est un sujet important. Il en discute non seulement au sein du conseil communal, mais pratiquement à chaque dîner de famille. En effet, il y a toujours quelqu'un qui travaille dans une école ou dans une maison relais et des enfants qui vont à l'école. Il s'agit d'un sujet qui tient à cœur aux gens.

La situation n'est pas toujours facile. Ceux qui travaillent dans ce domaine doivent être engagés. Ils sont confrontés tous les jours à des personnes ayant fait des expériences diverses et dans la société d'aujourd'hui, ces expériences sont

parfois complexes. La marge de manœuvre pour se relaxer et s'épanouir est réduite.

Les parents travaillent le plus souvent à deux et ne peuvent pas toujours faire les pauses nécessaires — même dans les moments cruciaux de la vie familiale. Cela a des répercussions sur les enfants et sur les enseignants. Bien sûr, tout n'est pas mauvais, mais il ne faut pas oublier ceux qui atteignent leurs limites malgré les efforts.

Par ailleurs, comme dans toutes les entreprises, certains ne sont pas motivés. D'autres constatent qu'ils ont choisi la mauvaise carrière. Cela aussi a des conséquences sur l'école.

Même les enseignants les plus motivés n'ont pas toujours la même approche pédagogique — y compris au sein d'une équipe.

La loi de 2009 permet de tenir les cours d'une manière différente. Mais la façon dont elle est mise en pratique dépend pour beaucoup de la façon dont s'entendent les enseignants. C'est pourquoi le plan de développement scolaire est un bon instrument.

Gary Diderich souhaite revenir sur un concept dont il a été question il y a quelques années: l'école globale. Celle-ci permettrait de régler le rythme scolaire différemment. Aujourd'hui, le gros du programme se déroule le matin. L'après-midi, les enfants peuvent se relaxer à la maison relais et participer à des activités plus ludiques. Dans une école globale, les horaires peuvent être organisés différemment. Mais il faut trouver des enseignants ayant envie de s'engager dans un tel projet. Y a-t-il des gens qui s'y intéressent? Ou bien l'idée a-t-elle été abandonnée?

L'organisation scolaire parle de trois enfants à besoins spécifiques. Ce chiffre est bas. Qu'en est-il des autres écoles? Il existe des moyens pour évaluer si un enfant a des besoins spécifiques. Gary Diderich constate par ailleurs que certains enfants voient une assistante sociale. Cela semble aussi indiquer une situation difficile.

ganz vill of, déi an deem Beräich schaffen.

Et schafft een all Dag mat Mënschen. Mënschen, déi hir Bagagë matbréngen. An an enger Gesellschaft, wéi mer haut liewen, ginn déi Bagagen net onbedéngt méi onkomplizéiert, mä éischer méi komplex, méi villfältig. A virun allem ass ëmmer manner Raum do, fir net déi ganzen Zäiten an enger Spannung ze sinn, ënner Stress ze sinn, mä och heiansdo kënne lasszeloossen a sech e bësse méi fräi kënnen ze entfalten. An der Eenzegaartegkeet vun all Kand a vun all Famill Raum ze ginn.

D'Eltere sinn ëmmer méi dozou ugehale, zu zwee ze schaffen. Sech net genuch Pause kënnen ze huelen an deene kruziale Momenter, wou et gëtt am Liewe vun enger Famill, am Liewe vun engem Kand. An alles dat wierkt sech aus op d'Schoul, op d'Kanner, op d'Leit, déi mat de Kanner schaffen. An dat trotz de ganz villen Efforten. Dofir, wéi gesot, ass et net ëmmer einfach.

Et ass awer och net ëmmer problematesch. Et ass och net ëmmer schlecht. Dat wëll ech och net soen. Mä mir musen et awer uschwätzen, dass et fir eng Rei Leit wierklech ëmmer méi schwéier gëtt. An dass souguer déi motivéiertst Leit zum Deel un hir Limitte kommen.

Et muss een awer och soen, et ass wéi an all Betrib. Wou och net jiddereen onbedéngt dee motivéiertsten ass, oder de Choix fir e Beruff sech an der Praxis net ëmmer confirméiert. Dat huet och seng Auswierkungen op e Gesamtgefüge innerhalb vun enger Schoul.

A souguer wa jidderee motivéiert ass, huet een nach net ëmmer déiselwecht pädagogesch Vuen an déiselwecht Approche. D'Aart a Weisen, wéi eben d'Equippen zesummegehalt ginn, mécht net onbedéngt, dass dann déi zesummekommen, déi eng ähnlech Virstellung hunn.

Mä et gëtt en neit Schoulgesetz vun 2009, wat ganz vill méiglech mécht, fir anescht Schoul ze halen. Do gëtt et ganz vill Ënnerscheeder, wéi dat ëmgesat gëtt a wéi dat net ëmgesat gëtt. Et hänkt, mengen ech, ebe grad dovunner of, ob d'Leit zesummen eens ginn, fir et op eng gewëssen Aart a Weis ze maachen oder net.

An ech denken, do ass vläicht nach Sputt, fir méi ze kucken, där Leit zesummenzekréien. Dofir ass de Plan de développement scolaire e wichtegt Instrument. An ech hoffen, dass dat och esou genotzt gëtt.

Ech wëll eppes uschwätzen, wat viru Joren hei e bëssen am Gespréich war. Wat vläicht och eng Méiglechkeet wär fir eng Zort Projet-Schoul ze maachen, wou d'Leit sech ronderëm e Konzept géifen zesummefannen. Dat ass d'Iddi vun der Gesamtschoul.

Eng Gesamtschoul awer mat engem klore Konzept, wou et ebe virun allem géif drëm goen, déi Rhythmusfro am Dag anescht ze reegelen, wéi mer déi bis elo an der Schoul reegelen, wou s de souzesoe moies, also zu Schoulzäiten, méi Spannung am Oflaf hues, e Programm muss duerchgoen, wou dat relativ konzentréiert ass. A wou s de dann an engem Nomëtteg oft an enger Maison relais méi entspannen oder méi spilleresch virgoe kanns.

An enger Gesamtschoul kéint een déi Horairë ganz anescht reegelen. Et muss een natierlech kucken, ob ee Leit huet, déi dat och wierklech wëllen. Déi sech och géife mellen an esou e Projet. Do wollt ech nofroen, ob dat nach heiansdo gekuckt gëtt, gefrot gëtt, geschwat gëtt. Ob do Leit interesséiert sinn. Oder ob dat politesch guer net méi gewollt ass a keng Ustrengunge méi an déi Richtung gemaach ginn.

Ech hunn et ugeschwat, de Kontext, deen net ëmmer einfach ass. Ech hunn elo an dëser Schoulorganisatioun bei enger Schoul d'Remark gesinn, dass dräi Kanner à besoins spécifiques sinn. Bei anere Schoule steet dat net. Ech ginn awer elo net dovun aus, dass an anere Schoule keng Kanner à besoins spécifiques wäeren. An ech wollt nofroen, ob et wierklech just dräi sinn. Well dat schéngt mer relativ niddreg bei esou enger grousser Schoul ze sinn. Och wann ech uechtert d'Land vun anere Schoulen, an och hei vu Schoulen, héieren.

Et gëtt zwou Aart a Weisen an nach méi, fir feststellen, ob et e Kand à besoin spécifique gëtt. Dat ass den CI, wéi gesot ginn ass vun Iech Madamm Pregné. An et si jo och Kanner gemellt bei der Assistante sociale, wat och op méi

eng schwierig Situatioun dann awer hiweist.

Gëtt et do méi konkret Zuelen? Kéint een déi vläicht och an Zukunft an enger Commission scolaire gesinn? Et gëtt guer net drëm, déi Kanner iergendwéi ze stigmatiséieren. Et geet just drëm ze wëssen, a wéi engem Kontext d'Personal schafft. A wat d'Situatioun ass, déi mer do organiséieren. Déi ass jo da scho verschidden.

An dat verlaangt dem Personal heiansdo relativ vill of. A si hunn, mengen ech, net ëmmer déi Hëllef, déi se bräichten. Och wann een an déi méi niddreg Cyclé kënnt. Do hu mer och méi a méi Situatiounen, wou Kanner net onbedéngt ëmmer propper sinn, wa se an d'Schoul kommen. Wann s de eleng bass mat enger Spillschoulsklass, an dat ass de Fall, da kann dat scho relativ schnell komplizéiert ginn.

Et ass gesot ginn, d'EDIFFe sollen am Fong an d'Schoulen integréiert ginn iwwert déi nei Direktioun, iwwert déi Kommissioun. Do wollt ech nofroen, wéi dat vonstatten geet. Ob dat reell zur Verstärkung vum Personal um Terrain féiert an ob déi Leit do déi néideg Ënnerstëtzung kréien.

Den Här Hartung huet gesot, et ass eng relativ Mediatiséierung ronderëm dat Thema geschitt. Et muss een awer soen, dass mir hei zu Déifferdeng, mengen ech, net op déi Mediatiséierung gewaart hunn, fir feststellen, dass d'Situatiounen heiansdo ganz schwierig sinn. Et geet éischter drëm, elo konkret ze kucken, ob déi 150 spezialiséiert Enseignanten um Terrain ukommen a wéi dat ofleeft.

Ech denken, dass mir als Gemeng also wierklech dat maachen, wat mer kënne maachen. Also ech wëll ausdrécklech mäi Luef hei dem Schoulservice, der Madamm Pregno an de Leit um Terrain ausdrécken.

Ech mengen, déi Marge de manœuvre, déi mer als Gemeng hunn, déi notze mer zum ganz groussen Deel. Et gëtt vläicht verschidde Saachen, déi mir méi kritesch gesinn. Wéi ebe Säll ze notze fir d'Maison-relais respektiv fir d'Kantinsessen, wann ee schonn dee Rhythmus an dee Fräiraum net ëmmer huet. Wann een dee Broch dann och phy-

sesch net wierklech ka vollzéien, da gesimer dat kritesch.

Mä fir de Rescht muss een hei feststellen, dass zu Déifferdeng scho laang ganz vill Saache gemaach ginn, déi vun enne kommen, vun de Leit kommen. Dass d'Gemeng ëmmer ganz oppen ass, fir déi ze ënnerstëtzen.

D'Technikschoul, d'Reittherapie, d'Naturschoul an eben elo och d'Bëschschoul sinn einfach Projeten, déi wierklech Äntwerten op ganz vill Besoine ginn, déi d'Gesellschaft eis am Moment stellt. Wou een, menger Meenung no, nach weider ka kucken, wéi een dat kann ausbauen.

Et kann een an deenen aner Lokaltéiten och Richtung Bëschschoul goen. Et kann ee Richtung Gaardeschoul goen. Déi Iddi vun der Sportsgrondschoul, déi mer haut matgedeelt kritt hunn, ass och interessant. Woubäi een natierlech muss kucken, dass de Sport och iwwerall staark präsent ass an all Schoul. Wat och, mengen ech, net a Fro gestallt gëtt.

Wou zwar eng Ännerung um Terrain komm ass, dass all Enseignant, ob en elo musek- oder sportbegeeschtert ass, dat soll assuréieren. Wat net ëmmer de Fall ass, ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Déi kënne alles.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

... dass dat da mat deem néidege Wëssen, der Erfahrung a Motivatioun vläicht ausgefouert gëtt. Also wann ech misst Musekskursen halen, ech weess net, wat dobäi géif erauskommen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richtig.

ALI RUCKERT (KPL):

Da léiwer keng.

(Gelaachs)

Existe-t-il des chiffres concrets? Pourraient-ils être présentés à la commission scolaire? Il ne s'agit pas de stigmatiser ces enfants, mais de connaître le contexte dans lequel travaille le personnel. Dans les cycles inférieurs se pose par exemple le problème d'enfants qui ne sont pas toujours propres. Les enseignants du préscolaire confrontés à ce problème peuvent vite se retrouver en difficulté.

L'EDIFF doit être intégrée à l'école à travers la direction et la commission. Cela permettra-t-il concrètement d'aider les gens sur le terrain? M. Hartung a parlé de la médiatisation récente de cette question. Mais Differdange n'a pas attendu cette médiatisation pour reconnaître les problèmes. La question est de savoir où seront déployés les 150 enseignants spécialisés. Sur le terrain?

La Ville de Differdange fait tout ce qu'elle peut. Gary Diderich ne peut que féliciter le service scolaire, Mme Pregno et les gens sur le terrain. Certes, tout n'est pas parfait. Gary Diderich est notamment critique en ce qui concerne l'utilisation de salles de classe pour la maison relais ou la cantine scolaire. Mais pour le reste, la commune est toujours disposée à écouter les suggestions des gens sur le terrain. Gary Diderich mentionne l'École technique, la thérapie équestre, l'École Nature et l'école en forêt, des projets répondant aux besoins de notre société.

En ce qui concerne l'école du sport, Gary Diderich trouve l'idée intéressante. Mais il faut aussi veiller à ce que le sport soit présent dans toutes les écoles. Le conseiller communal rappelle que les enseignants doivent désormais assurer les cours de musique et de sport, qu'ils s'y intéressent ou pas.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) répond que les enseignants savent tout faire.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) plaisante sur le fait qu'il ne sait pas ce qui arriverait s'il devait tenir des cours de musique.
(Rires)

ALI RUCKERT (KPL) *plaisante sur le fait que dans ce cas, il vaudrait mieux abolir les cours de musique.*

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *estime que le ministère doit réfléchir à la façon dont il veut mettre en pratique ses projets. Quant à la commune, elle doit dialoguer avec les enseignants et veiller à fournir un feedback au ministère.*

Gary Diderich approuvera l'organisation scolaire. La commune fait son travail et même plus. Il remercie à nouveau tous ceux qui s'engagent dans l'enseignement.

ALI RUCKERT (KPL) *revient sur les félicitations exprimées par tous les partis et s'y associe.*

Mais les efforts accomplis par la commune sont réalisés dans le cadre restrictif mis en place par le gouvernement. Les communistes critiquent ce cadre restrictif.

Aucune étude sociologique n'est réalisée pour savoir ce qu'il advient des enfants fréquentant l'école fondamentale à Differdange. Pourquoi? Ali Ruckert le sait: il en ressortirait que les enfants d'ouvriers luxembourgeois et de parents immigrés sont désavantagés. Le système scolaire ne fait que reproduire en grande partie les injustices de notre société.

Le KPL n'est pas d'accord avec la façon dont fonctionne l'école. Les communistes soutiennent l'introduction d'une école globale publique et laïque. Une école globale ne se limite pas à modifier les programmes du matin et de l'après-midi. Il s'agit d'introduire un tronc commun durant trois ans de plus que l'école fondamentale actuelle avant d'orienter les enfants. Cela permettrait d'augmenter l'égalité des chances pour les enfants d'ouvriers luxembourgeois ou étrangers.

Par ailleurs, Differdange manque d'instituteurs formés. Les postes vacants ont du mal à être occupés. Bref, on ne fait pas suffisamment sur le plan national pour former ces instituteurs. Si l'on part du principe que les élèves désavantagés ont besoin de davantage d'aide, cela signifie que le système scolaire luxembourgeois a besoin de bien plus d'instituteurs. C'est pourquoi

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Fir just dat Beispill ze nennen. Dann halen ech léiwer keng, genau.

Dat gesot, denken ech, dass virun allem de Ministère sech misst iwwerleeën, wéi en d'Saachen ëmsetzt, a wéi engem Rhythmus e se ëmsetzt an op wéi eng Aart a Weis. Ob e se mat de Leit oder net mat de Leit ëmsetzt. A wéi vill Chantieren e gläichzäiteg opmécht.

An ech mengen, dass mer eis do als Déifferdenger Gemeng och missten iwwerleeën, Bréiwer un de Ministère ze schécken. Wou mer wierklech vum Terrain kucken, d'Retounen ze kréien, fir do en aneren Dialog hinzekréien. Wou d'Leit, déi d'Aarbecht musse maachen, d'Gefill kréien, dass déi Realitéit net just vun uewen erof an eis Büroen diktéiert gëtt. Mä dass si wierklech Deel dovunner sinn, an dass op déi Besoine geäntwert gëtt, déi wierklech um Terrain sinn.

Dat gesot, stëmme mir natierlech déi Schoulorganisatioun. D'Gemeng mécht heimadder hiren Job an doriwwer eraus. Mir soen e grouss Merci all deenen, déi sech dofir engagéieren. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Här Ruckert, w.e.gl.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, vun alle Bänken ass e Luef ausgeschwat gi fir déi Efforten, déi d'Gemeng am Schoulberäich mécht. Als Vertrieeder vun der Kommunistescher Partei wëll ech mech deem uschléissen.

Ech wëll awer soen, dass déi Efforten, déi do gemaach ginn, an engem ganz restriktive Kader gemaach ginn, déi Virgaben, déi d'Gemeng vun der Regierung kritt. An ech muss soen, dass ech als Vertrieeder vun der Kommunistescher Partei ganz vill Kritiken un deem restriktive Kader do hunn.

Et gëtt keng soziologesch Ënnersichung, souwäit mer dat bekannt ass,

wou géif gekuckt ginn, wou dann déi Kanner, déi zu Déifferdeng an d'Grondschoul ginn, schlussendlech landen. Uewen op der sozialer Leeder? Ënnen op der sozialer Leeder? Wat geschitt mat deenen? Wéi komme se herno aus der Schoul eraus?

Firwat gëtt et dat net? Ech soen Iech, firwat et dat net gëtt. Et ass ganz einfach. Well da géif festgestallt ginn, dass déi Kanner vun Déifferdeng, déi aus Lëtzebuerger Aarbechterfamilie kommen an déi aus Immigrantefamilie kommen, schlussendlech d'Nodeeler erliewe vun eise Schoulssystem. An dass eist Schoulssystem déi Ongerechtegkeeten, déi et an der Gesellschaft gëtt, zum ganz groussen Deel ëmmer erëm reproduzéiert. Dofir ginn déi soziologesch Ënnersichungen net gemaach.

Ech verroden elo kee Geheimnis, wann ech soen, dass d'Kommunistescher Partei grondsätzlech net dermat d'accord ass, wéi eis Schoul funktionéiert. An dass mir am Fong antriede fir eng ëffentlech laizistesche Gesamtschoul.

Gesamtschoul heescht net, dass een d'Programmer mueres a mëttes e bëssen anescht mécht. Mä Gesamtschoul heescht, dass een en Tronc commun huet, wou alleguer d'Kanner Klasse bis e gewëssenen Alter besichen, iwwert déi haiteg Grondschoul eraus nach dräi Joer. Ier dann eng Entscheidung geholl gëtt, a wat fir eng Orientéierung se ginn. Eiser Meenung no, géif dat d'Chancëgläichheet enorm steigern, grad fir déi Kanner, déi aus Lëtzebuerger an auslänneschen Aarbechterfamilie kommen.

Zweetens hu mer net genuch ausgebildete Schoulmeeschteren. Och zu Déifferdeng net. A mer erliewen all Joer, dass mer Schwieeregkeeten hunn, déi Posten, déi do sinn, iwwerhaupt mat qualifizéierten Schoulmeeschteren ze besetzen. Dat heescht, och do gëtt net – ech schwätzen do net d'Gemeng un, mä generell – genuch gemaach, fir genuch qualifizéiert Schoulmeeschteren auszubilden.

Wa mer dovun ausginn, dass besonnesch deene Schwaachen an deene sozial benodeelegte Schüler misst gehollef ginn, souguer eng Rondëmbetreiung mat deene misst gemaach ginn, dann

heescht dat natierlech, dass an eise Schoulssystem vill méi Schoulmeeschtere missten agestellt ginn a vill méi Schoulmeeschtere mat de Klasse misste schaffen, wéi dat de Moment de Fall ass. Alles dat féiert derzou, dass mer keng Schoul, och keng Grondschoul, vun der Chancgläichheet hunn.

Dann ass hei d'Stéchwuert Digitaliséierung gefall. D'Digitaliséierung vum Klasseraum. Ech weess net, ob all déi al Problemer aus dem Bildungssystem mat deenen neien Technologie kënne geléist ginn.

Virun allem ass et esou, dass dee ganzen EDF-Beräich an der Lëtzebuurger Schoul praktesch un US-amerikanesch Konzern verpaid ass, déi sech iwwer d'Lëtzebuurger Schüler nei Clienten suchen dierfen. Fir déi bréngt et op alle Fall en Notzen. Ob dat fir d'Schüler en Notze bréngt, do géif ech awer nach e Fragezeichen derhannert setzen. Besonders, wa se net uerdentlech rechnen, liesen a schreiwe kënnen.

D'Klasseneffektivitéit: Do muss ee soen, dass mer an deene meeschte Klassen zu Déifferdeng 15 Schüler leien, wat ganz gutt ass. Mat där enger oder anerer Ausnam, wéi zu Uewerkuer zum Beispill, wou am 4.1, dat heescht am fënnefte Schouljoer, 17 Schüler sinn. Wat iwwer dem Duerchschnitt da läit. Mä dat ass nach ze verkraaften.

Mä et ass awer fir ze soen, dass och wann e Schoulmeeschter oder eng Schouljoffer 15 Schüler huet, et jo net esou ass, wéi wa keng Problemer do wären. Well et brauch ee just een oder zwee Problemschüler, da gëtt de Rhythmus vun enger ganzer Klass dacks op d'Kopp gehäit. An dat schafft natierlech dann erëm nei Problemer.

Et ass insgesamt net vill vun de Problemer geschwat ginn, déi et zu Déifferdeng awer nach gëtt. Och am dagdegleche Schoulbetrib. Den Här Buergermeeschter huet eis virdrun driwwer informéiert, dass mer interesséiert sinn, fir eng Sportsgrondschoul op Déifferdeng ze kréien.

Wéi ass et da mam Sport oder mat der Beweegung global an den Déifferdenger Schoulen? Et ass jo net, wéi wann eis Turnsäll all esou gutt ausgerüst wären, dass ee kéint soen, dat ass

Topqualitéit an an allen Turnsäll kéint alles gemaach ginn. Obschonn an der Vergaangenheet eng Rei wichteg Efforten do gemaach gi sinn. Dat muss ee soen.

Déi zweet Saach ass, wa gesot gëtt, et ass wichteg, dass eis Kanner schwamme léieren. Och do gëtt et Problemer. D'Schoulkanner ginn op Uewerkuer an d'Schwämm. Wéi laang kann dann eng Schoulklass zu Uewerkuer schwamme goen, wa se hire Wee zu Nidderkuer untrëtt? Zwou Stonne sinn et net.

Mir stelle fest, dass do erëm e strategesche Feeler gemaach ginn ass, viru Kuerzem, wéi decidéiert ginn ass, zu Nidderkuer eng Sportshal ze bauen, ouni eng Schwämm derbäi ze maachen. Soudass awer erëm all d'Kanner vun Nidderkuer, an och aus deene Schoulen, déi an Zukunft do nach gebaut ginn, a Richtung Uewerkuer musse goen.

An och do wësse mer, dass et Problemer gëtt. An dass d'Gemeng am Fong erëm gezwonge war, e Schwammmeeschter anzustellen, well soss vill net funktionéiert hätt. Dat heescht, Verbesserungsmeiglechkeete sinn do absolutt néideg.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat ass zwar schon net schlecht.

ALI RUCKERT (KPL):

Ech wëll mech op déi puer Kritiken do beschränken. Nach eng Kéier awer soen, dass vun der Gemeng aus grouss Efforte gemaach gi sinn, fir an deem restriktive Kader eben, wou eis Schoul stattfënnt, dat bescht draus ze maachen. An dofir wäert ech och als Vertreter vun der KPL fir d'Schoulorganisation stëmmen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Madamm Pregno, Dir dierft.

le Luxembourg n'a pas une école fondamentale de l'égalité des chances.

Il a été question de la numérisation dans les salles de classe. Ali Ruckert n'est pas sûr qu'elle puisse résoudre ces problèmes. L'école vend pratiquement ce domaine à des multinationales américaines cherchant des clients parmi les élèves luxembourgeois. Il vaudrait mieux apprendre aux enfants à calculer, lire et écrire convenablement.

La plupart des classes à Differdange comptent quelque 15 élèves, ce qui est bien. Ali Ruckert mentionne une exception dans le cycle 4.1 à Oberkorn avec 17 élèves. Cependant, il ne faut pas croire que l'instituteur d'une classe de 15 élèves n'a pas de problèmes. Il suffit d'un ou de deux enfants perturbés pour casser le rythme d'une classe.

Mais il existe aussi d'autres problèmes. Le bourgmestre a parlé d'une école fondamentale du sport. Mais qu'en est-il de l'éducation physique dans les écoles? Les salles de gymnastique actuelles ne permettent pas de faire du sport de manière optimale, même si des efforts ont été faits.

Pour ce qui est de la natation, combien dure le cours pour des élèves de Niederkorn devant se rendre à Oberkorn? Surement pas deux heures. Or le collège échevinal a décidé de construire un centre sportif à Niederkorn sans piscine. Sans oublier que la commune a été obligée encore une fois de recruter un maître nageur pour que les choses fonctionnent. Il y a moyen d'améliorer les choses.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

réplique que la situation n'est pourtant pas mauvaise.

ALI RUCKERT (KPL) ajoute que la commune fait de son mieux dans le cadre restrictif dans lequel elle se trouve. C'est pourquoi il approuvera l'organisation scolaire.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) a des solutions à proposer aux problèmes.

Elle rappelle qu'elle a travaillé dans le secondaire et que des membres de sa famille travaillent dans le fondamental. Sur le terrain, beaucoup de personnes ont des solutions à proposer. Il faut juste les écouter. Laura Pregno n'a pas réussi à tout faire, mais il lui reste encore quelques années.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) répond qu'il lui reste au moins cinq ans.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) souhaite revenir sur quelques questions.

Les effectifs sont bas en raison du facteur social. Par ailleurs, les premières années de cycle comptent légèrement moins d'élèves que les deuxièmes années afin de permettre l'intégration des enfants dont le cycle est prolongé. Il s'agit de préserver la cohérence sociale des classes.

À Oberkorn, 2 classes comptent 17 élèves sur demande des enseignants. Autrement, il aurait fallu créer 3 classes de 11 élèves, ce qui aurait cassé la dynamique des classes.

Le Kannerbongert fonctionne bien. Quatorze places sont disponibles à la crèche et trente-sept à l'école. Une troisième classe a été ajoutée cette année. Le seuil est atteint, car l'agrément ne prévoit que 37 places dans la maison relais.

Les horaires ont été adaptés avec des journées plus longues — c'est-à-dire jusqu'à 12 h 15 ou 14 h 15. En effet, les parents s'étaient plaints du fait que les enfants ne pouvaient pas fréquenter d'associations s'ils avaient école tous les jours jusqu'à 14 h. Parfois, les parents ou les grands-parents souhaitaient aussi déjeuner avec les enfants, ce qui n'était pas possible. De son côté, la commune souhaitait promouvoir la collaboration entre l'école et la maison relais grâce au déjeuner. Finalement, un compromis a été trouvé sous la forme de trois journées avec horaire continu et deux journées où le déjeuner n'est pas obligatoire et où les parents, les grands-parents, les oncles

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Merci. No ganz ville Problemer, hunn ech eng Rei Léisungen ze proposéieren. Wéi Der wësst, sinn ech vum Terrain, an ech war vill um Terrain. Ech kommen aus dem Secondaire, mä ech hunn och Famill, déi an der Grondschoul funktionéiert. Ech war ganz vill dobaussen. Wou ech gemierkt hunn, dass ganz vill Leit Léisungen ze proposéieren hätten, wann een hinne géif d'Ouer ginn. Ech hunn dat probéiert. Et ass net iwwerall gelongen. Mä ech mengen, ech hu jo nach e bëssen Zäit, an den nächste Jore weider Saachen ëmzesetzen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Op alle Fall mol nach fënnef Joer, Mادم Pregno.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Merci. Jo, fënnef Joer effektiv.

Ech wéilt gären op e puer Froen äntweren, déi gestallt gi sinn. Ech wäert probéieren, dat esou kuerz wéi méiglech ze halen.

D'Effektiver sinn effektiv weiderhin niddreg gehalen. Engersäits wéinst deem soziale Facteur, dee matspillt an der Gemeng. An anerersäits ass et esou – wahrscheinlech ass et Iech opgefall –, dass ëmmer am éischte Joer vum Cycle den Effektiv eng Grëtz méi niddreg ass wéi am zweete Joer vum Cycle.

Dat ass dofir gemaach, wa Schüler sinn, déi e Rallongement hunn, dass déi kënnen do integréiert ginn, ouni herno nei Klasse bäizesetzen, respektiv existent Klassen ze splécken. Well e Klasseverband, dee funktionéiert an zesummebleift, huet eng ganz aner Dynamik an och vill méi eng sozial Kohärenz wéi e Klasseverband, deem een all Joers spléckt.

Zu Uewerkuer sinn zwou Klasse mat 17 Schüler. Wat méi héich ass wéi d'Moyenne. Dat ass e Wonsch vun den Enseignantë gewiescht. Hätte mer dräi Klassen draus gemaach, wäere mer bei engem Effektiv vun 11 gewiescht. An an engem 4.1, sprécht fënneft Schouljo-

er, ass eng Dynamik, déi da verschwënnt, wann een esou en niddrege Klasseneffektiv huet. Dat war wierklech eng Decisioun, déi um Terrain geholl ginn ass.

D'Bëschrèche respektiv de Kannerbongert als solch funktionéiert jo ganz gutt. Mir hu 14 Plazen an der Bëschrèche, 37 an der Schoul dëst Joer. Mir hunn eng drëtt Klass bäigemaach. Do hu mer de Seuil erreecht vun deem, wat mer kënnen. Well mer vum Agrément 37 Plazen an der Maison relais hunn. Et ass eis wichteg, dee Projet wierklech an enker Kollaboratioun mat der Maison relais funktionéieren ze loossen.

Ech soe bewosst ‚Projet‘, well Adaptatiounen dëst Joer gemaach gi sinn, wéi eben den Horaire. No Concertatioun mat alle Bedeelegten, sprécht Schoulpersonal, Educateuren, Elteren a Kanner si mer zum Punkt komm, dass mer Deeg maachen, déi e bësse méi laang sinn, also bis Véierel op zwou. A kuerz Deeg bis Véierel op 12.

Well mer vun den Elteren d'Remark gemaach kruten, dass d'Kand mat deem doten Horaire, wou et all Dag bis no zwou an der Bëschschoul wär, net kéint an de Veräin goen. Well déi meescht Veräiner, virun allem déi kleng Gruppe fir d'Spillschoulskanner, um zwou ufänken. Respektiv och Elteren do waren, déi hiert Kand gären heem geholl hätte fir d'Iessen, respektiv d'Grousselteren déi hätte kéinten opfänken. An dat ass jo och ëmmer flott. Déi hätten dat net kéinte maachen duerch deem Horaire.

Eis als Gemeng an och der Schoul war et wichteg, déi Kollaboratioun Maison relais an dat obligatorescht Iessen an déi obligatoresch Zesummenaarbecht weider ze fuerderen.

Dohier dann de Kompromëss um Terrain: Mir maachen dräi Deeg, wou mer en Horaire continu mat obligatoreschem Iessen hunn. An zwee Deeg, wou dat Iessen net obligatoresch ass. Wou Grousselteren, Elteren, Tatta, Monni oder wien och ëmmer d'Kanner en Charge hält, se kënnen siche kommen an doheem betreien, mat hinnen iessen an da gegebenenfalls mat hinnen an de Veräin goen.

Dat ass also de Mëttelwee, dee mer fir dëst Joer hunn. An ech mengen, dass dat sécherlech eng gutt Léisung ass.

Wéi d'Schüler ausgewielt ginn: Engersäits sinn déi Kanner, déi an der Bëschcrèche waren, prioritär, well se um Site si fir an déi Bëschspillschoul. Mir haten duerno nach eng zéng Plazen op, well mer ebe jo op 37 konnte goen. Do sinn all d'Elteren, déi e Kand am Précoce-Alter hate fir an d'Spillschoul, ugeschriwwen ginn. Wa se wëilten, kéinte se hir Demande maachen.

A fairnesshalber hu mer duerno en Tirage au sort organiséiert, fir déi Kanner ze zéien, déi an déi Bëschklass kéinte goen. Well si ass zwar zu Nidderkuer, mä et ass awer definitiv eng Klass, déi fir d'ganz Gemeng soll funktionéieren. De Site Kannerbongert gëtt net ausgebaut. Momentan sinn eng 61 Kanner, heiansdo e bësse méi vun der Crèche aus gesinn, déi um Site dréien. No Concertatioun mat de responsabele Leit um Terrain, si mer zum Resultat komm, dass mer net vergréisseren. Well et fir dee Site einfach géif ze grouss ginn.

U sech wëlle mer jo a Richtung vu klenge Strukturen funktionéieren. Dat heescht awer net, dass mer net scho Gedanken gefouert hätten, fir eppes Ähnlech op enger anerer Plaz ze maachen. Am Moment lafen Etüden, wéi eng Site kéinten a Fro kommen, wou et méiglech wier, wou een et kéint maachen.

Wat de PRS ugeet, Här Muller, dee gëtt et net méi. Et gëtt elo de Plan de développement scolaire. Dozou am nächste Gemengerot méi ausféierlech Detailler.

D'EIDD gëtt zu 50% vun Déifferdenger Kanner genotzt. Dat gëtt ëmmer vum Schoulservice kontrolléiert. Mir hunn do e ganz flotten Austausch mat der Direktioun vun der EIDD. Hir Zuelen huelen zou. Si hu ganz vill Réckmeldungen a si ganz vill gefrot bei de Bierger. Fir d'nächst Joer ass scho bal Plazmangel ugekënnegt. Also do ganz vill Uklang, einfach aus deem Grond, well se aner linguistesche Offere virgesi wéi déi national Grondschoul.

D'Hausaufgabenhëllef funktionéiert ënnert dem Appui pédagogique an de Schoulen, an den Étude-surveillées. An och an de Maison-relais hu mer

erëm Plaz fir Hausaufgabenhëllef. Do gëtt eng Aart Kontroll vun den Educateurs gemaach. Se stinn zur Säit, fir de Kanner ze hëllefen.

Wat d'lokal Veräiner ugeet, ass et esou, dass dëst Joer de Vacances-loisirs op ass fir all d'Déifferdenger Kanner. E leeft ënnert dem Motto 'Mir sinn Déifferdeng'. Wat déi éischt Woch vum Vacances-loisirs ugeet, do hu mer ganz vill op Veräiner zrëckgegraff, mat deene mer dat zesummen organiséieren. Fir einfach nach eng Kéier ze weisen an drop anzegoen, wat Déifferdeng alles ze bidden huet. Dass een net muss ganz, ganz wäit goen, fir vill ze fannen.

Effektiv gräife mer an der zweeter Woch vun de Vacances-loisirs, déi am September sinn, op d'Sportsveräiner zrëck, fir do nach eng Kéier en Accent ze setzen. Well, wéi mer jo wëssen, dëst Joer Déifferdeng European City of Sport ass. Dat gräife mer op, dat Potential wat mer lokal hunn. Fir lokal a regional ze handeln an net onbedéngt vill méi wäit ze denken.

Wat déi ugeschwate Centres de compétence ugeet, wëll ech just soen, dass Dir jo all wësst, aus wéi enger Famill ech kommen. Ech wëll guer keng national Politik hei maachen. Mä ech gesinn awer ganz schwierig, dass op eemol esou vill kompetent Leit vun haut op muer kënnen déi Kanner opfänken. Well ech weess net, wou se déi all siche ginn. Ech begreisse se, wa se do sinn, verstitt mech net falsch.

Mä grad esou wéi de Mangel u Schoulpersonal wäert och do e Mangel stattfannen. An Dir wësst, den nooste Centre de compétence, dee mer hei hunn, deen ënnersteet der Fondatioun Kannerschlass. Déi hunn iwwer Joren dofir gekämpft a Joren investéiert, fir déi Aarbecht ze maachen, déi se haut um Terrain maachen.

Ech wäert just staunen, wann dat doten a gefillten dräi Méint alles steet, wat aner Organisatiounen iwwer Joren opgebaut hunn. Mä ech loosse mech gären iwwerraschen. An ech wäert op se zrëckgräifen, wann dëst méiglech ass.

Dëst gesot, mengen ech, hunn ech den Tour gemaach vun all de Froen, déi do waren. Villmools Merci.

ou les tantes peuvent prendre en charge les enfants, déjeuner avec eux et le cas échéant les conduire à leur club. Pour Laura Pregno, il s'agit d'un bon compromis.

En ce qui concerne la sélection des enfants pour l'école en forêt, ceux qui étaient déjà inscrits à la crèche en forêt ont été pris en priorité. Ensuite, il restait dix places. Les parents dont l'enfant fréquentait le précoce et étant en âge d'entrer dans le préscolaire pouvaient introduire une demande. Finalement, un tirage au sort a été effectué. L'école en forêt se situe à Niederkorn, mais elle est ouverte aux enfants de toute la commune.

Le Kannerbongert ne sera pas agrandi. Il y a déjà 61 enfants. Les responsables sur le terrain estiment que c'est suffisant. Le collège échevinal préconise de toute façon des structures de petite taille. Mais cela ne signifie pas qu'une structure similaire ne puisse pas ouvrir ailleurs. Une étude est en cours pour voir quels sites entrent en question.

Le PRS n'existe plus. Il a été remplacé par le plan de développement scolaire.

L'EIDD est fréquentée à 50 % par des enfants differdangeois. La collaboration avec cette école se passe bien. Pour l'année prochaine, la demande dépasse déjà l'offre. Il ne faut pas oublier que leur offre linguistique se distingue de celle de l'école fondamentale nationale.

L'aide aux devoirs à domicile fonctionne sous l'appui pédagogique dans les écoles et les études surveillées dans les maisons relais. Les éducateurs surveillent et soutiennent les enfants.

Les vacances loisirs seront ouvertes désormais à tous les enfants de Differdange sous le slogan «Mir sinn Déifferdeng». Differdange a beaucoup à offrir et il n'est pas nécessaire de se déplacer loin. Lors de la session du mois de septembre, la commune aura recours aux clubs sportifs. En effet, il ne faut pas oublier que Differdange est «European City of Sport».

Laura Pregno passe aux centres de compétences. Elle ne veut pas faire de politique nationale, mais se demande où on va trouver suffisamment de personnes compétentes

6. Organigramme du personnel

pour recueillir tous ces enfants. Laura Pregno n'est pas contraire à l'idée. Mais il y aura une pénurie comparable à celle des enseignants. Par ailleurs, le centre de compétences le plus proche dépend de la Fondation Kannerschlass, qui a investi des années dans son travail. Laura Pregno doute par conséquent que les centres de compétences soient fonctionnels dans trois mois.

(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

annonce une pause de dix minutes. (Pause)

Roberto Traversini passe à l'organigramme et au sport.

(Discussions)

Roberto Traversini constate que M. Ruckert doit partir. Il peut reporter le point 8 à la séance de juin. À partir de septembre, il y aura une séance du conseil communal par mois. Les dates seront communiquées le 11 juillet. En effet, Roberto Traversini constate que les séances sont de plus en plus longues.

Il passe à l'organigramme. Il rappelle que de nombreux recrutements ont eu lieu. C'est pourquoi l'hôtel de ville sera agrandi d'un étage et des locaux seront construits sur la place Nelson-Mandela.

Lorsqu'un appel à candidatures est lancé, il faut du temps avant que le recrutement ait lieu et que les stages aient été faits.

Parmi les nouveautés figure le département du logement. Deux postes vont être créés au départ. Ensuite, le département sera agrandi.

Tous les départements sont concernés. Il y a aussi des modifications de carrière.

À l'office social, un poste a été supprimé de l'organigramme de la commune et a été remplacé par un poste dans l'organigramme de l'office social.

Il est clair que ces recrutements auront des répercussions sur le budget ordinaire, mais la commune croît. Roberto Traversini demande aux conseillers communaux d'approuver les créations de postes.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci. Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'organisation scolaire pour l'année 2018-2019.

Merci. Da géife mer d'Sitzung fir zéng Minutten ennerbriechen. An dann huele mer en Expert-Comptabel eran.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Da bleift nach den Organigramm an de Sport.

(Diskussionen)

Den Ali Ruckert muss elo fort. Ech hu kee Problem, de Punkt aacht op d'Sitzung vum Juni ze reportéieren.

Vum September un ass all Mount Gemengerotssitzung. Dir kritt d'Datumer den 11. Juli direkt matgedeelt bis Enn des Joers. Dat heescht, déi véier fënnf Sitzunge kritt Der matgedeelt. A mir wäerten dat och esou weiderféieren. Well mer gesinn, datt et ëmmer laang gött. Alles, wat iwwer véier, fënnf Stonne geet, ass net gutt.

Da géife mer zum Organigramm kommen.

Dir wësst, wat zënter zwee, dräi Joer hei lass ass. Dofir muss mer masseg Leit astellen. Hei gesitt Der, datt et massiv ass. Fir déi Leit ennerdaach ze kréien, erwidere mer ëm e Stack, an op der Nelson-Mandela-Plaz kommen och Lokaler hin. A wéi mer wëssen, wa mer Leit wëllen, bis ausgeschriwwen ass, bis déi hei sinn, bis déi de Stage fäerdeg hunn, dat ka laang daueren.

Ganz nei ass den Département Logement. Do fänke mer mat zwee Leit un. A lues a lues, wat mir ëmmer méi selwer wëlle maachen, wäert den Département opgestockt ginn. Dir gesitt, datt all Département beträff ass. Datt mer iwwerall Leit brauchen.

Dir gesitt och déi verschidde Modifikatiounen bei de Carrièren. Déi Leit ginn net gestrach. Mä dat si Leit, zum Beispill, an de Maison-relaisen, déi sollten am Fong geholl fonctionnaliséiert ginn. Déi sinn am SES-Kollektivvertrag respektiv hunn den Examen net gepackt. Déi eng Plaze gi fort, awer ginn direkt erëm ersat.

Am Office social geet eng Plaz fort. Dat ass net, well mer keng Assistante sociale méi agestellt hunn, mä well den Office social Leit astellt. D'Jaquell ass an d'Pensioun gaangen. Dee Poste gött hei ewechgeholl, mä dee Posten ass natierlech am Office social kreéiert ginn.

Et ass eng grouss Saach. Dat wäert natierlech eisen ordinäre Budget belaaften. Mä mir sinn am Gaangen ze wuesen. Eis Leit lafen um Zännfleesch, wéi mer dat nennen. Mir wiere frou, wann déi Créations de poste géife vun Iech accordéiert ginn.

Wa Froe sinn, gött de Ressortschäfte ganz gären Äntwerten. Ech maachen d'Diskussioun op. Här Muller, w.e.gl

ERNY MULLER (LSAP):

Mir als LSAP begrëssen natierlech deen Organigramm. Dir hutt selwer gesot, Här Buergermeeschter, d'Stad wisst. Mir mussen d'Prestatiounen um Bierger deem upassen. Et ass normal, dass mer eise Personal d'Méiglechkeet mussen ginn, fir kompetent dorop ze reagéieren.

D'Delegatiounen hu sech ganz positiv geäussert. Souwuel déi vun de Fonctionnaire wéi déi vun den Aarbechter.

Vläicht nach – ech weess net, ob den Här Ulveling eppes dozou seet –, dass mer eng anstänneg Struktur an de CID ze kréien.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richteg.

ERNY MULLER (LSAP):

Mir hu laang diskutéiert, wéi mer nach hei dobäi waren, mat den Delegatiounen

6. Organigramme du personnel

fir d'Responsabilitéiten. Dass mer déi och am Organigramm erëmfannen. Dat ass séier wichteg. Well eng gutt Struktur ass eng Viraussetzung, fir eng gutt Aarbecht geleescht ze kréien. Gutt Aarbecht gëtt jo gemaach.

Mir hunn hei e ganze Koup Coden, wou ech net vill domadder kann ufänken. Ech verstinn, dass een dat net kann ëffentlech maachen. Mä ech wär awer frou, wa mir heibanne kéinten do Nimm derhannert kréien. Dann hätte mir et och méi einfach, fir ze kucken, wéi dat Ganzt funktionéiert, wien do derhannert stécht an esou weider. Wa mer dat kéinte kréien. Mir verstinn, dass dat net fir d'Ëffentlechkeet ass. Dat wësse mer. Dat wär alles, wat mer ze soen hätten. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Meisch, w.e.gl.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Dir Dammen an Dir Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot. Mir begréissen och déi beachtlech Unzuel vu Créations de poste am Organigramm an hoffen, dass doduerch déi masseg Iwwerstonnen endlech ofhuelen.

Schued, dass dat esou laang schleefe gelooss gouf, wuel wëssend, dass beim enorme Wuesstum vun eiser Gemeng méi Personal gebraucht gëtt.

Ech hätt dann nach déi eng oder aner Fro. Gäre géife mer wëssen, bei wéi engem Prozentsaz mer no deem Rekrutement am Ordinär landen? Ab wéini ginn déi Majoratioune fir déi nei Postes à responsabilité particulière ausbezueelt? Gëtt dat vläicht retroaktiv gemaach, nom Akraafttriede vum Gesetz? Oder hutt Dir do vläicht en Datum?

D'Demokratesch Partei stëmmt natierlech den aktualiséierten Organigramm mat. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Här Tempels, w.e.gl.

GUY TEMPELS (CSV):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Hären, 46 nei Plaze ginn hei geschaaft, déi batter néideg sinn. D'Gemeng an d'Erausfuenderunge wuessen. Ëmmer méi Pabeierkrich bréngt et mat sech, datt musse Leit agestallt ginn.

Trotzdeem musse mer eis virun Aen halen, datt bal 50% vum ordinäre Gemengebudget Personalkäschte sinn. Et wär interessant ze wëssen, wéi mir do par rapport zu vergläichbare Gemenge leien.

Wat gutt wier fir déi Plazen, déi elo nei ausgeschriwwen ginn, wier, dass Leit innerhalb vun der Gemeng, déi sech vläicht wëllen anescht opstellen, sech fir d'éischt kéinten dohinner mellen.

Et sief. De Service un eisem Bierger soll net verluer goen. D'CSV stëmmt dësen Organigramm mat Jo. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci. Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Als déi Léng begréisst mer dëst massivt Rekrutement, wat batter néideg ass. Et weist, dass mer Insertion de chômeur à longue durée heimadder maachen, wéi dat jo ugekënnegt war. Et weist och, dass mer 16 Botzkräfte rekrutéieren, wat net de Fall wär, wa mer dat weider privatiséiert hätten, wéi dat emol an der Vergaangenheet de Fall war.

Ech sinn natierlech ganz frou doriwwer, dass mer elo endlech deen Département Logement en place setzen. Deen ech schonn zënter dem Ufank, dass ech am Gemengerot sinn, fuereieren. Ech denken, dat wäert eis erméiglechen, nach weider ze kommen.

Am Koalitiounsaccord steet eppes am Beräich Mobilité douce. Do soll och iergendwéi agestallt ginn. Dat kann een net anengems maachen, mä ech wollt froen, gëtt et do iergendwéi e Plang, plus ou moins wéini?

ERNY MULLER (LSAP) salue l'adaptation de l'organigramme. La ville croît et les prestations de la commune doivent être adaptées. Les délégations ont remis un avis positif.

M. Ulveling abordera peut-être la question du CID.

L'organigramme doit refléter les responsabilités en place, car une structure adéquate est à la base d'un travail efficace.

L'organigramme comprend de nombreux codes. Erny Muller comprend que ces informations ne peuvent pas être rendues publiques, mais il aurait apprécié connaître les noms.

FRANÇOIS MEISCH (DP) salue à son tour l'importante création de postes. Il espère que le nombre d'heures supplémentaires baissera. Il est dommage qu'il ait fallu attendre aussi longtemps, car l'accroissement de la population entraîne forcément davantage de besoins. François Meisch demande quel pourcentage du budget ordinaire le personnel représentera après les recrutements. À partir de quand les majorations pour postes à responsabilité particulière seront-elles versées?

Le DP approuvera l'organigramme actualisé.

GUY TEMPELS (CSV) constate que 46 postes vont être créés. Ils sont absolument nécessaires pour faire face aux défis.

D'un autre côté, il ne faut pas oublier que les frais de personnel représentent près de 50 % du budget ordinaire. Comment Differdange se situe-t-elle par rapport à d'autres communes?

Avant de lancer un appel à candidatures, il serait bien de voir en interne si des employés veulent être mutés.

Le service aux habitants doit rester efficace. Le CSV approuvera l'organigramme.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) salue les recrutements massifs. La commune pratique l'insertion des chômeurs de longue durée comme annoncé. Seize postes de nettoyage sont créés, ce qui prouve que la com-

6. Organigramme du personnel

mune a cessé de privatiser dans ce domaine.

Gary Diderich se réjouit de la création d'un département du logement. Il l'exigeait depuis son entrée au conseil communal.

Le programme de coalition parle de recrutements dans le domaine de la mobilité douce. Y a-t-il des détails?

Gary Diderich souligne la remarque de la délégation des salariés, qui demande à la commune de recruter davantage de CDI et moins de CDD. Il ne dispose pas de chiffres, mais suppose que la délégation sait de quoi elle parle.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

a oublié de dire tout à l'heure que la commune crée depuis longtemps des postes pour personnes handicapées.

Pour ce qui est des CDD, ils concernent des personnes où la commune n'est pas sûre à 100 % qu'elles correspondent aux besoins. Mais dans 99 % des cas, les CDD deviennent des CDI. Bien entendu, les nouvelles recrues ont de toute façon une période d'essai de trois mois. Mais Roberto Traversini répète que près de 100 % des CDD deviennent des CDI. Au bout de six mois, les personnes concernées savent où elles en sont et cela fonctionne très bien.

Pour ce qui est des postes à responsabilité, le collège échevinal est en train de réfléchir. Il s'agit de fixer des critères pour que cela ne se fasse pas à la tête du client. Ensuite, il faudra décider si les majorations seront versées rétroactivement. C'est ce que demandera la délégation. Mais pour le moment, il s'agit d'être transparents.

(Interruption)

En ce qui concerne les frais de personnel, Roberto Traversini n'a pas encore de réponse définitive. Ces frais représentaient nettement moins de 50 % du budget ordinaire. Il est probable que la commune approche désormais les 50 %.

Le bourgmestre ne pense pas que les frais vont exploser. Il veillera aussi à ne pas dépasser les dépenses des autres communes du sud. Mais il est évident qu'une augmentation des dépenses ordinaires entraînera

Ansonste wëll ech nach eng Kéier op déi Remark vun der Delegatioun vun de Salariéen hiweisen, déi seet, dass ee wierklech vermehrt muss drop zrëckgräifen an engem CDI ze rekrutéieren a manner an engem CDD. Wou mir zwar elo keng Chifferen hunn, mä ech mengen, dass d'Delegatioun déi jo net aus der Loft gräift. Ech wollt wëssen, wéi de Schäfferot do verfiert. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Ech hat ganz vergiess ze soen, datt mer och zënter laangem Poste fir Leit mat engem Handicap kreéieren. Dat war nach net esou am Organigramm festgehale ginn.

Gëtt et nach eng Wuertmeldung, ier mer zu de Froe kommen? Nee. Déi CDDen sinn haaptsächlech, wa mer Leit huelen, wou mer net zu 100% sécher sinn no hirem CV, ob et effektiv déi richteg Persounen sinn. Et muss een awer soen, datt méi wéi 99%, wou bei eis en CDD hunn, herno och en CDI kréien. Dat heescht, dat gëtt mam Ressortschaffen a mam Responsabele vum Service gekuckt.

Et kann een natierlech och direkt soen, et kritt een dräi Méint Proufzäit. Dat ass eng Diskussioun wäert. D'Délégation des salariés seet dat ëmmer, mä et muss een awer soen, datt bal 100% vun den CDDen en CDI kréien. Et ass net esou, datt se dee verlängert kréien an dann nach eng Kéier verlängert kréien. No sechs Méint wëssen d'Leit, wou se dru sinn. An et muss ee soen, datt mer déi lescht véier, fënnf Joer extrem gutt domadder funktionéieren.

Den Här Meisch huet d'Fro gestallt, wéini déi Majoratioun fir déi nei Postes à responsabilité particulière bezuelt gëtt. Mir sinn am Gaangen, am Schäfferot driwwer ze schwätzen. Et ass och net einfach fir eis. Mir ginn do wierklech gär no Kritären, datt et net à la tête du client ass. Dat muss mer da kucken, ob et réckwierkend bezuelt gëtt oder net. Mir hunn hei eng staark Delegatioun. Déi wäert dat wahrscheinlech och fuerderen. Mir sinn am Gaangen, ze kucken, wéi d'Kritäre solle sinn. A si sollen transparent sinn. Dat wäert och mam ganze Service beschwat ginn.

Et war nach eng Fro, déi ech vergiess hunn.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

De Prozentsaz am Ordinär.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

De Prozentsaz hu mer nach net bis zum Schluss. Ech verstoppe mech net hantert engem Fonctionnaire. Et war elo ganz vill Aarbecht. Mir louche wäit ënner 50%. Mir waren eng Gemeng, wou wäit ënner 50% Personalkäschten am ordinäre Budget hat. Mir wäerte wahrscheinlich elo no bei déi 50% kommen.

Mir haten déi lescht Joren extrem op d'Brems gedréckt, fir den ordinäre Budget am Mooss ze halen. Ech mengen net, datt dat hei elo wäert explodéieren. Mir wäerten och net méi si wéi déi aner Südgemengen. Mir wäerten eis dorunner eruntaaschten. Mä mer mussen wëssen, alles wat am ordinäre Budget ausgi gëtt, hu mer herno manner am Extraordinäre, fir ze investéieren.

Soubal ech déi Chifferen hunn, kritt Der se ganz gär matgedeelt. Wat fir en Impakt dat hei elo op den ordinäre Budget huet, dat kann ech Iech haut leider net soen. Mä Dir kritt dat. Ech denken, et kann een awer soen, spëtstens an engem Joer ass den Impakt esou. Dat kann ee soen.

(Ënnerbriechung)

Et mécht schonn eppes Klenges aus, mä ech fannen awer, datt mer dat esou solle maachen.

ENG STËMM:

Wéi vill Leit schaffen hei op der Gemeng?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat ass eng gutt Fro. Ech géif soen, aus dem Bauch eraus, iwwer 700. Wann een d'edukatiivt Personal vun de Maisson-relaisen an alles zesummerechent. Ech soen Iech de genaue Chiffer.

7a. Subsidies communaux

Här Hartung, w.e.gl.

JERRY HARTUNG (CSV):

Ginn déi Posten als éischt intern ausgeschriwwen?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

All neie Poste gëtt fir d'éischt intern ausgeschriwwen. Eréischt wa mer do kee fannen, gëtt en extern ausgeschriwwen. Dat klappt bal ëmmer.

Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'organigramme actualisé du personnel communal avec créations, suppressions et adaptations de postes.

Merci. Ech mengen, ech kann Iech hei all am Numm vum Personal Merci soen. Dat nächst ass fir eis Kanner e grouse Punkt, et geet ëm Subside fir déi Leit, déi Sport an der Gemeng maachen.

Dir hutt dat ganz Subsidereglement virleien. Et sinn zwee Posten, wou mer wëllen, datt se aneschers solle funktionnéieren. Dat sinn d'Artikele 17 an 18. No intensive Gespréicher mat de verschiddene Veräiner, géife mer proposéieren, eng Klenggeheet bäizesetzen. Awer just, wann Der domadder d'accord sidd. Wann net géife, mer dat dann och den 11. Juli maachen.

Den éischten Artikel betrëfft déi Veräiner, wou e 'Qualité+' kréie vum Ministère. Wou wierklech alles gekuckt gëtt, wéi vill qualifizéiert Trainer, wéi vill Jonker do sinn. Do wiere mer bereet, 50% vum Montant ze ginn, plafonnéiert natierlech op 5.000 Euro, datt mer ongefëier wëssen, wou mer hingginn. Mir steieren eppes bäi, wou een awer ëmmer kann no uewen adaptéieren. E Réckgang ass herno méi schwéier ze maachen. Ech mengen, datt mer dat sollten esou maachen.

Dat anert ass aus deene ville Gespréicher mat de Veräiner, déi mer déi lescht Méint haten, erauskomm. Datt vill Kanner a Famille Schwieeregkeeten hunn, hir Lizenzen ze bezuelen. Vill Veräiner soen, mir kréien déi net. Mir geheie se awer net aus dem Veräin, well et awer wichteg ass, datt se Sport maachen.

Dofir hu mer dann och do decidéiert, natierlech wann Der domadder averstane sidd, 50% vun der Memberskaart ze iwwerhuelen. Am Moment mat engem Plafong vun 100 Euro. À voir an Zukunft, ob mer mussen no uewen upassen. Quitte, datt mer Veräiner hunn, do geet et vun 20 Euro bis iwwer 300 Euro d'Memberskaart. Wann een een oder zwee Kanner huet, déi gäre wëilten eng Sportart maachen, da kënnen verschidde Kanner dat net.

An dat Drëtt – wat elo net dobäi ass, dat ass elo kuerzfristeg –, do hu mer een, zwee Héichleeschtungsathleten am Karate, wou am COSL-Kader sinn. Do géife mer och wëllen, wa se an deem Kader sinn, eng Ënnerstëtzung vun 2.000 Euro respektiv 3.500 Euro pro Saison ginn. Déi géifen eis dat dann eraginn.

Ech nenne keen Numm, mä mir hunn elo wierklech Athleten, déi vum Veräin extrem vill ënnerstëtzt ginn. Natierlech och vum COSL. Mä dat geet awer net duer, well d'Federatioun net vill Geld huet. Déi bezuelen alles aus hirer Täsch, ech hunn dat alles gesinn: d'Hottellen, d'Reesen, d'Umeldung vun internationalen Turnéier. Dat ass wierklech deier. Hei wëlte mer deenen och eng kleng Hëllef ginn. Soubal se aus dem COSL-Kader fléien, ass et natierlech hifälleg.

ENG STËMM:

Kréien d'Leit dat oder de Veräin?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

D'Leit kréien et. Et geet haaptsächlech ëm Jonker, wou am Kader sinn. Mir schwätzen hei vu Leit, wou eis och international, eventuell och op enger Olympiad eng Kéier als Déifferdenger Veräin vertrieede kéinten.

une baisse des investissements extraordinaires.

(Interruption)

Roberto Traversini répond que dans un an, on en saura plus.

(Interruption de M. Ulveling)

Roberto Traversini ajoute que les créations de postes auront un certain impact sur le budget.

(Interruption)

Roberto Traversini pense que la commune emploie 700 personnes si l'on inclut le personnel éducatif des maisons relais.

(Interruption et rires)

JERRY HARTUNG (CSV) demande si l'appel à candidatures sera d'abord lancé en interne.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond que oui.

(Vote)

Roberto Traversini passe au règlement des subsides. Deux articles fonctionneront différemment. Les articles 17 et 18 seront modifiés en accord avec les associations.

Tout d'abord, les associations bénéficiant d'un subside Qualité + du ministère toucheront un subside supplémentaire de la commune s'élevant à 50 % du subside de l'État et plafonné à 5000 €.

Le collège échevinal a constaté par ailleurs que beaucoup d'enfants et de familles ont du mal à payer les licences. La commune prendra donc 50 % des frais de carte de membre à sa charge — avec un plafond fixé à 100 €. Roberto Traversini signale que les cartes de membre coutent entre 20 € et 300 €. Les familles avec plusieurs enfants peuvent parfois avoir du mal.

Roberto Traversini rappelle que Differdange compte deux karatékas figurant dans le cadre du COSL. Il propose de soutenir ces athlètes de haut niveau avec 2000 € ou 3500 € par saison. Il est vrai qu'ils sont déjà soutenus par leurs clubs et par le COSL, mais cela ne suffit pas. Roberto Traversini rappelle que les voyages, les hôtels et les inscriptions aux tournois coutent cher.

(Interruption)

Roberto Traversini explique qu'il s'agit essentiellement de jeunes. Ces athlètes sont susceptibles de repré-

7a. Subsidies communaux

senter le Luxembourg aux Jeux olympiques.

Roberto Traversini demande aux conseillers communaux d'approuver les deux modifications du règlement.

FRED BERTINELLI (LSAP) ne peut que soutenir le règlement. Depuis des années, la commune réfléchit au moyen de soutenir le sport. Se rallier aux subsides Qualité + du ministère du Sport est une bonne chose, car celui-ci effectue tous les contrôles nécessaires.

En ce qui concerne le volet social, Fred Bertinelli sait que certains clubs ne demandent que la moitié du prix pour la carte de membre du deuxième enfant et un quart pour le troisième. C'est pourquoi il est important pour la commune de permettre à chaque enfant de faire du sport.

Fred Bertinelli se réjouit aussi du soutien au karaté. À l'avenir, il s'agira peut-être du tennis ou de la natation. Il n'est pas facile de faire partie du cadre du COSL. Celui-ci ne soutient les athlètes que jusqu'à un certain point, mais cela ne suffit pas.

Le karatéka en question est un talent mondial. Il est 87e au classement. Il s'entraîne tous les jours en plus d'aller à l'école. C'est pourquoi il faut le soutenir.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) rappelle qu'il est question de trois athlètes.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG) explique que le développement du sport lui tient à cœur. Les modifications du règlement permettent aux ASBL de bénéficier d'un soutien financier considérable. Les modifications concernent l'ajout de deux articles permettant aux associations et aux citoyens d'avoir plus de moyens pour faire du sport.

Paulo Aguiar constate que le subsidie de la commune se ralliera au subsidie Qualité + de l'État. Cela permettra de soutenir les jeunes et favoriser une bonne qualité de vie. D'un point de vue politique, déi gréng maintiennent une promesse: permettre à tous les citoyens de faire du sport.

Déi dräi Saachen hunn ech gesot. Zwou Saache stinn um Ordre du jour. Dat anert wär ech frou, wa mer dat kéinte matstëmmen. Wann net, géif ech et déi nächste Kéier zum Vott ginn.

Här Bertinelli, w.e.gl.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech kann dat ganz Reglement nëmmen extrem bevirworten. Ech mengen, mer kucke scho säit Joren, wéi mer de Sport nach méi ënnerstëtze kënnen. A wéi mer et richtig kënnen maachen, datt dat op deene Plazen ukënnt, wou et soll.

Déi Kontrollen, zum Beispill, déi vum Sportsministère gemaach ginn, fir de 'Qualité+' ze kréien, mir hunn eis dorunner drugehaangen. Dat ass eng Hellewull vun Informatiounen, déi mussen un de Sportsministère geschéckt ginn. Dat heescht, mir si sécher, déi Veräiner, déi déi Zomme kréie vum 'Qualité+', datt mer eis do kënnen unhänken als Gemeng, datt mer do näischt falsch maachen.

Wat de sozialen Aspekt vun de Memberskaarten ugeet, si mer jorelaang am Gaangen. D'Veräiner selwer gi sech déi Suen net. Ech weess, verschidde Veräiner hu fir dat zweet Kand just d'hallef Memberskaart a fir dat drëtt Kand ee Véierels vun der Memberskaart oder iwwerhaupt näischt gefrot. Well se wëllen eng sozial Komponent mat erabrénge.

Ech fannen dat immens schéi vun der Gemeng, datt d'Gemeng dee sozialen Aspekt ënnerstëtzt an alle Kanner d'Méiglechkeet gëtt, eng Memberskaart zu hunn a Sport ze maachen. Ech fannen dat extrem wichteg, dat ze maachen.

Dat Drëtt: Hei sinn ech extrem frou, dass et elo de Karate ass. Muer kann et den Tennis, Schwammen oder en anere Sport sinn. Et huet ee seelen en Talent, wat preparéiert gëtt vum COSL. Et huet all déi Gremien duerchbruecht, fir an de COSL ugeholl ze ginn. An déi sinn net einfach. Ech kann Iech et soen.

An de COSL finanzéiert bis op e gewësene Punkt. Mä wéi gesot, dee muss esou vill Punkten hunn, fir sech ze preparéieren op eng Olympiad. Et ass dat,

wat dee Jong och mécht. Et ass enorm, et ass e Welttalent. En ass d'Nummer 87 op der Welt, deen hei an eiser Gemeng trainéiert. Dee praktesch all Dag ënner Professionellen trainéiert, an awer seng Schoul mécht. An effektiv géif ech et gutt fannen – et ass zwar elo Karate, wat elo meng Sportaart ass, mä et ka muer eng aner Sportaart sinn –, wann een esou en Athlet ënnerstëtzt. Dat kann ech nëmme bevirworten. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir hunn der wahrscheinlech dräi. Här Aguiar, w.e.gl.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Här Buergermeeschter, léiwe Schäfferot, léif Kolleginnen a Kollegen, et freet mech, haut iwwer en Thema ze schwätzen, dat mir wichteg ass. D'Entwécklung vum Sport.

D'Reglementatioun vun haut, d'Entwécklung an de Soutien vun de sozialen, kulturellen a sportleche Veräiner erlaabt et den Asblen, e considerabele finanzielle Soutien ze kréien, mat engem Service, dee verschidden Aktivitéiten ënnerstëtzt.

Wat ass den Objet vun dëser Ännerung? Et ass en Ajout vun zwee Artikelen, déi et erlaben, de Veräiner an de Biergerinnen a Bierger méi Moyenen ze ginn, fir méi aktiv an hirer Stad ze sinn.

D'Introduktioun vun engem extrae Subsid ass, dass d'Veräiner elo och den nationale Subside 'Qualité+' kréien. Eng finanziell Hëllef, déi direkt un déi jonk Membere vu manner wéi 19 Joer ausbezuelet gëtt, déi zu Déifferdeng wunnen. D'Zil ass en duebelt: Et favoriséiert de Sport, d'Entfalung vun de Jonken, eng besser Liewensqualitéit an eng equilibréiert an transparent Entwécklung vun de Veräiner, d'Hëllef an d'finanziell Ënnerstëtzung vun den Asblen a vun de Sportler.

Vum politesche Standpunkt halen déi gréng, wat se versprach hunn, dat heescht d'Entwécklung vum Sport fir all Bierger.

7a. Subsidies communaux

Ech hunn eng Fro un de Schäfferot. Dir hat virdru geschwat, datt d' Stad Déifferdeng eng Grondschoul fir Sport géif opmaachen. Ass dat esou?

Dir Dammen an Dir Hären, d' Devis vun deene gréngen ass d' Durabilitéit. An ech géif souguer soen eng kontinuéierlech Nohaltegkeet, fir Saache besser ze maachen. Et ass kloer, datt déi zwee nei Artikelen zur perséinlecher Entfaltung bäidroen, mä se sinn och am Sënn vun Déifferdeng als European City of Sport 2018. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci fir Är éischt Ried ganz op Lëtzebuergeresch. Et war perfekt.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Meisch, w.e.gl.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Merci. Dir Dammen an Hären, mir stinn zu där Erweiderung vun de Subsidien am sportleche Beräich. Ech weisen awer drop hin, dass d' Subside fir Veräiner aus anere Beräicher och an deem Kontext sollten deemnächst iwwerdurecht ginn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richtig.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Am kulturelle Beräich kéint een dat am Kader vun engem eventuelle Plan d' action culturel, oder wéi et fréier mol geheescht huet, Kulturentwécklungspang mat iwwerdenken an ausschaffen. An deem Kontext sollt een och déi europäesch Kulturhauptstad 2022 am Hannerkapp behalen. D' DP stëmmt dat dote gäre mat.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Exzellent. Den Här Ulveling ass schonn am Gaangen, drun ze schaffen.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech hunn d' Invitatioun scho kritt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Och vun déi Léng aus ënnerstëtze mir dat heiten. An och déi Ureegungen, déi komm sinn, fir am Kulturberäich an anere Beräicher, d' Veräiner esou ze ënnerstëtzen. Eben awer no esou engem Prozess, deem am Viraus gelaf ass mat de Veräiner, wou sou gutt wéi méiglech probéiert gëtt, d' Besoinen ze constatéieren. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Den Här Hartung, w.e.gl.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci. Dir Dammen, Dir Hären, haut stëmme mer e Punkt aus deem ganzen Aktiounsplang, dee sech iwwer méi Jore wäert zéien, fir de Sport nach méi hei zu Déifferdeng ze fërderen. An dat am Kontext vun der Sportsstad. Mir wëllen heivu profitéieren, fir ze ënnersträichen, wéi gelonge mir dës ganze Dossier fannen. A mir felicitéieren den Acteuren – alle virop dem Här Buergermeeschter, dem Responsabele vum Sportsservice –, déi dee mat hire Leit ausgeschafft hunn. Souwéi de Leit aus de Veräiner, déi duerch hiert villt Benevolat dozou bäidroen, datt dës um Terrain kann ëmgesat ginn.

Sport verbënnt Leit, bréngt se zesummen. Sport ass wichteg fir d' Gesondheet an dréit vill zu enger positiver Entwécklung bei de Jonke bäi. Duerfir kënnen mer dës Punkten am Subsideregeld

Tout à l'heure, le collègue échevinal a annoncé la création d'une école fondamentale du sport. Qu'en est-il exactement?

La devise des écologistes est la durabilité et la nécessité continue d'améliorer les choses. Les deux nouveaux articles contribueront à l'épanouissement personnel et s'inscrivent dans le concept de «City of Sport» 2018.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) remercie M. Aguiar pour son premier discours en luxembourgeois. C'était parfait.

FRANÇOIS MEISCH (DP) soutient l'élargissement des subsides dans le domaine sportif. Il demande que les subsides dans d'autres domaines soient aussi retravaillés.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) est du même avis.

FRANÇOIS MEISCH (DP) propose d'en discuter dans le cadre du plan de développement culturel et de ne pas oublier la capitale européenne de la culture 2022 dans ce contexte.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) répond que M. Ulveling travaille dessus.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) soutient lui aussi les nouveaux subsides, qu'il faut élargir aux associations culturelles après avoir constaté leurs besoins.

JERRY HARTUNG (CSV) constate qu'il s'agit d'approuver un point du plan d'action sportif s'étirant sur toute l'année. Il tient à signaler que ce dossier est réussi et en profite pour féliciter tous les acteurs, dont le bourgmestre, le responsable du service des sports et son équipe, ainsi que les associations.

Le sport unit les gens, fait du bien à la santé et contribue à l'épanouissement des jeunes. C'est pourquoi les chrétiens sociaux approuveront les modifications du règlement des subsides.

10. Commissions consultatives

Jerry Hartung se demande cependant s'il n'y a pas une discrimination des associations culturelles. Et qu'en est-il des enfants voulant pratiquer un sport qui n'est pas proposé à Differdange?

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

explique que ce règlement, réalisé avec les associations, est constitué de trois étapes.

Parmi les éléments importants figurent notamment le transport, les maisons relais et le soutien aux associations. Un expéditionnaire a été recruté pour le service des sports. Une quinzaine de réunions ont été organisées avec les associations. Il faut compter un ou deux ans pour finaliser le tout.

À ce moment-là, il faudra réfléchir à la question de savoir si la commune doit soutenir les jeunes voulant pratiquer un sport non proposé à Differdange. Pour le moment, ce n'est pas prévu, mais ce n'est pas impossible à réaliser.

L'objectif du collège échevinal était de mettre en place le projet pour le début de la saison en septembre. Les subsides aux associations pourraient même être versés cette année.

M. Ulveling s'occupe des associations culturelles. Il procèdera de la même façon que pour le sport et consultera les associations, les partis politiques et le conseil communal.

Le collège échevinal veut ouvrir une école fondamentale du sport. Roberto Traversini espère que cela ira vite.

Les modifications des subsides sont soutenues par les clubs sportifs. Leurs bénévoles constatent qu'on les prend au sérieux. Sans les bénévoles, il n'y aurait pas de clubs sportifs et d'associations culturelles à Differdange.

(Vote)

Roberto Traversini passe aux commissions, qui ont été ouvertes aux citoyens comme cela est déjà le cas pour la commission de l'intégration.

Beaucoup de citoyens ont déposé une demande. Le collège échevinal propose d'en choisir quatre par commission. Résider dans la commune constituait le seul critère.

ment just'ënnerstëtzen, well d'Suen heigutt ugeluecht sinn.

Ofschléissend nach zwou Froen oder Bemierkungen. Dat eent ass schonn ugeschwat ginn, wéi et mat de kulturelle Veräiner ass. Ob mer do net dann eng Diskriminatioun e bësse géife maachen? An dat zweet ass: Wat ass, wann e Kand eng Sportart wëll maachen, déi keen Déifferdenger Veräin géif ubidden? Wier dat fir ee Kand, dat hei wunnt méiglech? Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Keng Wuertmeldunge méi. Et sinn dräi Froen gestallt ginn. Ech fänke mat där Leschter un. Dir hutt jo dat ganz Reglement gesinn, wat mer de Veräiner an Iech virgestallt hunn. Dat hei sinn elo déi zwou einfachst Etappen. Dräi Etappen, well et ass jo eng drëtt haut bäikomm. Dat anert ass Transport, Maison relais, a wéi mer qualifizéiert Trainer oder Leit ausbilden, fir de Veräiner weider ze hëllefen. Dir hutt am Organigramm gesinn, datt de Sportsservice en Expéditionnaire bäikritt, fir d'Veräiner administrativ ze ënnerstëtzen.

Et ass nach am Gaangen, gekuckt ze ginn, och mat de Veräiner – mir haten elo 14 oder 15 Versammlung mat de Veräiner –, fir dat nach ze finaliséieren. Et wäert nach e puermol an de Gemengrot kommen, bis dat feststeet. An dat wäert och nach een, zwee Joer daueren.

An da wäerte mer och d'Diskussioun féieren, ob mer de Jonken, déi eng Sportart maache wëllen, déi net hei an der Gemeng ugebuede gëtt, och eppes bäileeën oder net. Am Moment ass et net virgesinn. Mä et ass awer net onméiglech, fir dat an Zukunft ze maachen.

Dat hu mer elo bannent sechs Méint gemaach. Mir wollten dat awer maachen, datt et Ufank der Saison September schonn emol antrëtt. An eventuell, wa mer d'Deliberatioun vum Inneminister kréie fir de ‚Qualité+‘, och scho kënnen dës Joer ausbezuelen. Dat muss een da kucken. Well dat géif och scho ville Veräiner, mengen ech, awer hëllefen.

An dat anert wäert déi nächste Méint a Jore lues a lues kommen. D'Kultur ass den Här Tom Ulveling am Gaangen. Dee mécht deeselwechte Wee. D'Veräiner, d'politesch Parteien, de Gemengrot informéieren an do d'Iddien afléisse loossen.

D'Fro vum Här Aguiar, ass dat, wat ech am Ufank gesot hunn. Mir si wierklech drun interesséiert, fir eng Sportsgrondschoul ze kréien. Dee Bréif ass fort. A mir wäerten alles drusetzen, datt déi esou schnell wéi méiglech op Déifferdeng kënn.

Iwwregens ass dat och eppes, wat an de Veräiner extrem gutt ukomm ass. An net nëmmen, well se finanziell Hëllef kréien, mä well se mierken, datt eng Approche zum Sport do ass. Well se och mierken, datt se respektéiert ginn, haaptsächlech d'Benevoller. Well wa mer déi Benevole net hätten, dann hätte mer déi Sportsveräiner an och d'Kulturveräiner net. Dat ass schonn eng grouss Hëllef, wou all Mënsch awer verstanen huet.

Da géife mer déi dräi Saachen zum Vott bréngen. 17 an 18, an 19 géif derbäi kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la modification du règlement communal portant sur l'attribution des subsides aux sociétés.

En Novum an eise Kommissiounen. An dann hunn ech mäin Deel hannert mer. Virun e puer Méint hate mer en Opruff gemaach, dass d'Bierger an d'Biergerinne sech kéinten an eis Kommissioun mellen. Fir dës och fir d'Bierger opzemaachen, sou wéi dat iwwregens an der Integratiounskommissioun scho während Jore leeft. Ech sinn am Gaangen, mäin Ziedel ze sichen, wou ech déi Saachen opgeschriwwen hunn. An da géife mer Iech eng Propos maachen.

Et hu ganz vill Leit sech gemellt. Dem Schäfferrot seng Propos ass, an all Kommissioun jeweils véier Bierger a Biergerinnen ze huelen, déi sech gemellt hunn. Dat wiere se bal all. Mir hunn net no Parteikaart gekuckt. Mir hu just gekuckt, ob se hei an der Gemeng wun-

10. Commissions consultatives

nen. Dat war deen eenzege Kritär. Deeselwechten am Fong geholl fir d'Partei-leit, déi hei wunnen, fir sech ze mellen.

An deene meeschte Kommissiounen, wa mer der véier géifen unhuelen, bleiwen der net méi vill iwwreg. Dat heescht, an d'Commission des bâties pour la commission de l'égalité des chances der véier, an d'Commission d'environnement véier. Den Här Belardi huet sech do zréckgezunn. Déi kéinten also alle véier ugeholl ginn.

Fir an d'Commission des festivités ass en Här, dee bei eis schafft, awer nëmme schafft, dee wunnt net hei, den Här Specchio. Dee géif da leider ewechfalen. Déi véier kéinte mer also unhuelen.

An d'Commission des finances et subsides kéinte mer déi véier unhuelen. Un der Commission des jeunes ass eng Persoun interesséiert, un der Commission des enfants och eng Persoun. Am Logement sinn et dräi Persounen. Bei de Seniores ass et eng Persoun. Am Soziale sinn et der zwou, well do géif den Här Belardi derbäi kommen. Dat wiere se all.

Mir hätten zwou Kommissiounen, wou méi wéi véier Leit interesséiert wieren. De Schäfferot géif proposéieren, déi ze zéien. Dat heescht, mir géife se op d'Gemeng ruffen, déi siwen, aacht Leit, an da géifen déi einfach gezu ginn. Ausser et géif elo eng aner Propos kommen, da sot dem Schäfferot déi, da kënne mer déi festhalen. Mä am Prinzip wier et esou.

Déi Leit géifen och e Jeton kréien. An déi Leit hätten e Stëmmrecht. Dat heescht, dat ass Biergerbedeelegung, an da soll een och sou wäit goen. Eng Majoritéit huet jo am meeschten doran ze fäerten. Mä ech mengen net, datt een eppes ze fäerten huet. Wann een esou motivéiert Leit huet wéi déi an der Integratiounskommissioun, mengen ech, da mierkt een, datt do ganz vill ka kommen.

Elo wäert wahrscheinlech d'Fro kommen, wéi soll dat lafen oder net lafen. Et ass och Neiland fir eis. A mir sinn am Gaangen ze kucken, fir vläicht awer e Reglement auszeschaffen, fir jiddweeren d'selwecht. Fir ze kucken, wéi een dat ka maachen.

Mä eis Propos ass, d'Kommissioun mat véier Bierger a Biergerinnen opzestocken an do, wou et driwwer geet, géife mer zéien. Ausser et géif eng aner Léisung vun Iech kommen. Mir musse jo och kucken, datt et e bësse gerabel ass tëschent 17, 18 Leit. Mä dat ass eis Propos. Ech maachen d'Diskussioun op.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Här Buergermeeschter, just ganz kuerz. Eng Persoun ass u mech erugetrueden, déi hat sech gemellt am Service culturel. Déi hunn dat anscheinend och weiderginn un de Kulturschafften, mä déi ass awer net op der Lëscht. Ech hunn dat och schrëftlech hei. Den E-Mail-Verkéier hunn ech schrëftlech.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Da kucke mer dat no. An da setze mer déi ... a wéi eng Kommissioun?

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Festivités.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat ass jo kee Problem. Et gött souwi-sou gezunn. Da géife mer déi Persoun och zéien.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Nee do wäert net gezu ginn, well den Här Specchio net dobäi ass.

(Diskussiounen)

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech wäert mat deene fënnef Leit schwätzen a froen, ob do net ee vläicht wéilt an eng aner Kommissioun goen. A wann do keen e Réckzuch wëll maachen, da gött och do gezunn. Maache mer dat esou?

Här Hartung, w.e.gl.

La plupart des candidatures ont été retenues. Il s'agit de quatre personnes pour la commission des bâties, pour la commission de l'égalité des chances, pour la commission de l'environnement — M. Belardi a retiré sa candidature —, pour la commission des festivités et pour la commission des finances. Une personne est intéressée à la commission des jeunes, une personne à la commission des enfants, trois à la commission du logement, une à la commission des seniors et deux à la commission sociale.

Le collège échevinal propose un tirage au sort pour les commissions où plus de quatre personnes ont posé leur candidature.

Les nouveaux membres auront droit à un jeton et disposeront du droit de vote. C'est ce que l'on appelle participation citoyenne. En principe, c'est la majorité qui a le plus à perdre, mais Roberto Traversini n'est pas inquiet.

Comment cela fonctionnera-t-il concrètement? Tout cela est nouveau. Le collège échevinal réfléchit à la mise en place d'un règlement.

Roberto Traversini répète que quatre nouveaux membres au maximum viendront donc s'ajouter aux commissions et qu'un tirage au sort sera effectué le cas échéant. Une commission de 17 ou 18 personnes reste gérable.

FRANÇOIS MEISCH (DP) signale qu'une personne a déposé sa candidature au service culturel, qui l'a à son tour remise à l'échevin à la culture. Mais cette personne ne figure pas sur la liste.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) demande de quelle commission il s'agit.

FRANÇOIS MEISCH (DP) répond qu'il s'agit de la commission des festivités.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) constate qu'il n'y a pas de problème puisqu'il faudra procéder à un tirage au sort.

(Interruption de M. Diderich et discussions)

Roberto Traversini propose de discuter avec les cinq personnes pour voir si quelqu'un ne veut pas deve-

10. Commissions consultatives

nir membre d'une autre commission.

(Interruption de M. Meisch)

Roberto Traversini répète qu'il discutera avec les candidats et qu'un tirage au sort sera effectué le cas échéant.

JERRY HARTUNG (CSV) salue l'ouverture des commissions. Cette mesure figurait dans de nombreux programmes électoraux.

Jerry Hartung constate que certaines personnes se sont inscrites à deux commissions.

(Interruption de M. Traversini)

Jerry Hartung propose de les retirer en premier pour simplifier les tirages au sort.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

croit comprendre que pour M. Hartung, chaque citoyen ne devrait s'inscrire qu'à une seule commission.

JERRY HARTUNG (CSV) répond que oui.

(Discussions)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

demande si le principe peut être retenu. Il s'agit d'éviter que quelqu'un ne devienne membre de trois commissions alors que d'autres seraient exclus complètement.

Le bourgmestre propose de ne pas voter aujourd'hui, car tout n'est pas clair. Il remettra une nouvelle liste au conseil communal après en avoir discuté avec les candidats.

SERGE GOFFINET (LSAP) trouve regrettable que certaines commissions disposent de quatre nouveaux membres alors que d'autres n'en auront que deux ou un. Ne pourrait-on pas trouver une solution jusqu'à la prochaine séance?

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

ne peut pas forcer les gens à devenir membres d'une commission. Il pourra proposer aux candidats d'intégrer une autre commission que celle choisie. Mais s'ils ne sont pas intéressés aux autres commissions, cela ne servira à rien. Le but est de recruter des gens qui ont envie de collaborer.

JERRY HARTUNG (CSV):

Als CSV begrëisse mer, datt d'Kommissiounen opgemaach ginn. Dat war a ville Wahlprogrammer esou gefuerdert, och bei eis. An ass dann elo ëmgesat ginn.

Ech wollt just nach drop hiweisen, datt verschidde Leit sech an zwou Kommissiounen gemellt hunn. Datt een déi als éischt eraushëlt, well da muss een der manner zéien.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Är Propos ass, fir ze soen, d'Bierger solle sech just an eng Kommissioun melden. Ass dat esou?

JERRY HARTUNG (CSV):

Jo.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Okay.

(Diskussiounen)

Kënne mer de Prinzip bäibehalen, fir ze kucken, esou vill verschidde Leit wéi méiglech awer ze hunn? Net datt een an zwou oder dräi ass, an een anere géif a guer keng kommen.

Mä wa mer dee Prinzip festhalen, da géif ech soen, datt mer haut nach net driwwer ofstëmmen, well jo nach Saa-chen opstinn. Soudatt ech Iech déi Lëscht nach eng Kéier presentéieren, nodeems ech mat deene verschiddene Leit geschwat hunn, a mat deenen Informatiounen, déi ech haut kritt hunn.

Här Goffinet, w.e.gl.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Ech wollt just froen, well a verschidde Kommissiounen sech nëmmen eng oder zwou Persounen gemellt hunn, ob dat e bësse komesch gëtt. A verschiddene Kommissiounen si véier Leit, an ane-ner sinn nëmmen eng oder zwou Persounen. Kéint ee vläicht just kucken, dass

dat fir den nächste Gemengerot geléist ass?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech wäert awer keen zwängen, an eng Kommissioun ze goen. Et war jo en Opruff. Ech ka froen. Sou wéi ech dat gemaach hu mat deem engen Här, wäert ech et och maache mat deenen aneren. Wou ech soen, de Gemengerot huet d'Zuel vu véier festgehalten. Do musst Der gezu ginn. Ob Der do wéilt matschaffen.

Mä wann awer keen en Interessen huet, an enger Kommissioun matzeschaffen, zwänge mer keen. Wa gesot gëtt, ech interesséiere mech dofir, awer d'Seniore-kommissioun interesséiert mech net.

Mir hätte jo gär, dass d'Leit sech do engagéieren, wou se Spaass hunn. Et ass jo net esou wéi bei eise Parteien, wa Plaze verdeelt ginn. Do gëtt dat jo och am Ufank gekuckt, an dann zum Schluss kritt een dat, wat bleift. Hei soll et wierklech esou sinn, datt et de Leit soll Spaass maachen. Ech wäert dat versichen.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Nee, ech wollt just domadder soen, datt déi eng Kommissiounen da wierklech e gudde Pak méi grouss ginn. An déi aner bleiwen ebe kleng, well den Interêt net esou grouss ass.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Okay.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Kéinte mer dann de Prinzip festhalen? Da géife mer den 11. Juli zum definitive Vott vun der Lëscht kommen, mat deene Persounen, déi sech mellen.

5b. Organisation de l'École de musique

Et bleiwen nach zwou, dräi Saachen, wou ech dem Här Ulveling d'Wuert ginn. De fënnefte Punkt, d'Organisation musicale, musse mer nach duerchhuelen. Duerno nach d'Règlements de circulation a Bolivien.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Bolivie misste mer vläicht maachen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Den aachte Punkt hate mer dem Här Schwachtgen versprochen, ze verleeën.

Här Ulveling, w.e.gl.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech verdeele mir dann d'Wuert selwer. Et geet ëm d'Schoulorganisatioun vun der Museksschoul. Ech muss soen, mir sinn am Fong Opfer vun eisem eegene Succès ginn, dëst Joer.

Deen neien Direkter huet et fäerdegbruecht, an Zäit vun zwee Joer eis Schülerzuel ze verduebelen. Mir leien elo tëscht 620 a 650 Schüler. Am Moment hu mer scho 40 nei Inscriptions, obwuel et nach net offiziell ass. Soudass ee wierklech ka soen, mir hu gutt geschafft. An och den neien Direkter huet gutt Aarbecht geleescht. Dat weisen d'Chifferen, den Interêt ass grouss.

A vu dass mer méi Aarbecht hunn, hu mer elo am Organigramm gestëmmt, dass déi Madamm, déi mer d'lescht Joer als Sekretärin, mat hallwer Tâche, agestellt haten, eng ganz Tâche soll kréien.

D'Madamm Moretoni ass ganz engagiert. Si huet wierklech méi wéi véier Stonnen am Dag geschafft, méi wéi se hätt missen. Dat heescht, si huet immens vill Iwwerstonne gemaach, wat se am Fong emol einfach esou benevole gemaach huet. Dat kann ee roueg soen. Déi Madamm mécht eng exzellente Aarbecht. Dofir sinn ech och frou, dass mer si elo fir e volle Kader astellen. Well wéi gesot, mat all deenen neie Projeten, déi mer virgesinn, wéi Der gesitt hei an der Organisatioun, ass et batter néideg.

Dir gesitt och, dass mer an Zukunft wëlle Projete maache mat der Museksschoul an de Schoulen, an de Foyer-du-jouren, de Maison-relais. An do och eng Séance d'éveil musicale wëllen assureieren. Dofir brauche mer natierlech e bësse méi Personal, e bësse méi Enseignanten, fir dat duerchzezéien.

Dat soll awer lues gesteigert ginn. Am Ufank emol an de Schoulen an de Foyer-du-jouren. An duerno kucke mer, fir op d'Maison-relais eriwwe ze kommen. Dat fir de Kanner de Goût un der Musek ze ginn. Mä et ass och eng Aarbecht, déi mer maache fir eis Veräiner. Well mir hoffe jo awer, dass déi meescht, déi an d'Museksschoul ginn, iergendwann op eis Museksveräiner zrëckgräifen an dann do och fir deen néidegen neien Driff suergen.

Dir gesitt bei der Organisatioun een Ziedel, wou vill Nimm drop stinn. Deen meeschten Enseignanten hir Tâche ass d'selwecht. D'Halschecht kréien hir Tâche eropgesat. Et kommen dräi neier bäi.

Der Madamm Reichling Tammy wëll ech Merci soe fir hir Aarbecht, déi se an der Vergaangenheet gemaach huet. Si wäert leider net méi bei eis schaffen, well se demissionéiert huet. Well déi Stonnenzuel, déi se kritt hätt, hir net duergaangen ass, fir hei weider wëllen ze schaffen.

Déi nei Leit, déi mer elo wäerte kréien: Dat ass eemol d'Madamm Sarah Kertz, déi d'Madamm Fischer remplaciert, déi hir Funktioun als Chargée de cours fir den Éveil musical um Schluss vum Joer opgëtt.

Dann den Här Ben Konen, e jonke Museker, deen extra Schoule gemaach huet, fir den Éveil musical an all déi pädagogesch Projeten, déi mer an de Schoule wëlle maachen, ze assureieren. An den Här Leclercq Antoine, dee fir den Theater an d'Diktioun wäert zoustänneg sinn, am Remplacement vun der Madamm Tammy Reichling.

Wéi gesot, mir hu grouss Succès mat eiser Museksschoul. Dir wësst, dass mer aus allen Néite plazen do iwwer. Mir haten éischt Gespréicher, fir ze kucken, wou mer nach kéinte Leit ënnerbréngen. An do wär eng Méiglechkeet, dat musse mer awer nach studéieren, fir

SERGE GOFFINET (LSAP) n'a fait que remarquer que certaines commissions seront grandes alors que d'autres resteront petites.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) propose de soumettre ce point au vote le 11 juillet.

Roberto Traversini passe à l'organisation musicale, ensuite aux règlements de circulation et à la Bolivie.

(Interruption de M. Liesch)

Roberto Traversini a promis à M. Schwachtgen de reporter le point 8.

TOM ULVELING (CSV) passe à l'organisation de l'école de musique. Celle-ci est victime de son succès. Le nouveau directeur a réussi à doubler le nombre d'élèves en l'espace de deux ans pour passer à près de 650 élèves. Pour l'année prochaine, l'école compte déjà quarante nouvelles inscriptions. Bref, le nouveau directeur réalise du bon travail.

La secrétaire, qui travaille actuellement à mi-temps, recevra une tâche complète. Elle travaille déjà nettement plus que les quatre heures qui lui sont allouées. Elle a effectué ce travail pratiquement de façon bénévole. C'est pourquoi Tom Ulveling est ravi de lui proposer un cadre complet. Il s'agit d'une décision absolument nécessaire.

À l'avenir, l'école de musique prévoit des projets dans les écoles, les foyers de jour et plus tard les maisons relais. Elle devra donc recruter du personnel petit à petit. L'objectif est de transmettre le goût de la musique aux enfants et de trouver des recrues pour les associations. Car Tom Ulveling espère que les élèves de l'école de musique finiront par intégrer une association locale.

Les enseignants disposent tous plus ou moins de la même tâche. Pour la moitié d'entre eux, la tâche sera augmentée. Mme Reichling a démissionné, car le nombre d'heures ne lui suffisait pas. Tom Ulveling la remercie pour son travail. Trois nouveaux enseignants ont été recrutés. Il s'agit de Mme Sara Kerz, qui remplacera Mme Fischer pour le cours d'éveil musical, M. Ben Kohen, qui assurera les projets pédagogiques dans les écoles et M. An-

5b. Organisation del'École de musique

toine Leclerc, qui remplacera Mme Reichling pour le cours de théâtre et de diction.

Tom Ulveling souligne à nouveau le succès que connaît l'école de musique, ce qui entraîne un manque de place. L'école pourrait recourir à des salles de répétition du 1535° encore libres en attendant la construction de l'extension de l'école de musique sur la place Nelson-Mandela — soit dans le nouveau bâtiment scolaire, soit dans l'ancienne école ménagère.

FRED BERTINELLI (LSAP) salue le succès que connaît l'école de musique. Le nouveau directeur est la bonne personne au bon endroit.

Pour Fred Bertinelli, il faut juste veiller à ce que la qualité reste le maître mot. L'école de musique ne doit pas devenir une sorte de crèche pour les parents qui pensent que leurs enfants sont bons en musique. La qualité doit rester le maître mot. Le deuxième point concerne les associations musicales et les fanfares. Il reste du pain sur la planche. En effet, beaucoup d'enfants fréquentent l'école de musique, mais peu sautent le pas vers les associations. Il faut donc trouver un instrument pour changer cela.

Les associations ont de plus en plus de mal à trouver de nouvelles recrues. L'augmentation de la fréquentation de l'école de musique ne se traduit pas par plus de musiciens dans les clubs. La commune doit faire des efforts.

Fred Bertinelli remercie tous les acteurs de l'école de musique et notamment le directeur pour son travail extraordinaire. Comme l'école améliore l'image de Differdange à l'extérieur, il est normal que la commune la soutienne.

TOM ULVELING (CSV) répondra aux questions tout à l'heure. Il cède la parole à M. Hartung.

JERRY HARTUNG (CSV) remercie à son tour le responsable de l'école de musique. Il se réjouit de l'augmentation de la fréquentation et du fait que les enseignants se rendent dans les écoles et structures d'accompagnement pour proposer de la musique aux enfants. La demande des enfants des maisons relais est

eventuell d'Proufsäll am 1535° ze benotzen, déi nach fräi wären. Oder dass d'Gemeng sech der géif e puer fräi halen, bis mer deen neien Trakt gebaut hunn. Wou dann eng Extensiouen vun der Museksschoul soll kommen, wat jo scho beschloss ass.

Déi wäert sech op der Place Nelson Mandela erëmfannen. Mir wëssen awer nach net, ob dat an deem neie Gebai ass, wat mer baue fir d'Schoul oder ob dat an där aler Haushaltungsschoul wäert sinn, wat mer géifen als Annexe zur Museksschoul ëmänneren.

Wa Froe sinn, sinn ech gär bereet, drop ze äntweren. Soss kéinte mer ofstëmmen. Merci.

Här Bertinelli, w.e.gl.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Dir Dammen an Dir Hären, mir begreissen natierlech dee grouss Succès vun der Museksschoul. Mir wësse mat deem neien Direkter, datt mer do dee richteg Mann op där richteger Plaz setzen hunn. Mä et sollt een awer oppassen, datt d'Qualitéit bleift, wéi se muss sinn.

Datt et net eng Crèche gëtt, wéi verschidden aner Saachen. Datt d'Eltere mengen, deen ass alt gutt an der Musek, da geet en dohin. Et muss een och nach op d'Qualitéit kucken. Dat schéngt mer wichteg ze sinn, datt dat ëmmer deen éischte Punkt bleift, fir awer Qualitéit ze schafen.

Deen zweete Punkt hunn ech och schonn d'lescht Joer zu der Organisation vun der Museksschoul gesot. Dat ass dee Kontakt mat eise Museken, eise Fanfaren an eise Clibb. Datt ech mengen, datt do nach vill méi misst gemaach ginn. Mir hunn eng sëllege Kanner an der Museksschoul.

Mä leider Gottes geet dee Lien net eriwwer un eis Museken. Wat ech schued fannen. Do muss ee sech eng Form aussichen – dat hunn ech schonn d'lescht Joer gesot –, datt een iergendwéi eng Form fënnt, mam Instrument oder mat iergendeppes, datt mer déi Kanner an eis Museke kréien. Well ech dat extrem wichteg fannen. Well wann een eis Museke kuckt, dat si meesch-

tens gestanen oder méi eeler Hären. Mir hu ganz vill Schwieregkeeten, jonk Leit an déi Musek ze kréien.

Op där enger Säit ass den Apport esou grouss fir d'Museksschoul. Op där anerer Säit, wou se effektiv um Terrain an de Museke kéinte spillen, gesäit een net esou richtig, datt et do virugeet, datt déi Kanner sech dann duerno an déi Museke mellen. Ech mengen, datt d'Gemeng do misst e gréisseren Effort maachen, fir déi Kanner an déi Museken, an déi Fanfaren ze kréien.

U sech soe mer deene Leit an der Museksschoul alleguete Merci. Och dem neien Direkter fir seng super Aarbecht, déi en do mécht. A well en iwwert de Wee vun der Museksschoul eis Stad no baussen dréit, fanne mer dat gutt, a mir ënnerstëtzen dann dës Museksschoul.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech wäert duerno op alles äntweren. Deen nächste Riedner wär den Här Hartung.

JERRY HARTUNG (CSV):

Virop wëlle mer de Verantwortleche vun der Museksschoul Merci soe fir déi gutt Aarbecht. Mir si frou, datt d'Zuele vun den ageschriwwene Kanner esou geklomme sinn. Op jiddwer Fall weist dëst, datt et e richteg Choix war, an datt den neien Direkter eng gutt Dynamik erabruecht huet. Flott ze gesinn, datt si a Schoulen a Betreuungsstrukture sur place bei d'Schüler ginn, fir deene Musek ze proposéieren.

Ech wëll déi positiv Resonanz an déi grouss Demande vun de Schüler aus onse Maison-relais ënnersträichen, wou d'Museksschoul all Woch hir Aktivitéit proposéiert. Hei krut ech de Feedback, datt een u sech mat zwou verschiddenen Demandë konfrontéiert ass.

Éischtens déi Kanner, déi ab und zu emol Musek wëlle maachen, well se deen Dag Loscht drop hunn. An zweetens déi Kanner, déi all Woch Musek wëlte maachen an an d'Richtung vun enger Musekformatioun kéinte goen. Souwéi eben déi Kanner, déi an d'Aalt Stadhaus an d'Museksschoul ginn.

5b. Organisation de l'École de musique

D'Demande un den Aktivitéite wier munchmol esou grouss, datt net ëmmer all Schüler kéint druckommen. Datt och emol e Roulement gemaach misst ginn. Hei sollt ee mat de Kanner respektiv hiren Eltere kucken, wéi eng Kanner déi ganz Formatioun kéinte maachen. A versichen, d'Offer deementspriedend unzepassen. Datt een deenen zwou Demandé gerecht kéint ginn.

Op d'Fro aus dem Rapport, datt se am Ale Stadhaus géifen un hir Capacitéite stoussen, hutt Der geäntwert, Här Ulveling.

Ofschléissend eng Iddi fir d'Zukunft: Am 1535° ass de Projet vun der Soundfactory mat engem Tounstudio an néng Proufsäll virgesinn. Kéint do net eng Kollaboratioun mat der Museksschoul virgesi ginn? Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Här Meisch, w.e.gl.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Merci. Dir Dammen an Hären, ech wëll der Direktioun, ënnert der Leedung vum Rudi De Bouw, Merci soe fir d'Engagement. Zënter enger Rei vu Joren huet eis Museksschoul endlech déi adequat Raimlechkeeten. Doduerch ass den Zoulaf enorm an d'Luucht gaangen. A mir komme lues a lues un déi raimlech Limit am Kulturzentrum.

Wat den Niveau vun de Klassen an eenzelne Schüler ugeet, ass d'Entwécklung ganz positiv. Ech profitéieren dovun, all Enseignant Merci ze soen, wënschen eng glécklech Hand bei den Aufgaben, déi op se zoukommen, a vill Freed.

Et gesäit een, datt d'Leit, déi hei zu Déifferdeng an der Bluesschoul ugefaangen hu mat Musek, elo méttlerweil als Enseignant erëmkommen hei an eiser Déifferdenger Museksschoul.

D'DP stëmmt déi provisoersch Schoulorganisatioun vun der Museksschoul 2018-2019 natierlech mat. Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci. Madamm Rausch, w.e.gl.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Mir als gréng wäerten déi provisoersch Organisatioun och stëmmen. Ech schlësse mech einfach dem Luef un, dee queesch duerch d'Reie geet, wat d'Museksschoul ubelaangt. Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Den Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech schlësse mech dann dem Uschloss vum Luef un.

(Gelaachs)

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dem Uschloss vum Uschloss un.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech ka just ënnerstëtzen, dass dat immens wäertvoll ass fir eis a fir d'Regioun. Et ass jo och e Centre Culturel Régional, sou nennt e sech. Et mierkt een, dass en Zoulaf do ass.

Déi Aarbecht kënne mir just ënnerstëtzen.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Da géif ech op e puer Froen äntweren. Déi éischt ass, dass mer eis regelméisseg mat de Museksveräiner treffen, den Direkter vun der Museksschoul an ech selwer. All Joers mindestens ee bis zweemol. Wou mer d'Problemer duerchginn a kucken, dass do éischters ënnert de Veräiner an tëscht Veräiner a Museksschoul eng gutt Relatioun besteet. Dass een deem anere kann hëllefen.

Et ass natierlech ëmmer de Problem, et kann ee kee Kand zwéngen, an iergendeng Musek oder e Veräin ze goen. Och wann et zu Nidderkuer wunnt an et geet awer léiwer op Déifferdeng, dann ass dat esou. Do kënne mir keen Afloss drop huelen.

importante. Certains ont simplement envie de faire de la musique ponctuellement, mais d'autres semblent vouloir se lancer dans une formation, par exemple à l'école de musique. Parfois, la demande dans les maisons relais est tellement grande que tous les enfants ne peuvent pas participer aux activités musicales en même temps. Il faudrait voir avec les parents quels enfants seraient intéressés à une formation complète et adapter ensuite l'offre.

M. Ulveling a répondu aux questions concernant le manque de place.

Comme un studio d'enregistrement ouvrira au 1535°, une collaboration est-elle possible?

FRANÇOIS MEISCH (DP) remercie à son tour le directeur Rudi De Bouw. L'école de musique dispose de locaux adéquats depuis quelques années, ce qui a permis d'augmenter la fréquentation.

L'évolution est aussi positive pour ce qui est du niveau des classes.

François Meisch remercie les enseignants et leur souhaite bonne chance. Certains enseignants ont commencé à faire de la musique à Differdange dans l'École du blues. Le DP approuvera l'organisation scolaire 2018-2019.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) s'associe aux félicitations exprimées jusqu'à présent.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) s'associe à ce que vient de dire Mme - Brassel-Rausch.

(Rire)

Il ne peut que soutenir le travail de l'école de musique, qui est précieux pour Differdange et la région.

TOM ULVELING (CSV) explique que le directeur de l'école de musique et lui rencontrent une ou deux fois par an les associations musicales pour discuter des problèmes. Bien entendu, on ne peut pas forcer un enfant à devenir membre d'une association. Et si un enfant de Nidderkorn veut s'inscrire dans un club à Differdange, la commune ne peut rien y faire non plus.

Malheureusement, seuls deux ou trois enfants finissent par s'inscrire

7b. Règlements temporaires de circulation

dans un club, ce qui n'est pas suffisant. C'est pourquoi Tom Ulveling travaille à une journée de la culture qui permettrait aux associations culturelles actives dans le théâtre, la musique, la peinture, etc. de se présenter, établir des contacts et trouver éventuellement de nouveaux membres.

Le directeur de l'école de musique organisera une fête à la fin de la saison: l'«End of Season». Les associations musicales auront la possibilité de se montrer.

La commune fait de grands efforts pour soutenir l'école de musique. Cette décision est la bonne. Le directeur est engagé. Tom Ulveling espère que le succès se maintiendra et que l'extension sera construite rapidement.

(Vote)

Tom Ulveling passe au point 7 b, les règlements temporaires de circulation.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *explique qu'il s'agit de cinq règlements. Il n'entrera pas dans les détails. Un des règlements concerne l'entrée en ville. Les feux tricolores viennent d'entrer en fonction.*

(Discussions)

GUY ALTMEISCH (LSAP) *se montrera bref, car il sait que les conseillers communaux sont pressés.*

Il est question des règlements d'urgence et il a justement une question urgente sur le chantier de la rue Émile-Mark et la rue de la Chiers. Ce chantier a commencé en novembre 2017. La route devait rouvrir en décembre 2017. Ensuite, il a été question d'un chantier de deux mois. Malheureusement, au bout de huit mois, ce chantier de soixante mètres est toujours là.

La situation est intolérable pour les familles et les enfants vivant à cet endroit. Il y a du bruit et de la poussière devant leurs portes. La route est en mauvais état. Sans oublier les difficultés que rencontrent les commerces comme l'épicerie, le restaurant et les cafés.

Mä ech mengen, an der Vergaangenheet huet dat relativ gutt geklappt. Obwuel ech vun de Veräiner héieren hunn, dass et am Fong net déi Resonanz huet, déi mir eis erwaart hätten. Dass all Joers zwee, dräi Jonker op eemol an eng Musek stoussen. Dat ass net genuch. Do musse mer Efforte maachen.

Dofir schaffen ech schonn e bësse méi laang un enger Aart Kulturtag. Wou mer de Veräiner, déi an der Kultur tätég sinn, sief dat Theater, sief dat Musek, sief dat Molen oder Zeechen oder Peinture, d'Geleeënheet ginn, sech virzestellen. Fir dass een do Kontakter ka knüpfen, wann d'Leit déi Leit begéinen, déi an de Veräiner tätég sinn. Fir do Kontakter ze maachen, fir eventuell iwwert dee Wee nei Memberen opzehuelen.

Den Direkter vun der Museksschoul wäert um Schluss vun der Saison e Fest organiséieren, „End of season“, wéi en dat nennt. Do sollen d'Museken d'Geleeënheet kréien, sech virzestellen, fir ze weisen, dass se do sinn. An och iwwert dee Wee vläicht Rekrutementer vun deem engen oder deem anere kënnen ze maachen.

Ech mengen, mir maachen immens vill Efforten. Mir ënnerstëtzen déi Museksschoul ganz staark. Ech si frou, dass mer dee Choix deemools gemaach hunn. Déi Persoun, déi elo de Moment do ass, ass ganz engagéiert, an et ass effektiv déi richtig. Ech hoffe just, dass et esou virugeet, an dass mer relativ schnell mat deem Ausbau weiderkommen.

Elo kënnen mer dann driwwer ofstëmmen, wa keng Froe méi sinn.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'organisation provisoire pour l'École de musique pour l'année 2018-2019.

Mir kéimen dann zum Punkt 7b: Règlements temporaires de circulation. Do géif ech eisem Verkéiersschaffen, dem Här Liesch, d'Wuert ginn.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Mir hunn hei fënnf Reglementer. Ech erspieren Iech d'Detailer, Dir kennt se. Et si ganz normal Ufroer vun de Leit un eis. Et ass näischt Extraes dobäi. Deen een hu mer eis jo selwer eragi fir d'Entrée en ville. Als Info krut ech elo grad d'Meldung, dass d'Luuchten ab elo a Betrib sinn.

(Diskussiounen)

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Elo geet erëm näischt méi.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Ech hu soss keng Informatiounen.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Här Altmeisch, w.e.gl.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci. Dir Dammen an Dir Hären, ech hale mech kuerz, ech weess, dass mer all presséiert sinn. Also am Punkt siwe vum Ordre du jour behandle mer ëmmer d'Drénglechkeetsreglementer vun der Gemeng. An deem Kontext hätt ech eng Drénglechkeetsfro. Et geet ëm de Chantier um Fousbann an der rue Emile Mark, rue de la Chiers.

E kleng Réckbléck. De Start vum Chantier war am November 2017. Mat der Annonce, dass d'Strooss den 31. Dezember 2017 erëm op wier. Bedéngt duerch d'Wieder ass du vun enger Verlängerung vun zwee Méint geschwat ginn.

Leider stelle mer fest, dass no aacht Méint de Chantier nach ëmmer besteet. E Chantier vun enger Längt vu 60 Meter. Dëst ass eng onméiglech Situatioun fir déi Famillen, vill mat Kanner, déi während aacht Méint am Chantier liewen. Dag fir Dag Radau, Stëbs a schlechten Zoustand vun der Strooss virun hirer Dier.

Och batter aacht Méint fir d'Geschäftsleit: eng Epicerie, eng Immobilière, e Restaurant a verschidde Wiertschaften.

7b. Règlements temporaires de circulation

An et gesäit ee scho Rolllueden, déi zou bleiwen.

De Chantier bréngt och eng zousätzlech Belaaschtung fir d'Kräizung rue Woiwer, rue de Soleuvre beim Bäcker Berto. D'Awunner vum Fousbann mussen se benotzen, fir an hir Wunnquartieren ze kommen. Déi Iwwerlaaschtung bréngt net méi Sécherheet fir d'Foussgänger an d'Schoulkanner op beschriwwener Kräizung.

Folgend Froen dränge sech op: Sinn an den Ausschreiwunge vun de Stroossebauarbeiten Delaie respektiv Strofe virgesi bei Netanhale vun den Aarbechtsdeeg? Wou leien d'Ursaache vun dësem Chantier mat laangem Baart? Ech soen Iech Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Den Här Bertinelli, w.e.gl.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech hätt eng Fro un de Verkéiersschäffen. Dat ass d'Kräizung, wou mer deen neie Makadam geluecht hunn, zu Uewerkuer, an der Mëtt beim Auchan. Firwat kënnen mer, elo wou d'Kräizung fäerdeg ass, net an den Zentrum fueren? Ech hunn net esou richtig verstane, firwat dat net machbar ass, soudatt mer elo nach mussen no uewen an ënnen ronderëm am Stau stoen, virun der Barrière.

Plazméissegeet et duer, fir riichtaus an den Zentrum vun Déifferdeng ze fueren. Ech hunn net esou richtig verstane, firwat dat net machbar ass, soudatt mer elo nach mussen no uewen an ënnen ronderëm am Stau stoen, virun der Barrière.

Wou de Makadam fäerdeg war, hunn ech geduecht, elo geet jo hoffentlech déi Strooss do op. Et kann awer elo sinn, datt et eng Explikatioun gëtt, déi ech elo net direkt gesinn hunn. Well d'Luuchten hu funktionnéiert. Ech weess net, u wat et gehangen huet, firwat se net opgaangen ass. Kënnt Der mer soen, firwat déi Strooss zou ass, datt een net an Déifferdeng erakënnt?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Sinn nach Froen? Nee. Ech géif op d'Fro vum Här Altmeisch äntweren,

well ech jo am SIACH sinn. Et sinn am Fong si, déi dee Chantier do geréieren. Dir hutt d'Ursaach deelweis selwer genannt. Et sinn effektiv Intemperien, krut ech gesot.

Souwäit ech weess war et e komplizéiert Chantier, well e ganze Koup al Leitungen do louchen, déi op kengem Plang waren. Wou kee richtig wousst, ob déi nach gebraucht géife ginn oder net. Dat ass deen ee Volet.

Deen anere Volet ass deen, dass mer decidéiert haten, fir net nach eng zweete Kéier unzefänken, fir dee Sockel direkt mat ze bauen, wou dat Monument vum Här Meis stoe kënnt. Siwe Meter héich. Wat natierlech eng Verzögerung mat sech bruecht huet, fir déi Fondatiounen do ze géissen.

Ech krut awer am SIACH gesot, dass et misst Enn dës Mounts fäerdeg sinn, normalerweis. Ob do Delaien dra sinn, respektiv Strofe virgesi sinn, kann ech Iech elo esou ad hoc net soen. Mä dat kann ech awer nokucken. Da soen ech Iech dat déi nächste Kéier oder wann ech Iech eng Kéier begéinen.

Also mir sinn drun interesséiert, dass dee Chantier ganz schnell soll virgoen. Well och scho Leit u mech erugetruede sinn, déi mer gesot hunn, dass effektiv d'Geschäfte drënner leiden, well dee Passage net op ass. En plus ass de Passage zou, wou ee fréier nach hätt kënnen e Court-circuit maachen iwwert de 1535°. Mä ech mengen, et ass gutt, dass deen zou ass. Mir kucken, dass et esou schnell wéi méiglech virueet. Dat als eng kleng Explikatioun.

An da géif ech dem Här Liesch d'Wuert ginn, fir dem Här Bertinelli seng Fro ze beäntweren.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Nom Makadam hätten d'Luuchten eigentlech sollte mat a Betrib goen. Dat war alles esou geplangt. Do gouf et awer eng Divergence de vue, wat d'Aushärtung vum Bëtongsockel vun deene Luuchten ugeet. Déi eng soten, et misst een 18 Deeg waarden, bis de Bëtong haart genuch wär, fir déi Luuchte festzemaachen, haaptsächlech déi, déi e groussen Ausleeër hunn.

Le chantier entraîne aussi plus de trafic au croisement entre la rue Woiwer et la rue de Soleuvre à hauteur de Berto, car les habitants du Fousbann sont obligés de l'emprunter.

Un calendrier n'avait-il pas été fixé lors de la soumission? Des pénalités sont-elles prévues? Qu'est-ce qui explique le retard?

FRED BERTINELLI (LSAP) rappelle que le macadam à hauteur d'Auchan a été posé et le carrefour est prêt. Pourquoi la route est-elle encore barrée en direction du centre?

En effet, il y a suffisamment de place pour faire passer les voitures. Pourquoi mettre en place une déviation engendrant des embouteillages? Fred Bertinelli espérait que la route serait rouverte à la circulation une fois le macadam posé. Il suppose qu'il y a une explication. Les feux tricolores fonctionnent. Le collège échevinal pourrait-il donner des détails?

TOM ULVELING (CSV) répondra aux questions de M. Altmeisch, car il fait partie du SIACH et gère ce chantier. Les retards sont dus en partie aux intempéries. Mais le chantier est complexe, car on a retrouvé des conduits ne figurant sur aucun plan et dont on ne connaissait pas l'utilité.

Par ailleurs, la commune a décidé d'aménager directement le socle pour le monument de M. Meis afin d'éviter un deuxième chantier.

Le SIACH a informé Tom Ulveling que le chantier serait terminé à la fin du mois. L'échevin ne sait pas si un calendrier et des pénalités étaient prévus. Il devra s'informer.

Le collège échevinal souhaite que ce chantier avance vite. Les commerces en souffrent. Le passage à travers le 1535° est aussi fermé, mais c'est une bonne chose.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) explique que les feux tricolores devaient entrer en action après la pose du macadam. Mais il y a eu des divergences concernant le socle en béton des feux. Il s'agissait de décider quand le béton serait suffisamment dur pour supporter les feux.

9. Institut technique Sayarinapaj

Les deux entreprises s'occupant des travaux n'étaient pas d'accord. C'est pourquoi l'une a demandé une confirmation écrite à l'autre et comme elle n'en a pas obtenu, elle a refusé de monter les feux. Or pour ouvrir la route en direction du centre, il fallait que les feux tricolores soient opérationnels.

Fred Bertinelli a donc raison. Le site était prêt. Mais comme personne ne voulait en prendre la responsabilité, il a fallu attendre.

(Vote)

TOM ULVELING (CSV) *passé au soutien pour un projet en Bolivie à travers l'action «Déifferdeng, eng Stad hëlleft».*

Il informe le conseil communal qu'une «Päischtcroisière» avait été mise en jeu dans le cadre de Mega-fuesend. Comme personne n'avait remporté ce prix, la croisière a été vendue aux enchères pour 1150 €. La somme a été reversée à «Déifferdeng, eng Stad hëlleft» pour soutenir le projet de plantation d'arbres au Portugal.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *rap-pelle que la commune soutient un-projet à Cochabamba en Bolivie depuis trois ans. Ce projet comprend des infrastructures éducatives pour les jeunes défavorisés. L'ONG qui s'en occupe a demandé à la commune si elle souhaitait poursuivre son soutien. Le collègue échevinal pense que oui, car il s'agit désormais de développer les formations et de renforcer le lien avec l'industrie. La demande a augmenté et il faut donc plus de locaux et de machines. En tout, l'école propose six formations, dont une de pâtisserie.*

Le budget sur 3 ans se monte à 256 000 €. L'État prend en charge 60 % et l'ONG 40 %.

Une présentation du projet aura lieu le 12 juillet à 19 h 30 pour voir ce qui a été réalisé au cours des trois dernières années.

Eng aner Firma sot, Nee, et wär man-ner. An do hat déi eng Firma natierlech gesot, dann hätte mer gär eng schrëftlech Bestätegung, dass Dir d'Responsabilitéit iwwerhuelst. Déi war awer net komm. Doropshin hat déi Firma natierlech refuséiert, déi Masten opzeriichten, mat der Konsequenz, dass se eréischt gëschter opgeriicht gi sinn an elo déi Luuchten a Betrib sinn. Mä eréischt nodeems d'Luuchten a Betrib waren, konnte mer Richtung Déifferdeng opmaachen.

Dir hutt ganz recht. Den Accès, de Ma-kadamm, d'Plaz war ass alles fäerdeg. Et hätt ee kéinten erakommen, mä op-grond, dass keen d'Responsabilitéit wollt iwwerhuelen, hu mer misste bis haut waarden. An elo misst dat alles op sinn.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Kënne mer doriwwer ofstëmmen?

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.

Da kéime mer zum Punkt néng vun eiser Dagesuerdnung. Dat ass eng Hëllef fir d'Drëtt Welt, wou mer e Projet a Bolivien ënnerstëtzen am Kader vun „Déifferdeng: Eng Stad hëlleft“.

Ech wëll Iech d'Informatioun ginn, datt um Fuesbal, op der Megafuesend, Präisser verdeelt gi waren. Ee Präis war eng Päischtcroisière, déi war net ageléist ginn. Déi hate mer versteet an eisem Diffmag. Eng Persoun hat 1.150 Euro dofir gebueden. Déi 1.150 Euro hu mer an de Projet, Déifferdeng: eng Stad hëlleft verséiert. Mir hunn déi attribuéiert un dee Projet, dee vun der Jugend gemaach gëtt a Portugal. Wou se Beem planzen, wou déi Bränn waren an eise Partnerstied. Déi Sue sinn an dee Projet gefloss.

Ech ginn dem honorabelen Här Liesch d'Wuert, fir eis eppes iwwert dee Projet vu Bolivien ze zielen.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci. De Projet ass schonn hei am Gemengerot bekannt, well mir säit dräi Joer hëllegen, deen heite Projet ze finanzéieren. Et geet ëm en edukative Projet a Bolivien, an der Géigend vu Cochabamba, wou edukativ Infrastrukturen opgeriicht ginn, fir Jonker aus defavoriséierte Famillen eng Formatioun ze ginn a se um Aarbechtsmar-ché ënnerzekeréien.

De Projet geet an eng zweet Etapp. D'ONG war un eis erugetrueden, fir ze froen, ob mer si weiderhi wëllten ënnerstëtzen oder net. Mir hunn et op jidd-de Fall als richteg empfunnt, fir dëse Projet nach weider ze ënnerstëtzen, well d'Suite eigentlech ganz interessant ass.

Hei geet et drëm, déi Formatiounen wei-der auszebauen, fir d'Liene mat der Industrie ze verstärken. Dass déi Jonk, déi eng Formatioun do kréien, a Kontakt mat den Industrië kommen, fir Sta-gen an duerno eng Aarbechtsplaz ze fannen.

Et geet och drëm, d'Infrastrukturen ze vergréisseren, well d'Demande vun de Jugendlechen, déi dohinne kommen, geklommen ass. Si brauchen also méi e grouse Maschinnepark, fir déi eenzel Formatiounen oprechtzëerhalen.

Am Ganze sinn et sechs Formatiounen, déi ugebued ginn. Et gëtt och eng Formatioun an der Gastronomie, méi ge-nee Pâtisserie, ugebueden, well de Mar-ché do ass, wou déi Jonk kënnen eng Formatioun kréien.

Ech ginn net an d'Detailer. Dir hutt den Dossier virleien. De Budget op dräi Joer ass 256.000 Euro. Wouvun de Staat 60% iwwerhëlt, a 40% d'ONG muss kucken, fir déi Finanzementer opze-bréngen. An dësem Fall ass dat d'Gemeng Déifferdeng.

Den 12. Juli um 19:30 Auer ass eng Presentatioun am Stadhaus vun deem Projet. Wou een da ka kucken, wat déi lescht dräi Jore geschitt ass. Biller soe méi wéi laang Texter. Dat kann ee sech do ukucken, wou d'ONG do ass, fir ze weisen, wat konkret an deenen nächs-ten dräi Joer geschitt, a wat weider ge-maach gëtt.

9. Institut technique Sayarinapaj

Eng Nouvelle, déi ech nach ka soen, ass, dass mer decidéiert hunn, an der Ouschervakanz 2019 eng Rees ze organiséieren. Wou d'Bierger an de Gemengerot invitéiert si matzegoen, fir eis dee Projet a Bolivien ukucken ze goen.

Mir profitéiere vun där laanger Rees, net nëmme fir deen heite Projet ukucken ze goen. Mä Dir wësst, mir sinn och eng Fairtrade-Gemeng, da wäerte mer d'Kombinatioun maachen, fir e Fairtrade-Projet, deen och do an deem Eck ass, mat ze kombinéieren. Soudass sech dee laangen Trajet rentéiert, wa mer schonn dohinner ginn. Fir eis déi zwou Saachen do ukucken ze goen.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Eng Wuertmeldung vun der Madamm Richartz.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Ech hat mech virbereet, mä alles, wat ech wollt soen, huet den Här Liesch gesot. Ech ënnerstëtze seng Saach. Dat wier et dann.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Da maacht Der dat mam Här Liesch virun der Dier aus.

(Gelaachs)

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):

Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Madamm Saeul, w.e.gl.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Här Schaffen. Deen Institut technique Sayarinapaj zu Cochabamba a Bolivien ass eng Konstruktioun vun der Kategorie Lycée professionnel, vum Staat dohannen unerkannt. Dësen Institut huet seng Dieren opgemaach virun iwwer 15 Joren ënnert der Direktioun vun enger Däitscher Schwëster.

Cochabamba läit an enger ländlecher Géigend a Bolivien, an enger aarmer Géigend an nach méi aarme Viruerter. Dofir huet schonn deemools d'ONG vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten de Projet ënnerstëtzt a war an Zesummenaarbecht während engem Joer mat Leit op der Plaz.

Et ass wichteg, dës Ënnerstëtzung erëm opliewen ze loossen. Duerch d'Ëmstänn fir d'Jugendlech, emol Ënnerstëtzung ze kréien. Mat engem Psycholog, fir se ze iwwerzeegen an dozou ze bréngen, hir Schoul oder Léier fäerdeg ze maachen an esou eng Aarbecht ze kréien.

De Lycée wëll Kontakter zu de Betriber ophuelen an ausbauen, fir de Studenten aus enger schwieriger sozioekonomescher Situatioun den Accès zu enger technescher Léier ze erméiglechen, op Base vun der Égalité des chances de Student an d'Studentin ze begleeten an ze ënnerstëtzen an hirer vulnerabler Situatioun während hirem Studium.

Hei kréien déi jonk Leit eng Formatioun vun der Qualitéit, déi hinnen et erlaabt, an d'Aarbechtswelt eranzekommen an esou hir Aarmut ze bekämpfen. D'Fiche de renseignement vu Cochabamba, déi eis hei bäiläit, ass reell an explizit. Et kann ee sech gutt eraversetzen. Et beweegt ee schonn, dass et nach esou Liewenssituatiounen ze bekämpfe gëtt.

De Projet an Aktiounsplang leeft iwwer dräi Joer, wéi den Här Liesch gesot huet. Ech wëilt net méi dorobber agoen. 'Déifferdeng: Eng Stad hëlleft' géif am Kader vun dëser Aktioun den Institut technique mat enger finanzieller Hëllef ënnerstëtzen.

Mä dat gëtt awer elo ëmgeleet, am Fong geholl, un d'ONG Guiden a Scouten. Déi Suen, déi vun 'Déifferdeng: Eng Stad hëlleft' kommen, géifen net direkt a Cochabamba a Bolivien goen, mä déi kritt d'ONG Guiden a Scouten zu hire 40%, déi si géife bäileen. Da soen ech Merci.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Just eng ganz kuerz Fro, Här Liesch. Iwwerhuele mir déi 40% vun der ONG komplett?

Pendant les vacances de Pâques, un voyage sera en outre organisé en Bolivie pour aller voir ce projet ainsi qu'un deuxième projet de commerce équitable.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG)

constate que M. Liesch a parlé de tout ce qu'elle souhaitait dire. Elle soutiendra ce projet.

CHRISTIANE SAEUL (DP) précise que l'institut technique Sayarinapaj de Cochabamba est reconnu comme école professionnelle par l'État bolivien. L'institut a ouvert il y a 15 ans.

Cochabamba se trouve dans une région pauvre. Le projet a été soutenu dès le départ par les «Lëtzebuerger Guiden a Scouten». Il est important de dynamiser ce soutien. Il s'agit notamment de convaincre les jeunes à poursuivre leurs études avec l'aide d'un psychologue, de prendre contact avec les entreprises pour leur permettre de suivre un apprentissage technique et de les encadrer à une période délicate de leurs études.

Une formation de qualité leur permet d'entrer dans le monde du travail et de lutter contre la pauvreté. La fiche remise aux conseillers communaux est explicite. Christiane Saeul est touchée par le fait qu'il existe encore de telles situations de vie.

Le plan d'action porte sur trois ans. La commune soutiendra le projet à travers les guides de Differdange.

(Interruption)

Christiane Saeul s'excuse. Il s'agit d'une ONG.

FRANÇOIS MEISCH (DP) demande si la commune prendra les 40 % de l'ONG directement à sa charge.

9. Institut technique Sayarinapaj

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *répond que oui.*

FRANÇOIS MEISCH (DP) *répond que la somme se montera donc à 100 000 € en 2021.*

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *répond que oui.
(Vote)*

TOM ULVELING (CSV) *passé à la séance à huis clos.*

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Jo.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Dat heescht, am Endeffekt, no deene Jore bis 2021, sinn dat iwwer 100.000 Euro?

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Jo.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Okay, Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Nach eng Fro? Nee. Da kënnen mer ofstëmmen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'appui financier de l'Institut Sayarinapaj à Cochabamba en Bolivie dans le cadre de l'action «Déifferdeng, eng Stad hëlleft» pour les exercices 2018-2021.

Da géife mer zu der Séance non publique kommen, wa keng Froe méi sinn.

MODIFICATIONS DU PAG ET DES PAP

Conformément à l'article 82 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, il est notifié que les modifications au plan d'aménagement général et aux plans d'aménagement particuliers suivants ont été publiées:

<u>Dénomination</u>	<u>Entrée en vigueur</u>
PAP Zwischen Lanterbannen/Route de Pétange	20.01.2017
Modification PAG partie écrite	3.2.2017
Modification PAG Prinzenberg	14.2.2017
Modification PAG Op de breeden Dréischer	14.2.2017
Modification PAG Tëschent Lauterbannen	21.2.2017
Modification PAG Um Loushaff	14.2.2017
Modification PAP au lieudit Ronnwisén	21.1.2017
PAP Parc des sports/Hôtel	11.10.2017
Modification PAP lieudit Auf der Kohr	3.1.2017
Modification PAG lieudit Rattem	16.5.2017
Modification PAG lieudit Place Jehan-Steichen	14.11.2017
Modification PAG lieudit Route de Pétange/Spillplaz	5.2.2018
Modification PAG lieudit Rue Michel-Rodange	19.5.2017
Modification ponctuelle PAP Plateau du Funiculaire lots 1-2	16.5.2017
Modification ponctuelle PAP Plateau du Funiculaire lots 3-14	16.5.2017
PAP Rue de Soleuvre LIDL à Differdange	30.5.2017
PAP Ouschterbur	3.7.2018
PAP Tower – Entrée en ville BPI	8.9.2018
PAP Avenue du Parc-des-Sports: Eventhall et extension hall des sports	31.5.2017

DEMANDE DE CERTIFICATS

Les certificats suivants sont disponibles au bureau de la population sur présentation de la carte d'identité ou de la carte de séjour/attestation d'enregistrement/titre de séjour:

- Certificat de résidence;
- Certificat de résidence élargi;
- Certificat de vie;
- Certificat d'inscription aux listes électorales;
- Certificat d'autorisation parentale.

Les enfants mineurs partant à l'étranger sans être accompagnés par leurs parents peuvent demander une autorisation parentale. Ce certificat est établi par le bureau de la population. À cet effet, un des parents de l'enfant doit se présenter personnellement au bureau de la population en fournissant les renseignements suivants:

- Date de départ et date de retour de l'enfant;
- Destination de l'enfant (pays et localité);
- Nom de l'accompagnateur (doit être majeur).

Il est impératif que l'un des parents se présente en personne au bureau de la population, puisque sa signature devra être légalisée. L'enfant devra garder sur soi cette autorisation et la présenter sur demande ensemble avec sa carte ou son titre d'identité.

Les certificats de résidence, de résidence élargie et d'inscription aux listes électorales peuvent aussi être demandés par e-mail avec copie d'une pièce d'identité annexée à biergeramt@differdange.lu.

DEMANDE D'ACTES D'ÉTAT CIVIL

Les copies d'actes de naissance, de mariage ou de décès sont délivrées sur présentation d'une preuve d'identité valable par le service de l'état civil de la Ville de Differdange.

Ces copies peuvent également être envoyées au domicile de l'intéressé sur simple demande par e-mail à etatscivil@differdange.lu avec copie d'une pièce d'identité annexée.

BLUES

PASI

CHARLES

8 OCTOBRE 2018 | 20H30

AALT STADHAUS - DIFFERDANGE

CENTRE CULTUREL RÉGIONAL
AALT ● ● ● ● ●
STADHAUS
Differdange

jouer
communiquer
vibrer
rêver
bouquiner



COMÉDIE

LOS COYOTOS

MARTINA
LEDER

17 OCTOBRE 2018 | 20H00

JOE
DEL-TOE

AALT STADHAUS - DIFFERDANGE

WWW.STADHAUS.LU